PÉITENG AKTUELL

Informatiounsblat vun der Gemeng Péiteng

N° 120 – August 2016

pétange

MOTIVATION COMMUNE



An dëser Nummer:

Gemengerotssëtzunge vum 25. Abrëll a 6. Juni 2016

Dans ce numéro:

1 Compte rendu de la séance du conseil communal du 25 avril 2016

28 Gemeinderatssitzung vom 25. April 2016 (Zusammenfassung)

31 Compte rendu de la séance du conseil communal du 6 juin 2016

41 Gemeinderatssitzung vom 6. Juni 2016 (Zusammenfassung)

43 Questions des conseillers communaux / Réponses du collège des bourgmestre et échevins

44 Carnet de l'état civil

45 Korksammlung 2016

Pages coloriées du milieu:

Relevé des sociétés locales de la commune de Pétange

Péiteng Aktuell

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.000 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

Éditeur responsable:

Administration communale de Pétange
b.p. 23 | L-4701 Pétange

50 12 51 - 1000

commune@petange.lu

www.petange.lu

Administration communale de Pétange

Rédaction et mise en pages:
Service des relations publiques de la commune de Pétange

Conseil communal

Séance publique du 25 avril 2016

***Durée de la séance**: 15.30 à 19.30 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)	**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)	
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Thein Joe** (adr)

Absent et excusé:

Tockert Claude (DP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (14.30 heures)

1. Personnel
   - 1.1. Nominations définitives de plusieurs fonctionnaires (m/f) - décisions.
   - 1.2. Nomination provisoire d'un rédacteur (m/f) - décision.
   - 1.3. Nominations provisoires de deux expéditionnaires administratifs (m/f) - décisions.
   - 1.4. Promotion d'un fonctionnaire - décision.
2. Affaires sociales
   - 2.1. Nominations de plusieurs éducateurs diplômés (m/f) - décisions.
   - 2.2. Nominations de plusieurs aides-éducateurs (m/f) - décisions.
   - 2.3. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) sur une tâche supplémentaire - décision.
3. Enseignement: Demandes de dérogation au règlement d'occupation des postes - décision.
4. Enseignement musical
   - 4.1. Ratification des contrats de travail avec plusieurs chargés de cours - décision.
   - 4.2. Classification de plusieurs chargés de cours - décision.

Séance publique (15.00 heures)

5. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
6. Administration générale: Approbation des titres de recettes - décision.
7. Personnel: Création d'un poste de salarié (m/f) dans la carrière du manœuvre pour les besoins du service des bâtiments communaux - décision.
8. Enseignement
   - 8.1. Approbation du bilan des Classes de Neige 2016 - décision.
   - 8.2. Approbation du projet d'organisation scolaire 2016/2017 - décision.
   - 8.3. Approbation du décompte concernant le réaménagement de la cour arrière de l'Ecole «Néiwiss» à Rodange - décision.

9. Propriétés
   - 9.1. Contrat de bail avec M. Nourredin MCHIRI concernant un logement communal sis à Pétange, rue Jean-Baptiste Gillardin n° 35 - décision.
   - 9.2. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, chemin de Brouck de la part de M. Semin CIVOVIC et Mme Nadine THOLL - décision.
   - 9.3. Compromis concernant l'acquisition de 41 parkings intérieurs en future construction à Rodange, rue du Commerce/rue Nicolas Biever de la part de la société KALISTA IMMO S.A. et vote d'un crédit supplémentaire - décision.
   - 9.4. Convention concernant l'acquisition de terrains sis à Rodange, rue de la Terre Noire de la part de la société LES TERRES ROUGES S.A. - décision.
   - 9.5. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, rue Jos. Philippart à la société KALISTA IMMO S.A. - décision.
   - 9.6. Approbation de l'acte concernant l'acquisition de terrains sis à Pétange, lieux-dits «Rue des Acacias» et «Rue Robert Schuman» de la part de la société PELARO INVESTISSEURS S.A. - décision.
   - 9.7. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de la société BESIX RED Luxembourg S.A. - décision.
   - 9.8. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare», de la part de M. Fernand GENEVO - décision.
   - 9.9. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de Mmes Catarina CESNICH ép. PANTONE, Maria CESNICH et Sabrina CESNICH - décision.
   - 9.10. Approbation de l'acte concernant l'échange de terrains avec M. Pierre TOCKERT et Mme Marie-Louise RONGVEAUX à Lamadelaine, lieu-dit «rue de la Providence» - décision.
   - 9.11. Approbation de l'avenant n° 1 au contrat de bail concernant l'exploitation du Restaurant Brasserie Wax à Pétange - décision.
   - 9.12. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de la société ABATE CONSTRUCTIONS sàrl - décision.
   - 9.13. Approbation de l'acte concernant la cession d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit «In der Püschelott» à M. et Mme Camille SALES-ZENS - décision.
   - 9.14. Approbation de l'acte concernant la cession de terrains à Lamadelaine, lieu-dit «In der Püschelott» à Mme Hilda HAHN - décision.
   - 9.15. Approbation de l'acte concernant la vente d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit « Rue du Vieux Moulin » à M. et Mme Pierre REMESCH-BACH - décision.
   - 9.16. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain sis dans le Chemin de Brouck à Rodange de la part de Mme Nelly OLMAR veuve DUHR - décision.
   - 9.17. Approbation de l'acte concernant l'acquisition de 31 emplacements en future construction à Rodange, avenue Docteur Gaasch de la part de la société CALIFO IMMO S.A. - décision.
   - 9.18. Contrat de bail avec Mme Maria FONSECA DE BARROS concernant la location d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Au Bonière» - décision.
   - 9.19. Compromis concernant l'acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Docteur Gaasch» de la part de la société CALIFO IMMO S.A. - décision.
10. Prévisions sociales
   - 10.1. Approbation de la convention avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse concernant le fonctionnement du Centre de rencontre et d'information pour jeunes «Péitenger Jugendhaus» asbl pour l'année 2016 - décision.
   - 10.2. Approbation de la convention bipartite 2016 avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse concernant les Maisons Relais - décision.
   - 10.3. Approbation du décompte concernant l'installation de panneaux acoustiques et l'acquisition de mobilier pour les besoins de la salle polyvalente dans la Maison Relais de Pétange - décision.
   - 10.4. Approbation du contrat de concession d'un droit de superficie pour un terrain à Rodange, lieu-dit «Au Doihl» avec l'association «Amicale vun den aalen Rodanger Guiden a Scouten» concernant la construction d'un chalet scouts - décision.
   - 10.5. Approbation du devis adapté concernant la construction d'un chalet scouts à Rodange, lieu-dit «Au Doihl» - décision.
11. Environnement: Approbation du devis pour le diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la commune pour l'année 2016 - décision.
12. Ordre public et sécurité
   - 12.1. Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publiques à l'occasion des braderies 2016 - décision.
   - 12.2. Approbation des conventions avec trois sapeurs-pompiers pour l'obtention du permis de conduire C - décision.
   - 12.3. Vote d'un crédit supplémentaire pour l'acquisition d'un groupe électrogène pour le Centre sportif Bim Diederich - décision.

13. Infrastructures routières
    13.1. Dépôt d'une pétition d'une partie des riverains concernant les travaux de réaménagement de la rue Belair à Pétange - décision.
    13.2. Approbation du décompte concernant la réfection de la conduite d'approvisionnement du réservoir d'eau à Rodange - décision.
14. Transports et Circulation
    14.1. Adaptation du règlement général de la circulation (introduction de zones 30 km/h dans les localités de Lamadelaine et de Rodange) - décision.
    14.2. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation routière relatif à la migration des batraciens à divers endroits à Lamadelaine - décision.
    14.3. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation routière relatif aux travaux de démolition et de construction d'un immeuble à Rodange, rue du Clopp n° 20 - décision.
    14.4. Déclaration d'intention concernant un projet INTERREG sur la mobilité douce - décision.
15. Sports et loisirs: Vote d'un devis adapté et d'un crédit supplémentaire concernant la mise en place d'un nouveau système de guidage pour parkings dans la piscine PiKO - décision.
16. Culture
    16.1. Approbation du concept d'un espace d'exposition dans la Maison Rouge à Pétange - décision.
    16.2. Approbation du nouveau règlement d'occupation des différents espaces du site WAX à Pétange - décision.
17. Déclaration d'intention concernant une participation de Pétange à la «Capitale Européenne de la Culture 2022» - décision.

COMPTE RENDU

1. à 4.

Les points 1 à 4 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Nominations définitives de plusieurs fonctionnaires (m/f) - décisions:

Mme Spilman Nadine est nommée définitivement aux fonctions de rédacteur à mi-temps avec effet du 1er mai 2016.

M. Philippart Daniel est nommé définitivement aux fonctions de rédacteur avec effet du 1er juin 2016.

Mme Wolak Mandy est nommée définitivement aux fonctions de rédacteur avec effet du 1er juillet 2016.

Mme Mores Jessica est nommée définitivement aux fonctions de rédacteur avec effet du 1er août 2016.

M. Agostino Vincenzo est nommé définitivement aux fonctions d'expéditionnaire administratif avec effet du 1er novembre 2015.

Mme Thein Melanie est nommée définitivement aux fonctions d'expéditionnaire administratif avec effet du 1er septembre 2016

Nomination provisoire d'un rédacteur (m/f) – décision:

M. Serge Thill de Pétange est nommé provisoirement aux fonctions de rédacteur.

Nominations provisoires de deux expéditionnaires administratifs (m/f) - décisions:

M. Jeff Hurt de Pétange et Mme Nicole Munkler de Lamadelaine sont nommés provisoirement aux fonctions d'expéditionnaire administratif.

Nominations de plusieurs éducateurs diplômés (m/f) - décisions:

Mme Vanessa Rossi de Rodange, Mme Patricia Malheiro Marques de Pétange, Mme Aline Philippart de Rodange et Mme Laura Baldinelli de Differdange sont engagées comme éducatrices diplômées à tâche complète et à durée indéterminée.

M. Leonel Lopes de Rodange est engagé comme éducateur diplômé à tâche partielle (35 heures par semaine) et à durée indéterminée.

Nominations de plusieurs aides-éducateurs (m/f) – décisions:

Mme Sybille Schmitz de Lamadelaine est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (13,5 heures par semaine de classe) et à durée indéterminée.

Mme Fadila Ghiat de Pétange est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (20 heures par semaine) et à durée indéterminée.

Mme Carole Alff de Rodange est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (16 heures par semaine) et à durée indéterminée

Nomination d'un aide-éducateur (m/f) sur une tâche supplémentaire - décision:

Mme Mireille Cicchelli d'Oberkorn est nommée sur la tâche supplémentaire de 6 heures par semaine de sorte que la tâche hebdomadaire de l'intéressée passe de 10 heures de semaine à 16 heures par semaine.

5.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mer wollten nach 3 Präzisioune ginn an Zesummenhang mat de Kommunikatiounen. Mer sinn um Enn vum Finanzjoer, an do ass et ëmmer interessant ze wëssen, wéi et mam „Fonds communal de dotation financière" a mam ICC ausgesäit? Wéi der duerno och wäert an de Recettë gesinn, ass d'Resultat fir 2015 vum „Fonds communal de dotation financière" am Kont méi schlecht wéi dat nach 2014 war. 2015 huet d'Gemeng

Péiteng eng Gesamtrecette vu 31,4 Milliounen Euro krut. Am Joer 2014 waren et 31,6 Milliounen Euro, dat heescht 0,68% méi wéi dat Joer duerno. De Grond vun dësem Réckgang ass ganz kloer: de Spuerpak vun der Regierung, deen – an ech hat dat och schonn an der Budgetsdebatt ugekënnegt – e substantiellen Agréff an d'Gemengefinanze bedeit huet an dee mat sech bruecht huet, dat de „Fonds communal de dotation financière" vun 2014 op 2015 zeréckgeet an net, wéi dat Usus wier, weider géif klammen.

Gott sei Dank, an dat ass eng positiv Saach, ass gläichzäiteg déi kommunal Gewerbesteier (ICC) 2015 mat 14,7 Milliounen Euro an d'Luucht gaangen, an zwar ëm 7,3% am Verglach mam Joer 2014. Deemools hate mer nëmmen 13,7 Milliounen Euro. Do si mer op deem Niveau wéi am Joer 2013, wat e ganz gutt Joer war mat 14,3 Milliounen Euro. Nodeems mer dann e klengt Lach am Joer 2014 haten, si mer elo fir 2015 nees op deen Niveau zeréckkomm wéi mer et 2013 haten. Den definitive Kont gëtt jo eréischt den 30. Abrëll maachen. An der nächster Sëtzung kënne mer iech dann och soen, wéi de Solde ass vum ordinäre Budget, wéi den Iwwerschoss vum ordinäre Budget ass, dee sécherlech méi niddereg wäert ausfalen ewéi dat Joer virdrun, an dat opgrond vun deem Spuerpak.

Da wollt ech nach eng 2. Informatioun ginn. Mir haten och hei am Gemengerot eng Diskussioun iwwer d'Freedefeier op Sylvester. An zwar, ob een dat generell soll autoriséieren, ob de Buergermeeschter eng Autorisatioun soll fir dat ganzt Gebitt vun der Gemeng Péiteng ginn oder net, well am Fong d'Policereglement virgesäit, datt et verbueden ass, ausser fir d'Ausnamen, déi de Gemengerot dem Buergermeeschter zougestanen huet fir ze entscheeden. Well Diskussioune waren an ech och gemengt hunn, datt d'Meenungen hei ausernee géife goen, a well et awer eng Positioun ass, déi ech ganz gär iwwerhuele vum Gemengerot, hu mer intern eng Ëmfro gemaach. Jidderee konnt sech ausdrécken, ob en dofir oder dogéint ass. Als Buergermeeschter hunn ech mech engagéiert, d'Resultat dann och ze respektéieren. D'Resultat ass esou, datt eng Majoritéit fir den „Neen" ausgaangen ass, esou datt Sylvester 2016 keng allgemeng Autorisatioun fir e Freedefeier erausgeet fir den Territoire vun der Gemeng Péiteng.

Breyer Roland, Schäffen:

Sondage ILRES. Deen hu mer jo scho bei de Budgetsdiskussioune festgehalen. E Kredit iwwer 10.000 Euro ass jo och vum Gemengerot gestëmmt ginn, an dee Kredit setze mer elo ëm. TNS-ILRES wäert dee Sondage iwwer dat qualitatiivt Wuelbefannen an d'Informatiouns- oder d'Kommunikatiounspolitik an der Gemeng esou zum Ausdrock bréngen. Dat soll dann am Laf vum Mount Mee duerchgefouert ginn, iwwer Internet an deelweis och iwwer Telefon. Dat just zur Informatioun, net datt d'Leit erféiere wann een do urifft. Et ass eppes, wat d'Gemeng gefrot huet a wou mer frou wieren, fir e positiivt an objektiivt Resultat virleien ze hu fir driwwer ze debattéieren.

6.

Administration générale.

Titres de recettes aux montants totaux de 15.296.494,47 euros (année 2015) et 1.846.799,49 euros (année 2016) - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei sinn nach eng Rei Recetten, déi nach op d'Joer 2015 verbucht ginn. Do ass de Solde vun der Gewerbesteier, dat si 5.139.285,26 Euro; d'Avance an de Solde vum 4. Trimester fir d'„Dotation de l'Etat", dat sinn 9.544.686,21 Euro. Da sinn nach 2 Zommen ervirzehiewen, an zwar de Remboursement vum Staat – nodeems d'Dekonte vun de Schoulmeeschterpeie vun 2009 bis 2012 berechent goufen -, an do hu mer nach 320.480,09 Euro zeréck krut, déi mer zevill bezuelt haten. Mir hunn och fir d'Joer 2013 – dat hunn ech ëmmer hei ugedeit, datt mer vill ze vill bezuelt hunn, a wou mer mam Ministère gestridden hunn – nach 341.418,33 Euro zeréck kritt, well mer do am Fong op der Basis vun där Avance, déi mer hu musse bezuelen an déi de Staat eis einfach zeréckbehalen huet, zevill bezuelt hunn. An der Tëschenzäit hu mer déi Suen um Ufank vum Joer erëm kritt, esou datt mer ronn 660.000 Euro u Peie vun dem Léierpersonal aus de Joren 2009-2013 zeréck kritt hunn.

Parallel muss een och soen, datt mer musse fir 2014 ronn 28.000 Euro rembourséieren. Dat ass d'Situatioun. Dat heescht, datt mer fir d'Joer 2015 am Ganze 15.296.494,47 Euro Recetten haten. Fir d'Joer 2016 hu mer schonn eng ganz Rei kritt, besonnesch déi 1. an déi 2. Avance vun de Maisons Relaisen. Dat sinn all Kéier 862.451 Euro. Da sinn nach méi kleng Recetten do, esou datt den Total sech op 1.846.799,49 Euro beleeft.

Approbation à l'unanimité.

7.

Personnel.

Création d'un poste de salarié (m/f) dans la carrière du manœuvre pour les besoins du service des bâtiments communaux - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Ursaach vun dëser Situatioun ass déi, datt mer duerch d'„commission mixte" de Reklassement vun engem Aarbechter virgeschloe kruten, an dat de 26. Februar 2016 mat Effet op den 1. Abrëll 2016. Wéinst enger Krankheet kann dee Mann net méi all Aarbechten a senger Carrière vum Handwierker maachen. Mir hunn dann och dat Reklassement gemaach. De Service huet eis awer matgedeelt, datt se deen Handwierker, deen och vollwäerteg ka schaffen, brauchen. Dofir schloe mir iech e Posten als „manoeuvre" vir, e Posten, deen dee Mann dann och ouni Weideres an Zukunft ka maachen, esou datt mer awer de Posten als Handwierker nees op kréien. An da kënne mer och nach e weideren Handwierker astellen.

Accord à l'unanimité.

8.1.

Enseignement.

Approbation du bilan des Classes de Neige 2016 - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Bei eis an der Gemeng ass et schonn Traditioun, datt mir all Wanter Klassen hunn, déi an d'Ausland fueren. Dëst Joer war et esou, datt d'Schoulklasse vum 21. bis den 30. Januar gefuer sinn. D'asbl „Classes de neige" betreit dës Organisatioun. 5 Busse sinn op d'Rees gaangen. 180 Schüler waren ageschriwwen, 28 Betreier waren derbäi an och nach 5 Busfuerer sinn op Sigmundsberg bei Mariazell an Éisträich gefuer.

E ganz detailléierte Bilan vun den Ausgabe läit haut vir. Wann der gekuckt hutt an ärem Dossier, da gesitt dir, wéi detailléiert alles ass. Ech mengen, et ass alles bis op de leschten Euro opgezeechent, esou datt mer haut dovunner ausginn, datt

d'Ausgabe bei engem Total 139.578 Euro leien. D'Bedeelegung vun den Eltere louch bei 46.800 Euro, esou datt fir d'Gemeng nach 92.778 Euro bleiwen, déi si muss bäileeën.

Am Ganze ware scho 86.000 Euro Avancë bezuelt ginn. E klenge Kredit vun 100.000 Euro war am Budget virgesinn. Ech mengen, dat Ganzt ass jo gutt iwwer d'Bühn gaangen. Déi kleng Zomm, déi nach iwwereg ass, soll de Start si fir d'Schnéiklassen am nächste Joer.

Becker Romain (déi gréng):

Ech mengen, dir wësst a kennt mëttlerweil eis Astellung zu de Schnéiklassen. D'Madame Conter huet vun engem ganz detailléierte Kont geschwat. Deen ass wierklech ganz detailléiert, well do fält op, datt déi Leit Bofferding Pils a Simon Pils matgeholl hunn. Da kënnt d'Rechnung, fir datt d'Gemeng déi Ausgabe soll iwwerhuelen. E bësse méi wäit läit och eng Rechnung vun 49 Euro fir 25 „Mini-Schokoladentafel" an Haribo Kamellen aus engem Aldi-Süd an Däitschland. Beim Alkohol fanne mer dat net prickelnd, datt d'Schnéiklasse Béier kafen an dat der Gemeng a Rechnung stellen. Wat mer awer och net prickelnd fannen, dat sinn all déi Kamellen a Schokosaachen, déi se dann an den Aldi-Süd kafe ginn. Mir géifen et besser fannen, wa se do awer kéinte „Fair Trade"-Saache kafe fir déi mat dohinner ze huelen. Do wiere mer sécher, datt dat aus engem fairen Handel kënnt, an et wier och e Beispill fir d'Kanner, well et ass ëmmer erëm eng Schoulklass oder et si Schoulklassen. An do kann een ëmmer mam gudde Beispill virgoe fir op „Fair Trade"-Saachen zeréck ze gräifen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Selbstverständlech huele mir är Iddie mat fir „Fair Trade"-Saache mat dorower ze huelen. Wann dir awer elo sot, datt se Béier mat dorower geholl hunn, da solle mer net vergiessen, datt all Joer e Lëtzebuerger Owend organiséiert gëtt, wou mer Lëtzebuerger Saachen – haaptsächlech aus eiser Gemeng – mathuelen a wou haaptsächlech Erwuessener invitéiert sinn. Do hu mer och Verantwortlecher vun der JUFA, a mer hunn all Kéier e ganz flotten Owend do. An, esou mengen ech emol, dat gëtt jo och eng gewëssen Entente fir ze weisen, wat mir bei eis produzéieren. Dir kënnt äre Kapp berouegt zeréckleeën. Alkohol kréien eis Schüler net donidden zerwéiert. Dee Béier ass fir déi Erwuessen um Lëtzebuerger Owend geduecht.

De Schockela, gutt, do kënne mer jo och op „Fair Trade" zeréckgräifen. Dat kënne mer de Léierpersoune mat op de Wee ginn. Wa se de Kanner wëllen eng Freed maachen, dat kënnen se da selbstverständlech hei akafen ier se dorower fueren. Dat ass kee Problem.

Becker Romain (déi gréng):

Déi Geschicht mam Alkohol huet natierlech e fade Bäigeschmaach, well op deem Lëtzebuerger Owend dann déi Erwuessen Alkohol drénken an d'Kanner kréie Waasser a wat net nach alles. Dat sief nach dohinner gestallt. Ech fannen et awer net prickelnd.

Ech fannen et gutt, datt mer deen detailléierte Rapport kritt hu fir ze gesinn, wat mat dorower geet, well mir hunn nach aner Méiglechkeeten hei am Land fir um Lëtzebuerger Owend aner Saachen, déi hei produzéiert ginn, ze weisen. Et muss net onbedéngt Béier sinn. Aus där Nummer komme mer net méi eraus. Dat ass emol esou. Mir fannen et wierklech net gutt.

Eng aner Fro ass, wéi laang mer nach wëlles hunn, dat weider ze féieren. Dir hutt jo gesot, datt déi Suen um Kont bleiwen. Dat heescht jo, datt mer déi Schnéiklassen dat anert Joer nach eng Kéier géife maachen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech mengen, d'Schnéiklasse gehéiere scho bal zur Traditioun vun eiser Gemeng. D'Nofro ass och nach ëmmer do. Ech mengen, déi meeschte Kanner ginn och mat. Dat ass eng eemoleg Ambiance fir déi Kanner. Gutt, dir stitt net grad zu de Schnéiklassen aus verschiddene Grënn. Et ass awer esou, datt een deene Kanner, déi spéiderhin net ëmmer d'Méiglechkeet hu fir an de Wantersport oder an d'Schnéivakanz ze goen, dat Gefill ka gi, wéi et ass eng Kéier op Schier ze stoen. An e gewëssene soziale Volet ass jo selbstverständlech och nach derbäi. Wann een eng Rees mécht mat Schoulklassen, och eng aner Rees, dann ass ëmmer e soziale Volet derbäi. Hei gëtt et just eng ganz speziell Ambiance, well et eben am Schnéi ass.

Becker Romain (déi gréng):

Wat nach net prickelnd oder keck ass, dat ass, datt déi Leit der Gemeng Drénkgeld verrechnen. Ech mengen, wann déi mat engem Bus gutt bedéngt ginn a mat engem frëndleche Chauffeur ronderëm gefouert ginn a mat frëndleche Leit zesumme kommen, da gëtt een Drénkgeld well ee gutt zerwéiert ginn ass. Et ass awer net interessant fir dat enger Gemeng ze verrechnen. Et si jo awer och Leit, déi kéinten d'Drénkgeld aus hirer Täsch bezuelen, well se jo awer net esou aarm sinn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass net ganz richteg, wéi dir dat interpretéiert hutt. Et ass, wéi d'Madame Conter gesot huet, an ech konnt mech och scho selwer dovunner iwwerzeegen, well ech schonn als Moniteur mat war an och schonn als Verantwortlechen. Effektiv, wann dee Lëtzebuerger Owend ass, da si keng Kanner do. Déi Verantwortlech vun der JUFA a vun der Gemeng sinn do. Ech wollt dat awer just präziséieren.

Becker Romain (déi gréng):

Dat do ass jo nach méi schlëmm, méi dramatesch. Mir maachen eng Schnéiklass fir eis Schoulkanner fir ze sozialiséieren, an dann ass e Lëtzebuerger Owend, wou d'Kanner am Bett leien an déi aner op d'Tromm schloen. Do si mer awer scho guer net domat averstanen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech fannen dat awer net méi wéi normal. D'Kanner fueren am Dag Schi. Do si verschidde Saache wou dir mat den Hoer erbäi zitt. Ech si guer net ärer Meenung, wéi dir dat do interpretéiert. Mir ginn och nom Gemengerot e Patt huelen, dat ass dat selwecht. Da maache mer dat och net méi.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech mengen, d'Diskussioun géife mer elo op dësem Punkt ofbriechen, well ech gleewen net, datt dat do nach eppes bréngt. Ech weess, datt et divergent Usiichten dozou ginn. Ech géif awer eppes dozou soen. Hei ass eng ganz Equipe, déi sech während 10 Deeg, 24 Stonnen den Dag, gutt ëm eis Kanner këmmeren. Ech wéilt awer net hei am Raum stoe loossen, datt déi sech géifen amuséieren an d'Kanner am Stach loossen. Dat ass net de Fall. Et muss ee soen, datt et net einfach ass mat 180 Kanner an egal wat fir eng Kolonie ze fueren. An déi Leit iwwerhuelen déi Verantwortung. Ech dinn op alle Fall den Hutt of virun deem, wat déi Asbl mécht, a virum Léierpersonal an de Moniteuren a Monitricen, déi do matginn. Dat wëll ech awer gesot hunn. Wéi gesot, et kann ee verschidden Usiichten hunn dozou, domat kann ech liewen. Mä ech wëll dat awer net am Raum stoe loossen, datt déi do Larrifarri maachen an d'Kanner sech selwer iwwerloossen, dat ass awer wierklech net de Fall.

Accord avec 14 voix «oui» et 2 voix «non» (déi gréng).

8.2.

Enseignement.

Approbation du projet d'organisation scolaire 2016/2017 - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Wéi all Joer ëm dës Zäit presentéiere mer iech de Projet vun der Schoulorganisatioun. Haut ass et fir d'Schouljoer 2016/2017. De Projet ass vun der Schoulkommissioun, vun de Schoulcomitéen an dem Schoulinspekter guttgeheescht ginn. Mir hunn 1.803 Schüler op 116 Schoulklasse verdeelt. Am Ganze kënne mer soen, datt mer am Appui 394,5 Stonnen zur Verfügung hunn. Den Educatiounsministère huet eis de Contingent vun 3.364 Moralstonnen – also 3.532 Stonnen – zougestanen. Den „taux d'encadrement", dee läit bei 1,8803. Den Detail vun dëser Presentatioun stellt sech esou duer:

Schoul	Unzuel vu Klassen	Kannerzuel insgesamt	Unzuel vu Posten
Péiteng	58	961	68,5
Rodange	41	643	46,0
Lamadelaine	17	279	20,0

Zousätzlech goufen ugefrot fir eis Gemeng:

- 3 Postë fir de Cours d'accueil
- 1 Poste fir d'Naturschoul Lasauvage
- ½ Poste fir de PRS zu Lamadelaine.

An der Logopädie-Klass zu Rodange betreit eng Léierpersoun zesumme mat enger Professorin aus der Logopädie déi Kanner aus eiser Gemeng, déi gréisser Sproocheproblemer hunn.

Mir hunn e klenge Réckgang vu 16 Schüler an der Schülerzuel ze vermierken. Well d'Schoulorganisatioun, déi hei virläit, eng Momentopnam duerstellt, déi dauernd ännert, kann dës Zuel ganz séier net méi aktuell sinn. D'Ufuerderungen un d'Schoul sinn anerer an ännert och wéi d'Bevëlkerung an eiser Gemeng.

D'Léierpersonal vu Péiteng huet mir déi lescht Woch hire Sondage eraginn. Bei iwwer 87% vun de Kanner, déi hei an d'Schoul ginn – haaptsächlech zu Péiteng -, ass d'Mammesprooch net méi Lëtzebuergesch. Datt dësen Ëmstand nach aner Problemer mat sech bréngt an och aner Problemer ze bewältege sinn, dat läit op der Hand. Eng Rei vu Gespréicher an Analysen zu eisem Schoulraum sinn dofir deemnächst programméiert. Mir musse laangfristeg plange fir dësen Erausfuerderunge gerecht ze ginn. Mä fir haut bieden ech iech, dës Schoulorganisatioun, ewéi se elo virläit, ze stëmmen.

Thein Joe (adr):

Villmools Merci, Madame Conter, fir deen detailléierte Rapport, deen dir eis hei presentéiert hutt. Mir als adr hunn ëmmer dofir plädéiert – well Problemer mat der Integratioun bestinn -, datt mer déi auslännesch Kanner, ier Problemer entstinn, an Integratiounsklassen a sougenannten Accueilsklasse ginn, ier se dann an déi regulär Schoulklassen entlooss ginn. Dir hutt gesot, datt mer 1 Integratiounsklass hunn. Kënnt dir eis do méi Detailer iwwer déi Klass ginn an eis och soen, firwat mer just eng hu bei enger grousser Zuel un auslännesche Kanner, déi hei an der Gemeng wunnen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hunn eng Appuisklass mat Integratioun, well mer jo ganz vill „appui langagier" ubidden. Wann der kuckt, dann hu mer jo op d'mannst an all Gebai 2 bis 3 Klasse mat „appui langagier". An haaptsächlech bezitt dee sech op déi Kleng, well do dee gréisste Problem läit. Et ass jo bei de Pädagogen allgemeng bekannt, datt, wann d'Kand seng Mammesprooch net richteg kennt an och net genuch programméiert an ënnerstëtzt gëtt, duerno Problemer opkommen. Dee Feeling ass elo erausgefiltert ginn, esou datt et heescht, datt mer den „appui langagier" bei deene Klenge ginn. Mer hunn 2 bis 3 Klassen an all Gebai, esou datt dat de Moment deem gerecht gëtt, wat gefrot ass.

Dann hu mer jo awer och nach eis Logopädie, déi jo haaptsächlech fir déi Kanner, déi wierklech Sproocheproblemer hunn, an haaptsächlech fir déi Kanner, déi aus eiser Gemeng sinn, geduecht ass.

A mer hu jo och nach den Appui-Integratioun. Des Weidere kréie mer jo och nach Accueilsklassen, mer hunn der jo 3 ugefrot. Dat ass fir déi Kanner, déi „Quereinsteiger" sinn, déi iergendwéi an d'Gemeng eraplënneren a Problemer hunn. Wa mer allgemeng déi dote Klasse kucken, da si mer gutt opgestockt, a fir de Moment kënne mer – esou sot och den Inspekter – ganz gutt iwwer d'Ronne kommen. Wann natierlech sech nach aner Problemer stellen, da géife mer selbstverständlech kucken, deenen och gerecht ze ginn. Mä fir dëst Joer ass dat hei déi provisoresch Schoulorganisatioun, ewéi se och guttgeheescht gouf vum Léierpersonal, vun der Schoulkommissioun, an ech mengen, esou kéinte mer déi och stëmmen.

Thein Joe (adr):

Merci fir d'Informatiounen. Ech hätt allerdéngs nach eng Nofro. Mer haten am leschte Gemengerot iwwer de Multilinguismus geschwat. Mech géif interesséieren, ob déi Kanner an deenen Integratiounsklassen och effektiv iwwer d'Lëtzebuerger Mammesprooch ënnerriicht an encadréiert ginn oder ob et och do iwwer e multilinguale System funktionéiert?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et geet haaptsächlech dorëm fir d'Kanner un d'Lëtzebuergescht erun ze bréngen. Si musse jo och Lëtzebuergesch verstoe fir duerno mat Däitsch a Franséisch – esou wéi eis Coursen de Moment funktionéieren – eens ze ginn. Wa se Lëtzebuergesch net richteg verstinn, wa se d'Léierpersounen an déi aner Kanner, mat deenen se sech sollen ofginn, net richteg verstinn – et ass jo och gewollt, datt se sech solle mat deenen anere Kanner ausdrécken – dann ass et schwéier. De Moment ass et op Lëtzebuergesch. Wann elo vum Ministère gewollt ass – wéi et jo de Moment am Gespréich ass – fir och Franséisch mat eran ze bréngen, da komme mir och deem Wonsch entgéint. A mer kucken dann, eist Personal dozou ze bréngen, fir datt se och déi Sprooch mat hinne schwätzen. Mä fir de Moment geet et haaptsächlech op Lëtzebuergesch.

Gira Carlo (CSV):

Ech hunn zwou Froen. Déi éischt betrëfft d'Appuisklassen an déi Spezialklassen. Do hu mer schonn Nimm stoen. Ass dat dorop zeréck ze féieren, datt déi Leit detachéiert sinn? Datt se net méi musse genannt ginn? Well esouwäit ech weess gi jo d'Besetzungen eréischt gemaach nodeems mir hei d'Schoulorganisatioun gestëmmt hunn.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass haaptsächlech esou, datt a ganz vill Appuisklassen déi Persoune 4 Joer sollen drop bleiwen. An dat do sinn dann all déi Leit, déi drop sinn an déi wëlle bleiwen. Deementspriechend ass jo do eng gutt Kontinuitéit virgesinn, esou datt mer do kënne berouegt si well mer wëssen, datt dat

Persoune sinn, déi wëssen, wéi ee mat Kanner ëmgeet. Do brauche mer de Moment net drop ze stëmmen.

Gira Carlo (CSV):

Dat Dokument ass relativ perséinlech. Als Conseiller géif ech et besser fannen, wann d'Nimm géife mat de Virnimm do stoen amplaz just d'Virnimm.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hunn dat och gesot, well d'Léierpersoune si sech eens ginn. Mä mir hunn hinne matgedeelt, datt si déi nächste Kéier de Familljennumm hannendru solle schreiwen.

Gira Carlo (CSV):

Dir hutt och gesot, datt mer gäre géifen op d'Demande reagéieren, wann dat gefrot gëtt. Wéi laang kënne mer nach reagéieren, wéi wäit hu mer nach Raimlechkeete fir all deenen Demanden nozekommen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Also mat de Raimlechkeete schénge mer iergendwéi un eis Grenzen ze kommen. Haaptsächlech hei zu Péiteng. Do si jo schonn Demanden un eis erugetruede ginn. Dëst Joer komme mer hin, well mer ebe gewësse kleng Säll brauche well mer vill Appui hunn. Wéi gesot, mer sinn am gaangen Analysen ze maachen a waren elo zesumme fir en éischten Iwwerschlag ze kréien, wéivill Säll mer nach zur Verfügung hunn. Mir musse kucken, wéi dat sech entwéckelt a wéi et fir dat anert Joer ausgesäit mat de Moralstonnen, also mat deene Stonnen, déi niewebäi nach gefouert ginn.

Wann natierlech eis Awunnerzuel weider esou klëmmt ewéi dat elo de Fall ass, mat all deene Bauten, déi hei an der Gemeng nach an der Maach sinn, da musse mer natierlech drun denken, wat mer un neie Schoule brauchen. Do wäerte mer eis déi nächst Méint nach dacks gesinn an nach dacks zesumme schaffen. An da wäerte mer nach eng Kéier heihinner zeréckkomme fir iech eis Iddie virzeleeën.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt just fir mäi Verständnis eppes nofroen. D'Integratiounsklasse si jo fir Kanner, déi aus dem Ausland kommen an direkt mussen an de System integréiert ginn. Dat anert si jo Kanner, déi eng aner Nationalitéit hunn awer hei gebuer sinn an hei och direkt an de System erakomm sinn?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Integratioun heescht awer och net nëmmen dat. Well do hu mer jo och Accueilsklassen, déi och esou geduecht sinn. Also fir Kanner, déi aus dem Ausland heihinner plënneren a wou dann emol gekuckt an evalué iert gëtt, wou ee se placéiert. Déi gi fir d'éischt an d'Accueilsklassen, wou mat hinne geschafft gëtt. An duerno gi se an déi aner Klassen. Integratioun heescht awer och, datt een heiansdo Kanner huet, déi gewësse Schwieregkeeten hunn, déi scho méi laang hei sinn, eis Sprooch ganz gutt kennen, mä wou mer musse soen, datt mer se fir d'éischt eng gewëssen Zäit an déi Klasse schécken ier mer se kënnen an deen normale Schoulunterrecht huelen.

Accord à l'unanimité.

8.3.

Enseignement.

Décompte concernant le réaménagement de la cour arrière de l'Ecole «Neiwiss» à Rodange - approbation.

Total du devis approuvé: *500.000,00 euros TTC*
Total du crédit approuvé: *566.645,64 euros TTC*
Total de la dépense: *566.645,64 euros TTC.*

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dës Aarbecht läit scho méi laang zeréck, an zwar wéi mer d'Häff nei gemaach hunn. Hei geet et speziell ëm deen hënneschte Schoulhaff. Do ware mer amgaangen ze schaffen an hu gemierkt, datt mer nei Raccorde misste maachen un den Kanal. Dat huet eis zousätzlech Sue kascht. Dozou koum och nach d'Demande vum Léierpersonal.

Et war virgesinn, hannen en Talus mat Grëngs nieft der Rutsch ze maachen, well och vu Luxcontrol geduecht war, datt d'Kanner deen Talus ganz gutt kéinte bewältegen. D'Léierpersonal war awer anerer Meenung. Si hätten do léiwer Trape gehat, fir datt d'Kanner déi Trap kéinten eropgoen. Do si mer deem Wonsch dann och entgéint komm.

Ech géif iech bieden, dësen Dekont ze stëmme well de Schoulhaff gëtt jo schonn zënter enger Zäit benotzt, an och gutt benotzt.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Fir mech dauert dat ëmmer ze laang bis dat dekontéiert ass. Firwat kommen duerno ëmmer déi Doléancen? Ginn déi Leit dann net direkt gefrot? Ech hu geduecht, d'Personal wier implizéiert. Mir mussen ëmmer weider stëmmen, an de Chiffer geet ëmmer driwwer. Hei ass et zwar net schrecklech driwwer. Si si jo awer ëmmer agebonnen. Op eemol hu si aner Iddien an da musse mir nees dat Ganzt ëmänneren. Dat ass jo awer e bësse lachhaft géintiwwer de Leit. Déi froe sech och, firwat se nach ëmmer amgaange sinn ze wurschtelen a wat dann nach gewurschtelt gëtt.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, Madame Conzemius, ech ginn iech Recht. Dat hei ass effektiv en Dekont, wou et relativ laang gedauert huet bis mer déi lescht Zuele virleien haten. D'Schoulpersonal ass ëmmer mat agebonne wa mer an engem Schoulhaff schaffen oder an enger Schoul eppes maachen. Si kréien d'Pläng virgeluecht, si kënne matschwätzen a mir gi jo och ëmmer op hir Iddien an. Dat hei war effektiv eng Saach, déi scho fäerdeg war. Do koumen se duerno mat der Demande fir déi Trap ze maachen. Mir waren der Meenung, d'Kanner kéinte sech e wéineg méi bewegen a si kéinte wierklech gutt lafen. Si kéinten och emol en Talus mat Gras eroplafen. Mä der wësst jo, wéi et ass, wann d'Schoulpersonal gewësse Verantwortunge wëll oder net wëll iwwerhuelen. An dofir si mir der Demande nokomm an hunn déi Trap nogemaach.

Gira Carlo (CSV):

Hei hu mer flott Infrastrukture geschaf fir d'Kanner. Ginn déi Infrastrukturen, déi mer elo ronderëm maachen, och esou konzipéiert, datt d'Kanner, déi an der Maison Relais oder an de Foyere ronderëm sinn, déi Spillplaz och kënnen notzen? Well déi grenze jo dodrunner un.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Déi Kanner kënnen d'Spillplaz selbstverständlech notzen. Wann d'Educatricen duerno wëlle mat hinnen dohinner goen, da kënnen déi dat selbstverständlech maachen. Dat ass jo och esou geduecht. Et ass jo och de Wonsch vum Ministère, wann d'Schoul eidel ass oder ëmgedréint wann d'Maison Relais eidel ass. Et weess ee jo, datt, wann een déi Zomme kuckt, datt dat net näischt kascht. An dann ass et selbstverständlech, wann déi Strukture genotzt ginn.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. Nourredin MCHIRI concernant un logement communal sis à Pétange, rue Jean-Baptiste Gillardin n° 35 - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm eng ganz Rei Compromisen, Akten a Loyerskontrakter. Dir wësst, datt, wéi den Office social an dat neit Gebai geplënnert ass, do stoung dat hei eidel. De Gemengerot huet entscheet, dat Gebai als Familljenhaus – fir eng gréisser Famill – zur Verfügung ze stellen. An der Tëschenzäit huet d'Gemeng an Zesummenaarbecht mat dem Office social eng gutt Aarbecht gemaach. Se hunn dat Haus frësch gemaach, esou datt et tipp topp an der Rei ass. De John Polfer als President vum Office social war selwer op d'Plaz kucken an huet gesot, et wier gutt gelongen. Dofir och d'Felicitatiounen un eis Betriber fir déi Aarbecht, déi se do gemaach hunn. Mir hunn, wéi dat Usus ass wa mer eng Sozialwunneng zur Verfügung hunn, den Office social domat beoptraagt, eng Famill ze nennen. Dat hu se gemaach. Et ass eng Famill mat 2 Erwuessener an 3 Kanner virgeschloe fir an dat Haus. Se hunn och de Loyer proposéiert, deen ofhängeg ass vun de finanzielle Mëttelen, déi d'Famill huet, a se hunn en op 805 Euro de Mount festgeluecht. Wann dir heimat averstane sidd, da kann déi Famill den 1. Mee do eraplënneren.

Polfer John (CSV):

Ech mengen, dir hutt et ernimmt. Mir hunn do ënnen Assisante socialen, déi di Leit kennen, déi dohinner kommen. Hei ass eng Famill mat 3 Kanner, déi elo an enger Wunneng ënner dem Dag wunnen. Ech mengen, déi Leit wäerte schonn zefridde sinn, wann se dohinner kommen. Well ech war mer déi Wunneng ukucken, wéi se bal fäerdeg war. Wéi gesot, eis Aarbechter – och wann et fir iech laang oder ze laang gedauert huet bis et fäerdeg war – hunn dat tipp topp gemaach. Ech hoffen och, datt déi Leit, déi dra sinn, dat respektéieren.

Approbation à l'unanimité.

9.2.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit "Chemin de Brouck" de la part de M. Semin CIVOVIC et Mme Nadine THOLL - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité. M. Arendt et Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

9.3.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition de 41 parkings intérieurs en future construction à Rodange, rue du Commerce/rue Nicolas Biever de la part de la société KALISTA IMMO S.A. et vote d'un crédit spécial de 300.000 euros - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat hei ass am Kader vun der Erneierung vum Zentrum vu Rodange a vum „shared space". Mir wësse jo no deene Pläng a Projeten, déi bekannt sinn, datt de Parking uewen an der rue Nic Biever géif verschwannen. Als Kompensatioun hu mer jo entscheet, 41 Parkplazen ze kafen op engem separaten Niveau vun enger neier Residenz, déi elo geschwë soll gebaut ginn. Déi 41 Parkplazen, dat ass en Deel Kompensatioun. Et kommen der nach 31 derbäi, déi mer schonn ënnen am Blobierg kaf hunn. Hei ass e Verkafspräis vun 1.053.413 Euro virgesinn, wouvunner d'„quote-part" fir den Terrain mat de Käschte fir den Akt ronn 300.000 Euro géif kaschten. Déi géife mer bezuelen dee Moment, wann den Akt gemaach gëtt. An dat ass geschwënn. Dofir misste mer och e Kredit vun 300.000 Euro stëmmen. Mir mussen also 2 Ofstëmmunge maachen. Éischtens de Prinzip fir 41 Parkplazen ze kafen, an dann och e Spezialkredit vun 300.000 Euro fir ze bezuelen.

Gonçalves Cátia (LSAP):

D'Moyenne vun de Parkplaze mat der „quote-part" vum Terrain ass iwwer 20.000 Euro.

Breyer Roland, Schäffen:

25.683 Euro.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Bei deenen aneren ass et e bësse manner.

Breyer Roland, Schäffen:

25.639 Euro.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Mat der „quote-part" vum Terrain?

Breyer Roland, Schäffen:

Jo.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Do hunn ech awer eng aner Rechnung gemaach. Also ech hunn och d'TVA gerechent. Ech wollt froen, ob dat verhandelt gouf? Well bei 31 an 41 Parkplaze kann een de Präis schonn e bëssen erofdrécken. Gëtt dat gemaach oder net?

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass sécher verhandelt ginn. Dat do sinn d'Präisser, wéi se bekannt sinn. E Parking, deen an enger Residenz ass, do läit d'„quote-part" vum Terrain haut bei 6.000 Euro. An d'„quote part" fir de Bau läit bei 20.000 Euro. D'Präisser si liicht evoluéiert. Fir 25.000 Euro hu mer e Parking bannen a fir 20.000 Euro e Parking baussen. Dat war an de leschte Joren esou Usus. Dir hutt vläicht méi bëlleg kaf, dir hat vläicht Relatiounen, Madame Gonçalves. Mir hunn déi Relatioune vläicht net. Mir ginn op de fräie Marché akafen, a mir kucken, de Präis ze respektéieren. Et ass net un der Gemeng fir d'Präisser ze drécken oder komplett ze verhonzen. Mir hunn hei Präisser vum Maart. Wéi gesot, 25.693 Euro kaschten déi 41 Parkplazen, déi aner, déi méi spéit kommen, kaschte 25.639 Euro. Also et ass bal d'selwecht.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et muss een och do soen, datt do eng technesch Partie dran ass, wou mer d'Indikatioun och baussen hunn, wéivill Plazen nach bannena sinn, wéivill der nach fräi sinn. Déi Partie ass mat dran.

Breyer Roland, Schäffen:

Jo, déi ass „partie intégrante". Et ass och eng Markéierung bannenan, an et gesäit een duerch faarflech Ofstëmmung, wou nach eng Parkplaz fräi ass. Et ass wéi um Findel, wou ee gesäit datt, wou eng gréng Luucht ass, eng Plaz fräi ass. Se sinn och geséchert mat Sprinkleranlag. Also et entsprécht den Normen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech wollt froen, ob ee fir dee Parking och muss bezuelen, wéi fir deen ënnenof, wou mer och kaf hunn.

Breyer Roland, Schäffen:

Am Prinzip sinn d'Parkingen alleguer ze bezuelen. Op dat elo direkt muss geschéien, ass eng aner Saach. Et kann een eng Period ouni Bezuele maachen, fir de Parking e bëssen attraktiv ze maachen. Mä de Prinzip, an deen hu mer scho laang an der Kommissioun diskutéiert, ass, datt mer de Parking lues a lues musse „payant" maachen. Dat ass d'Zukunftsmusek, do soll ee sech keng Illusioune maachen an net verspriechen, datt alles gratis op der Strooss ass, well soss kréie mer dat ni an de Grëff. Et muss eng Disziplin ginn, an déi kritt een am beschten doduerch, datt ee muss bezuelen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Kéint dir mer soe wiem dee Parking, deen de Moment do ass, virdru gehéiert huet? Also deen, deen elo ewechgerappt gëtt.

Breyer Roland, Schäffen:

Deen huet eis gehéiert.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat heescht, den Terrain gëtt kompenséiert.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, do hate mer jo schonn e Compromis.

Breyer Roland, Schäffen:

Neen, dat hat de Gemengerot jo scho gestëmmt. Do hu mer jo schonn en Tosch gemaach. Dat heescht, dem leschte Stand no gehéiert en eis net méi.

Accord par 13 voix "oui" et 2 voix "non" (déi gréng). Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.4.

Propriétés.

Convention concernant l'acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit "rue de la Terre Noire" de la part de la société LES TERRES ROUGES S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.5.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, rue Jos. Philippart à la société KALISTA IMMO S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.6.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition de terrains sis à Pétange, lieux-dits «Rue des Acacias» et «Rue Robert Schuman» de la part de la société PELARO INVESTISSEURS S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wa mer elo Besëtzer si vun der rue Schuman, denke mer dann och eng Kéier dru fir déi frësch ze maachen? Op mannst emol déi Plaze wou d'Bordüre futti sinn oder wou extrem Lächer sinn. Dir waart schonn eng Kéier vum Här Stoffel drop ugeschwat ginn, mä bis elo ass nach näischt geschitt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also, mir hunn all Joer eng Zomm am Budget stoen, an dëst Joer hu mer 450.000 Euro fir e Reprofilage ze maachen. Dëst Joer ass d'rue du Clopp virgesinn. Ech ka mer awer ganz gutt virstellen – mer haten dat awer och schonn am Schäfferot diskutéiert -, datt, wa mer iwwer de Programm vum Reprofilage vum nächste Joer schwätzen, déi dote Strooss dat anert Joer derbäi ass.

Mä dat anert ass schonn ausgeschriwwen, esou datt mer dat hei net kënnen dëst Joer maachen. Mä dir hutt Recht, datt an där Strooss eppes muss geschéien. Mä elo gi mer jo Proprietaire dovun, an da maache mer dat.

Scheuer Romain (déi gréng):

Mä datt mer op d'mannst emol op verschidde Plaze Lächer zou maachen, well deemno wéi een do geet, da knéckst ee gären ëm. Et gi jo awer vill Leit do op d'Gare erop, an dofir wier et jo net schlecht, wa mer dat géifen zou maachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt iech just soen, datt dat hei net de Volet vun der ganzer Strooss ass. Dat gehéiert der Eisebunn, an ech weess net, ob deen Akt scho gemaach ass, mä ech mengen, en ass ënnerwee. Dat hei ass op jidder Fall net déi ganz Strooss.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ma et wier net schlecht, wa mer deen Deel, deen der Gemeng gehéiert, géife maachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir maachen eist Bescht. Dir kennt eis Prozedur, an déi ass net ëmmer esou einfach ewéi wann ee privat agéiert.

Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.7.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de la société BESIX RED Luxembourg S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.8.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare», de la part de M. Fernand GENEVO - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.9.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de Mmes Catarina CESNICH ép. PANTONE, Maria CESNICH et Sabrina CESNICH - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.10.

Propriétés.

Acte concernant l'échange de terrains avec M. Pierre TOCKERT et Mme Marie-Louise RONGVEAUX à Lamadelaine, lieu-dit «rue de la Providence» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.11.

Propriétés.

Avenant n° 1 au contrat de bail concernant l'exploitation du Restaurant Brasserie Wax à Pétange - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mer haten den 18. Dezember dëse Loyersvertrag virleien. An der Tëschenzäit sinn déi néideg Virbereedungsaarbechte gemaach ginn an der Brasserie WAX, fir kënnen op ze maachen. Do goufen et awer e puer kleng Diskussiounen, déi gefouert goufe mat eise Betriber. Dat eent ass, well deen neie Locataire wëll en Pâtisseriesatelier maachen a well do eng Méiglechkeet besteet fir e Büro do ze maache wou fréier d'Konschtmillen dat zur Verfügung hat. Do ass mat dem Accord vun der Konscht-Millen asbl gekuckt ginn, wéi een dat ka regelen, esou datt de Locataire, dat heescht de Bedreiwer vum Restaurant, och weider d'„salle polyvalente" loune ka fir da kënnen am Keller e Pâtisseriesatelier z'installéieren. Well den Transfert vun der Locatioun vum alen op den neie Locataire net esou virugaangen ass wéi ee sech dat eigentlech hätt kënne virstellen, huet deen neie Locataire gefrot fir ee Mount méi spéit mam Bezuele vum Loyer unzefänken, well mer ee Mount Verspéidung haten. Dat heescht, mer géifen dann op de Loyer vum Mount Mäerz verzichten. Dat Ganzt soll Ufank Mee opgoen, an da loosse mer eis iwwerraschen a verwinnen an deem neie Restaurant.

Brecht Guy (LSAP):

Ech hunn eng allgemeng Bemierkung ze maachen, déi awer elo net direkt eppes mam Restaurant ze doen huet. Et ass mer awer opgefall, datt an der Lescht vill Firmen, déi dohinner schaffe kommen, sech net un d'Polizeireglement halen. Et misst een déi Leit nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt mer awer an der Mëttesstonn, tëscht hallwer 1 an hallwer 2, eng Stonn zegutt hu wou näischt gemaach gëtt. Si fänken awer um hallwer 1 Auer oder e Véierel vir 1 Auer un. Wa mir als Gemeng net mam gudde Beispill virginn, wéi wëll der dann, datt d'Leit dat dobausse maachen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Gitt dir dovun aus, datt dat bannen oder baussen ass? Well bausse schaffen si op eis Instruktiounen hin.

Brecht Guy (LSAP):

Dat ass baussen, an et si schwéier Gefierer.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat si mir awer. Déi schaffen awer an eisem Optrag, da musse mer dat awer kucken.

Brecht Guy (LSAP):

Idem, well ech schonn derbäi sinn, ass et och an der rue Belair de Fall. Déi geheien hir Kompresseren och scho virun 1 Auer un.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also ech mengen, do si mir de Bauhär, da musse mer och do nohaken.

Approbation à l'unanimité.

9.12.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain à Pétange, lieu-dit «Avenue de la Gare» de la part de la société ABATE CONSTRUCTIONS sàrl - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.13.

Propriétés.

Acte concernant la cession d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit «In der Püschelott» à M. et Mme Camille SALES-ZENS - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.14.

Propriétés.

Acte concernant la cession de terrains à Lamadelaine, lieu-dit «In der Püschelott» à Mme Hilda HAHN - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.15.

Propriétés.

Acte concernant la cession gratuite d'un terrain à Lamadelaine, lieu-dit « Rue du Vieux Moulin » à M. et Mme Pierre REMESCH-BACH - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.16.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit "Chemin de Brouck" de la part de Mme Nelly OLMAR veuve DUHR - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.17.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition de 31 emplacements en future construction à Rodange, avenue Docteur Gaasch de la part de la société CALIFO IMMO S.A. - approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Da komme mer zu enger Saach, déi mer schonn annoncéiert haten. Mir kafen 31 Plazen an enger Residenz, déi amgaangen ass gebaut ze ginn, an dat an der avenue Dr. Gaasch. Mer hunn de 17. Dezember de Compromis hei am Schäfferot ënnerschriwwen, deen den 2. Februar 2015 duerch de Gemengerot goung. Elo géif et dann zum Acte kommen. Bei deenen 31 Plazen sinn och 2 Behënnertepark-plaze mat abegraff, esou wéi en Iwwerwaachungssystem. Mir bezuelen den Undeel um Terrain mat 159.298 Euro an dann nach 610.050,87 Euro. Also bal deeselwechte Präis wéi déi Plazen, déi mer uewen am Duerf kréien. Zesummen hätte mer domatter 72 Parkplazen op enger kuerzer Distanz am Zentrum vu Rodange geschaf.

Stoffel Marco (LSAP):

Ech weess net, ob schonn ee sech dat ukucke war op d'Plaz. Am Moment huet sech eng kleng Schwämm do gebild. Dat ass net schéin ze kucken. Ech weess net, op net do de Promoteur verflicht ass fir dat e bësse besser ze kontrolléieren an dat anescht ze maachen. Net datt do eng Kéier een dra fält, well et si Plazen, wou d'Waasser zimlech héich steet. Fir de Rescht ass de Projet fir eis ganz wichteg, fir datt mer do weider Parkplaze kréien. Ech si frou, datt dat och geschitt.

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass méiglech, datt et méi séier geet, wann en elo seng Sue kritt.

Approbation avec 14 voix et 2 abstentions (déi gréng).

9.18.

Propriétés.

Contrat de bail avec Mme Maria FONSECA DE BARROS concernant la location d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Au Bonière» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.19.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Docteur Gaasch» de la part de la société CALIFO IMMO S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

10.1.

Prévisions sociales.

Convention avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse concernant le fonctionnement du Centre de rencontre et d'information pour jeunes «Péitenger Jugendhaus» asbl pour l'année 2016 - approbation.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Hei ass e Punkt, deen all Joer erëmkënnt. Mä ech wëll awer fir d'éischt deene Jugendleche meng Gléckwënsch ausschwätzen, well si hu beim „Mérite Jeunesse" dëst Joer den éischte Präis kritt, an zwar fir hire Projet „Eng Schoul fir den Togo". All Respekt fir si. Dat war e Projet, deen net esou einfach ze realiséiere war. Mir wäerten nach eng Kéier drop ze schwätze kommen a mir wäerten se nach éiere fir déi Erausfuerderung, déi si ugaange sinn. Si hu jo och hir Belounung kritt.

Fir elo nach op d'Approbatioun zeréck ze kommen, déi Konventioun mam Educatiounsministère kënnt all Joer erëm. Dat ass e Budget, wou mir d'Halschent droen. Mir deelen eis dat mam Ministère. Dëst Joer stinn 190.000 Euro bei eis am Budget. Dee finanziellen Deel vum Ministère beleeft sech op 179.994 Euro. Wichteg fir eist Jugendhaus ass, datt den Accueil fir déi Jugendlech tëscht 12 a 26 Joer ass, datt d'Haus op d'mannst dräi Mol an der Woch fir déi Jugendlech op ass. Do brauche mir eis keng Suergen ze maachen. Dat Haus steet genuch op fir d'Kanner. Si kréien Informatiounen an Animatioun, esou wéi Formatiounen ugebueden. Also esou wéi et sech gehéiert, wann e Jugendhaus gutt funktionéiere soll.

Déi aner Modalitéite vun der Konventioun si bekannt, well dat hei ass jo eng Approbatioun. A fir datt déi gutt Aarbecht am Jugendhaus ka weidergoen, géif ech iech bieden, dëser Konventioun zouzestëmmen.

Thein Joe (adr):

Och meng Felicitatiounen an e grousse Merci un all déi jonk Leit, déi sech fir de Projet am Togo mat hirer Zäit an hirem Intressi engagéiert hunn. Et géif mech allerdéngs och freeën, an dofir wëll ech déi Iddi mat op de Wee ginn, fir vläicht och eng Kéier am Kontext mat der „Stëmm vun der Strooss" e Projet auszeschaffen, deen och am Sënn vun eise Lëtzebuerger Landsleit ass a wou och gewësse sozial Problemer bestinn. Ech géif mech freeën, wann et och eng Kéier an déi Richtung kéint goen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir huelen dat och mat op de Wee. Mir kucke fir an deenen nächste Reuniounen doriwwer ze schwätzen. Da kucke mer, wat fir eng Aktivitéiten do ustinn a wat een do kann aflechten.

Becker Romain (déi gréng):

Als President vun der „Péitenger Jugendhaus asbl" si mer natierlech och ganz frou an houfreg iwwer eis Jugendlech an iwwer hir Educateuren a Begleetpersounen, also déi ganz edukativ Équipe, datt dat gelongen ass. Dat ass fir d'zweete Kéier, datt mer de „Mérite Jeunesse" kréien. 2012 haten se, am Kader vun „3 Generatioune kachen zesummen", mat der Zitha an der Crèche „Kordall" gekacht an e Kachbuch ausgeschafft. Duerno haten déi Jonk d'Iddi, de Projet mam Togo ze maachen, wat sech iwwer 2 Joer gestreckt huet an net evident war fir déi Jonk, well se jo net direkt e Resultat haten.

Här Thein, mir maachen net just esou Saachen am Haus. Dat ass eng Iddi, déi vun deene Jugendleche komm ass. Wéi der gesinn hutt, hu mer och aner Saache gemaach. Mir hunn dräi Mol eng Sëlwermedail an zwee Mol eng Bronzemedail krut am „Mérite Jeunesse". Also bis elo ass et net nëmmen déi Togosgeschicht. Op alle Fall war dat en enormen Exploit, well déi Jonk net direkt den Impakt gesinn hunn, deen dat duerno hat. Ech soen iech Merci, ech soen dem Schäfferot och fir d'Felicitatioune Merci.

Approbation à l'unanimité.

10.2.

Prévisions sociales.

Convention bipartite 2016 avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse concernant les Maisons Relais – approbation.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Gira Carlo (CSV):

Mir mussen oppasse mat deene Maisons Relaisen an all deene Konventiounen, déi nach drun hänken. Net datt mer op eemol keng Zäit méi hu fir edukativ Aarbecht ze maachen an net geschwënn nach just dra verfalen, datt Administratives gemaach gëtt an déi Aarbecht, déi eigentlech do soll gemaach ginn - also d'Aarbecht mat de Kanner – an den Hannergrond geréit.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech kann iech do Recht ginn, Här Gira. Den edukative Volet gëtt bal erdréckt duerch den administrative Volet, deen ëmmer méi grouss gëtt. Mer kréien och ëmmer méi Contrainten an de Maisons Relaisen. Wat déi ganz Verwaltung an déi ganz Hygiène ugeet, do si mer nach laang net um Enn. Loosse mer mol kucken, wat do nach op eis zoukënnt. Ech hoffen, datt mer dat esou gemeeschtert kréien ewéi bis elo.

Gira Carlo (CSV):

Mer kréie jo och ëmmer méi nei Konzepter vu Fachleit oder vum Ministère. Et géif einfach emol Zäit gi fir deene Leit, déi do schaffen, Zäit ze ginn fir déi Konzepter, déi se do hunn a wou si sech bal dran ageschafft hunn, wierklech emol ëmzesetzen a selwer hir Erfahrung dorausser ze zéien. Si sollen net ëmmer erëm op nei Saachen ëmklammen, well et fänkt un, keng Kontinuitéit méi dran ze sinn. An d'Kanner fanne sech och selwer net méi erëm.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass natierlech esou, datt gewësse Konzepter an d'Welt gesat ginn, mä et muss ee se jo net ëmsetzen. Wann een awer mierkt, datt et zum Wuel ass vun de Kanner – et hänkt jo och vun de Kanner of, déi een huet – an dat ännert jo all Joer, an et weess ee jo och net, wien een do kritt an deem neie Konzept, wat de Moment do ausgeschafft gëtt a fir dat een natierlech Zäit brauch. Dat si jo Konzepter, déi natierlech net an engem Joer ëmgesat kënne ginn. Do muss een zesummen dru schaffen, et muss een alleguer un engem Strang zéien. D'Direktioun, awer och d'Educateure musse mat op dee Wee goe fir datt se dem Kand kënnen dat Beschtméiglechst bidden. An do brauch een natierlech heiansdo Gedold an Ausdauer fir dat ëmzesetzen.

Approbation à l'unanimité.

10.3.

Prévisions sociales.

Décompte concernant l'installation de panneaux acoustiques et l'acquisition de mobilier pour les besoins de la salle polyvalente dans la Maison Relais de Pétange - approbation.

Total du devis approuvé:	*34.000,00 euros TTC*
Total du crédit approuvé:	*34.000,00 euros TTC*
Total de la dépense:	*32.087,25 euros TTC*

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Approbation à l'unanimité.

10.4.

Prévisions sociales.

Contrat de concession d'un droit de superficie pour un terrain à Rodange, lieu-dit «Au Doihl» avec l'association «Amicale vun den aalen Rodanger Guiden a Scouten» concernant la construction d'un chalet scouts – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité. M. Thein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

10.5.

Prévisions sociales.

Approbation du devis adapté concernant la construction d'un chalet scouts à Rodange, lieudit «Au Doihl» - décision.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Accord par 15 voix "oui" et 1 abstention (adr).

11.

Environnement.

Approbation du devis au montant de 24.909,30 euros pour le diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la commune pour l'année 2016 – décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir maachen dës Miessunge schonn zënter 2001. De „Plan de surveillance" vun 2016 ass dee 17. Joresprogramm, wat d'Kontroll vun der Loftqualitéit ugeet. Dëse Plang konzentréiert sech op déi Haaptachsen. Et ginn zwou verschidde biologesch Technike gebraucht fir dat ze moossen. Déi Loftanalyse ginn haaptsächlech gemaach wéinst dem Crassier vun der SLR, deen nach ëmmer net definitiv zou ass, an och fir am Ëmfeld vun anere verschidde Firmen ze kontrolléieren. Wann sech eng Anomalie sollt erausstellen, da kéinte mer och direkt dorop reagéieren.

Scheuer Romain (déi gréng):

Den Här Mertzig huet elo grad gesot, datt se op där aner Säit nach géifen am Crassier schaffen, datt se nach ëmmer Stëbs maachen. Ech gouf ugeschwat vu Leit aus der rue Fontaine d'Olière an der rue du Clopp, datt, deemno wéi e Wieder ass, relativ vill Stëbs eriwwer kënnt. Kënnt dir och, wann déi Resultater kommen, dat verëffentlechen, esou datt d'Leit dat och gewuer ginn?

Mertzig Romain, Schäffen:

Wéi gesot, déi Resultater si jo ëffentlech. Déi leien och am Ëmweltservice aus. Esoubal mir déi Resultater kréien, deele mir dem Gemengerot mat, wéi et dorëm steet.

Scheuer Romain (déi gréng):

Hu mir do keen Afloss drop, datt mer mat de Fransouse kënne schwätzen an do eppes bewierken?

Mertzig Romain, Schäffen:

Ech mengen net, datt mer do als Gemeng e groussen Afloss hunn, well déi Saache sech op ganz aner Niveauen ofspillen. Wat awer scho positiv ass, dat ass, datt mer eng gutt Relatioun hu wat d'Gemeng vun Zounen ugeet. Wa sech

Anomalië géifen erausstellen, da soen déi eis am Virfeld schonn, datt eppes do net normal ass.

Accord à l'unanimité.

12.1.

Ordre public et sécurité.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publiques à l'occasion des braderies 2016 – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

12.2.

Ordre public et sécurité.

Conventions avec trois sapeurs-pompiers pour l'obtention du permis de conduire C – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

12.3.

Ordre public et sécurité.

Vote d'un crédit supplémentaire de 9.000 euros pour l'acquisition d'un groupe électrogène pour le Centre sportif Bim Diederich à Pétange – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

13.1.

Infrastructures routières.

Dépôt d'une pétition d'une partie des riverains concernant les travaux de réaménagement de la rue Belair à Pétange – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass d'Récksäit vun enger demokratescher Consultatioun, déi ee mécht. Mir sinn dräimol zesumme komm fir de Projet Belair ze proposéieren. Mir hate schonn am Virfeld 3 Variantë proposéiert oder ausschaffe gelooss a mir hunn d'Leit am Fong geholl gefrot, wat fir eng Variante genehm wier. Et ass méiglech, datt vläicht net alles kloer eriwwer komm ass. D'Pläng waren awer do a si sinn och zanterhir net geännert ginn. Mir hu se och am Groussen an net am klenge Format.

Ech wëll emol einfach en Historique maache fir ze soen, wou mer dru sinn. Mir hunn u sech eng Variante vun de Leit majoritär guttgeheescht kritt. Dat war eng Variante, wou d'Leit haaptsächlech gekuckt hunn, datt se eng Parkplaz virun der Dier haten. Loosse mer einfach den aktuelle Stand kucken, wéi d'Belair-Strooss ausgesäit. D'Belair-Strooss huet 11,80 Meter tëscht de Fronte vun den Haiser. An déi 11,80 Meter soll een da judicieusement opdeelen ënnert dräi verschiddenen Demandeuren. Déi eng hätte gären eng Parkplaz virun der Dier, déi aner hätte gären, datt een iwwer den Trottoir ka kamoud goen an déi aner géife gäre fueren am «double sens». Wa mer all déi Notize kucken, déi geschriwwe ginn, wéi d'Norme musse sinn, da ginn et Mindestnormen, mä et ginn awer effektiv och realistesch Normen. Et kann ee soen, datt eng «bande de stationnement» 2 Meter huet. Wann een awer kuckt, wéi d'Leit parken a wa se ganz disziplinéiert parken, da kann et mat 2 Meter duer goen. Si däerfen awer da keng Lëtzebuerger Autoen hunn. Si mussen e bëssen aner Autoen hunn, wou d'Spigelen aklappbar sinn, da passen déi dran. Soss misst ee schonn 2,10 oder 2,20 Meter hunn. An esou kann een och an enger Strooss fueren. Et kann ee soen, datt 2 Autoen op 4 Meter laanschtenee ginn. Dat ass theoretesch dran, wann een d'Mooss vun engem Auto hëlt, da kann een op 1,95 Meter kommen. An nach eng Kéier 1,95 Meter, da muss ee gutt fueren, wa lénks a riets Autoe geparkt sinn.

Alles dat ass Theorie. Et muss een d'Praxis awer einfach kucken. De Moment hate mer en Trottoir vun 1,80 Meter breet. Dat waren an der Moyenne 5 Trottoirsplacken. Mir haten eng «bande de stationnement». Iwwerall do, wou et méiglech war, war en Auto geparkt. A mir haten eng «voie de roulement» vu 4 Meter. Mir hunn eng Strooss, déi 600 Meter laang ass. A wann ee vun uewen erof kënnt – an do kënnt jo d'rue des Alliés hannendrun – an d'Strooss huet eng Breet vu 4 Meter, da war et net dran, datt 2 Autoe sech kënne begéinen.

Et ass och ganz kloer no den Normen – an dat ass och niddergeschriwwen – datt alles, wat «véhicule d'urgence» ass – Ambulanzen, d'Pompjeeën, eis eegen Autoe vun der Müll – , datt déi 3,50 Meter brauche fir normal ze manövréieren. Wann also 4 Meter do sinn, da geet et op kee Fall duer. Dann ass ee blockéiert an deemno wat do ënnerwee ass, leeft den Trafic iwwerhaapt net. Ee waart op deen aneren an et ass eng Situatioun, déi net gutt ass.

Dofir war bei där Solutioun, wou mer mat de Leit diskutéiert hunn, eng Kompromëssléisung gesicht ginn. Déi Kompromëssléisung huet doranner bestanen, datt een d'Strooss e bësse méi breet géif kréien, esou datt wéinstens 2 Autoe kéinte laanschtenee kommen, ouni kënnen ze rennen – well dat ass net dran. D'Strooss sollt a Plaz 4 Meter – déi se elo huet – 5 Meter ginn. Dat wier op d'Käschte vum Trottoir gaangen, deen da vun 1,80 Meter op 1,40 Meter zeréckgaange wier. An d' «bande de stationnement» wier op 2 Meter reduzéiert ginn, wat och en disziplinéiert Verfahre viraussetzt. Da wiere bei deenen 11,80 Meter de Maximum vu Parkplazen ënner Daach komm, et hätt ee kënnen um Trottoir zirkuléieren an et hätt een och kënne verstänneg mat 2 Autoe laanschtenee kommen an op alle Fall der «voie d'urgence» eng Méiglechkeet gi fir sech do duerchzesetzen.

Elo ass eng Petitioun vu Leit erakomm, déi haaptsächlech am ënneschte bis de mëttelsten Deel vun der Belair wunnen. Si fannen, datt den Trottoir net dierf verengt ginn. Et si 35 Stéit an et si 36 Leit, déi ënnerschriwwen hunn an déi där Meenung sinn. Am Ganzen hu mer 95 Stéit, déi an där Strooss wunnen, esou datt e gudden Drëttel där Meenung ass.

Wa mer verkéierstechnesch wéilte ganz einfach soen a kucken, wéi eng Strooss misst sinn a wéi se am Beschte géif fonctionnéieren – dat hu mer och an der Verkéiers-kommissioun mat Experten diskutéiert, esou wéi et och mat den Ingenieursbüroen diskutéiert – da géif ee soen, datt een déi Solutioun sollt vergiessen, déi mer eis am Fong geholl selwer gesicht hu mat de Leit an et sollt een och déi Situatioun vergiessen, déi an der Petitioun proposéiert gëtt.

Et soll ee kucken, fir eng Solutioun ze maachen, déi einfach der Regel oder der Praxis gerecht ass. Mir maachen e Stationement vun 2,10 Meter. D'Trottoiren esouguer op Plazen, awer net iwwerall. Op Plazen ass den Trottoir och nëmmen 1,50 Meter. Dat gëtt dann op Plazen agëengt. Do

sinn dann Espacen, wou ee sech ka begéinen. D'Strooss ass 5,50 Meter bis op déi Plazen, wou se op 4 Meter méi enk gemaach gëtt, fir einfach den Trafic ze bremsen. A mir kréien och eng «bande de stationnement» dohinner, déi 2,10 Meter ass, net zu all Säiten, mä plazeweis. Do wou d'Circulatioun soll lafen, do ass keng «bande de stationnement». Dat geet dann op Käschten en bësse vun deem engen an deem aneren. Den Trottoir ka méi breet ginn. E kann esouguer nach méi breet gi wéi en ass. Mä op déi aner Manéier geet et awer op Käschte vun de Parkplazen, déi do sinn.

Et muss ee kucken, ob d'Parkplazen esou wichteg sinn. Mir hu viru méi laangem eng Zielung an der Strooss gemaach a gekuckt, wat do enregistréiert ass. Et sinn am Ganzen 139 Autoen offiziell immatrikuléiert an der Belair-Strooss. Et sinn 93 Garagen oder Entréeën do an et si 47 Méiglechkeeten op den Terraine selwer vun de Proprietéiten, fir Autoen ënnerdaach ze kréien. Et sinn also ronn 140 «espaces disponibles» do, wou een den Auto – wann een e misst a wéilt ewechkréie vun der Strooss - géif erakréien. Dat géif also heeschen, datt déi, di do wunnen, alleguerten d'Méiglechkeet hätte fir op hirem Terrain – oder sech mam Noper ze arrangéiere fir en Emplacement ze fannen – fir den Auto vun der Strooss ewech ze kréien, ouni datt e muss do stoen.

Elo seet een, dat geet net iwwerall. Dat kann och net iwwerall goen, well den Noper net domatter averstanen ass, datt een anere säin Auto owes op säin Terrain stellt. Mä da musse mer awer froen, ob mer esou vill Parkplaze brauchen an där Strooss. Hätte mer gäre Stroossen, déi esou vill Parkplaze mat sech bréngen? An do soen ech dann «mea culpa» als Verkéiersschäffen, well mer ze vill op d'Leit zougaange sinn an eisen Offerten, a Plaz vläicht méi ze plaidéieren, wat fir Stroossen hätte mir gären an der Zukunft. Well déi Strooss hei ass geduecht, fir net an deenen nächste Joren erëm eng Kéier nei gemaach ze ginn. Déi ass geduecht, fir normalerweis 30 oder 40 Joer erëm ze bleiwen, mat klenge Modifikatiounen, déi vläicht kommen. An da soll ee sech emol eens ginn. Wat hätte mer gären an Zukunft vun der Verkéierspolitik an der Gemeng? Hätte mer gären d'Stroosse voller Autoe stoen an eng Circulatioun, déi net méi fonctionnéiert? Oder hätte mer gären e Kompromëss tëscht deenen zwee oder deenen dräi – och de Foussgänger, d'Kand an de Vëlo, déi doranner gehéieren?

An do kommen ech ëmmer méi zur Iwwerzeegung, datt mir eis misste méi kloer ausdrécken, méi kloer artikuléieren, an deen néidege politesche Courage hu fir ze soen, datt do hätte mir gären als Gemeng, dat ass eis Vue.

Well et kommen nach aner Stroossen, déi mer diskutéieren. A wa mer all Kéiers ze vill op d'Leit zouginn, da fäerten ech, datt mer Stroosse kréien, déi a) net schéi sinn a b) net funktionell sinn an drëttens net wierklech an d'Zukunft eran déi Hindeitung maachen, déi mer gären hätten.

Ech loossen d'Diskussioun gäre kommen. Et gi Varianten, déi elo nach méiglech sinn. Et ass net méi alles méiglech, well mer schonn an der Mëtt vun der Strooss mam Kanal ukomm sinn. Mir kënnen also net nach «espaces verts» an d'Mëtt vun der Strooss kréien, wat eng vun den Alternative war. Déi Variante ass eriwwer. Mä d'Variante fir Trottoiren ze maachen, d' «voie de circulation» machbar ze maachen op verschiddene Plazen, mat 3 Aschneidungen, wou se da méi retrecéiert géif ginn, den Trottoir esou breet ze maachen, datt e plazeweis ouni Weideres der Genugtuung vun de Leit entgéint kënnt, mä op Käschten da vun e puer Parkplazen, déi géife verluer goen. Dat ass schlussendlech meng Solutioun, meng Propositioun.

Mä de Gemengerot decidéiert hei an et soll jidderee seng Verantwortung huelen. Dat ass kee Politikum. Et ass eng technesch Approche, dat heiten. Ech loosse mech net vun deene 35 Ënnerschrëften encouragéieren oder ofschrecken. Ech fannen et gutt, datt d'Leit et maachen. Ech hunn de Leit et selwer gerode fir et ze maachen. Well si hu mech eng Kéier abordéiert, datt ech eng Kéier owes gefilmt si ginn, wou ech mam Hond Heem gaange sinn. An déi zwou Persounen, déi «à l'initiative» waren, hate Fotoe gemaach a gesot, ech géif breet goen an den Hond géif och vill Plaz um Trottoir anhuelen. A wann den Trottoir méi schmuel wier, dann hätte mer Problemer. An dunn ech gesot, wa se net domatter d'accord wieren, da sollen se eng Petitioun maachen an da soll de Gemengerot nach eng Kéier doriwwer debattéieren.

Voilà, d'Diskussioun ass op.

Arendt Patrick (CSV):

Et ass scho vill gesot gi vum zoustännege Schäffen an ech soen och dofir e ganz grousse Merci. Ech wëll awer e puer Saache soen. D'Petitioun wëll jo u sech d'Strooss méi kleng maachen, par rapport zu deem, wat geplangt ass. Wa mir dat elo unhuelen, da geet et op Käschte vun eppes aneschters, an dat ass ganz kloer d'Parkplazen. Mir ginn dovunner aus, datt mer 71 Parkplaze schafen, mat engem e bësse manner breeden Trottoir. Souwisou däerf een net vergiessen, mir hunn eng 30er-Zone, wou de Foussgänger soll partnerschaftlech nieft dem Auto stoen, a géigesäitegem Respekt. Dat muss een och nach eng Kéier gesot hunn.

Mer kommen elo op 59 Parkplaze mat engem méi breeden Trottoir, esou wéi d'Petitioun et gäre wëll. Ech stelle mer einfach 2 Froen zu deem ganzen Dossier hei.

Wann ee weess, datt mer all 50 Joer eng Strooss bauen, da muss ee sech d'Fro stellen, ob mer a 50 Joer manner Autoen hunn. An ech muss mer och d'Fro stellen, ob net gläich eng nächst Petitioun erakënnt géint manner Parkplazen erakënnt.

Ech kann awer grondsätzlech mat der Propose liewen. Ech fannen awer trotzdem e puer Saache schued, an dat wëll ech och gesot hunn. Ech mengen, de Schäfferot huet hei eng ganz gutt Aarbecht, eng exemplaresch Aarbecht gemaach. 2 Versammlunge goufen am Virfeld organiséiert, fir datt dann elo awer eng Petitioun hei um Dësch soll leien. An ech war ausserdeem och e bëssen iwwerrascht – dat muss ech och soen – wéi ech héieren hunn, datt eng Petitioun erauskomm ass, well ech selwer guer net ugeschwat si ginn. An ech mengen, wann een eng Petitioun mécht an enger Strooss, da soll een och kucken, datt ganz vill Leit doriwwer Bescheed wëssen. Well ganz vill Leit uewen an der Strooss – wou ech wunnen – wousste vun där Petitioun haut nach näischt.

Breyer Roland, Schäffen:

Et stëmmt an et gesäit een op der Petitioun selwer, datt haaptsächlech den ënneschten Drëttel vun der Strooss gefrot ginn ass, mat e puer Leit, déi e bësse méi héich wunnen. Ech weess net, wat fir eng Strategie déi Petitionnairen haten. Ech gesi just, datt gewësse Leit ënnerschriwwen hunn, déi méi ënnen am Quartier wunnen.

Thein Joe (adr):

Ech weess net, fir wat d'Politiker d'Petitioun esou fäerten. Well ech fannen, et ass e wichtege Moyen a mir als adr sinn ëmmer dofir agetrueden, datt mer op kommunalem Niveau d'Referende solle stäerken. Mir begréissen déi Petitioun a mir invitéieren d'Leit esouguer nach méi där Petitiounen ze maachen, fir datt d'Volleksbedeelegung domatter gefërdert a gestäerkt gëtt.

Mir gesinn och net an, fir wat eng Politik géint den Auto gemaach gëtt. Ech mengen, et ass e beléiften Trend mëttlerweil, datt mer eng Politik géint den Auto maachen. Mir

mengen awer, datt en Auto soll en Auto bleiwen, dat heescht, et soll och net just en Haushalt d'Recht op seng Parkplaz hunn, mä e soll – wéi hei am Punkt duerno, ënner 14.1. – och kënne mat 50 km/h als regulär Norm zirkuléieren.

Mir gesinn net de Problem beim Auto. Mir gesinn de Problem definitiv beim Populatiounswuesstem an och beim Frontalierstrafic. An do gëllt et am Fong den Hiewel unzesetze fir eng Solutioun ze fannen, an net op Käschte vun de Leit an hirem Auto. Merci.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech mengen, et huet keen d'Petitioun elo gefaart. Ech hu se just encouragéiert. Ech hunn de Leit gesot – wou se mech kontaktéiert hunn – datt se eng Petitioun solle maachen, wa se net d'accord sinn. Mä ech hunn awer elo net erausfonnt – bei Iech elo – wéi Dir Iech zu der Problematik vun der Belair-Strooss stellt. Sidd Dir der Meenung, et soll een de Leit Recht ginn an et soll een am Fong geholl d'Strooss verengen, datt den Auto net kann zirkuléieren. Well wann ech elo héieren hunn, da géift der jo gäre mam Auto méi séier nach fueren. Also wier der jo éischter fir eng Solutioun, bei där d'Strooss méi breet da wier.

Thein Joe (adr):

Neen! D'Äntwert dorobber ass ganz kloer, datt mir wëllen, datt de Respekt vis-à-vis vun de Petitionnairen erfëllt gëtt. A mir invitéieren dofir de Schäffen- a Gemengerot, fir där Petitioun och Rechnung ze droen, dat heescht, datt d'Strooss no hirem Wonsch, an och den Trottoir no hirem Wonsch amenagéiert gëtt.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir sot just de Contraire vun deem, wat der virdru gesot hutt. Virdrun hutt der gesot, dir géift gäre mat 50 fueren. Hei fuert der da mat 20 oder iwwerhaapt guer net.

Thein Joe (adr):

Neen, mir schwätzen hei iwwer d'Parkplazen. Mir schwätze jo elo nach net iwwer d'Zone 30, déi am Punkt 14.1. zur Sprooch kënnt. An och do ganz kloer: den Auto muss a senger normaler Norm vu 50 km/h zirkuléieren. Mä och datt en Haushalt eben d'Recht huet fir kënnen en Auto bei sech ofzestellen, eng Parkplaz zur Verfügung huet an net herno – ebe wéi der selwer gesot hutt – muss mam Noper diskutéieren, wéi ee Stéck wiem gehéiert.

Breyer Roland, Schäffen:

Här Thein, dir kënnt net alles hunn. Wann der 11,80 Meter hutt, da kënnt der net deem engen 3 Meter ginn, deem aneren 3 Meter ginn an och nach eng Strooss vu 7 Meter maachen.

Hei ass et kloer. Wa mer de Petitionnairë Recht ginn, da bleiwen d'Parkplaze bestoen. Dat ass sécher. Den Trottoir bleift breet an d'Strooss gëtt schmuel. Dat heescht, d'Strooss gëtt méi schmuel wéi se elo ass. Si gëtt praktesch ee Meter méi schmuel. An elo, de Moment, lafen d'Autoen net laanschteneen an da gi se garantéiert net méi laanschteneen. Dat heescht, et waart een op deen aneren. An op 600 Meter gesäit ee jo ganz gutt, vun uewen no ënnen, a wann ënnen een engagéiert ass, da bleift ee stoen oder et kuckt ee fir ganz séier derduerch ze kommen.

Ech fäerten, datt mer just dann eng Rennpist provozéieren. Datt mer just dann dee Moment d'Lück sichen, wou et geet, wou ee séier kann derduerch fueren, an dann hu mer net dat erreecht, wat mer prioritär wollten an där Strooss erreechen, an zwar d'Zone 30.

Ech hunn Iech awer elo verstanen. Dir wëllt awer deenen engen an deenen anere Recht ginn, deene 36. Mä déi aner 60, déi dat anert gären hätten, déi sinn Iech dann egal.

Stoffel Marco (LSAP):

Et ass u sech ëmmer ganz schwéier fir sämtleche Leit et ëmmer gerecht ze maachen, an dat gesäit een an där heite Saach och erëm eng Kéier. Mä et ass elo zur Sprooch komm vun der Petitioun. Ech mengen, d'Petitioun ass jo an der Rei. D'Leit si jo och gehéiert ginn a mir hunn och hir Iddie jo awer elo zur Kenntnis geholl. Fir mech ass et – wéi et och elo gesot ginn ass – esou, datt mer deenen enge Leit entgéint kommen an dann hu mer jo och erfëllt, wat an der Petitioun gefrot ginn ass, mä op der aner Säit mussen aner Leit Ageständnisser maachen an da verléiere mer Parkplazen. Et kann een net jidderengem et gerecht maachen an dat doten ass eben elo e Kompromëss, deen elo proposéiert ass, a fir mech muss een dat einfach elo esou unhuelen, „au détriment" datt mer elo aner Leit kréien, déi soen, datt elo esou vill Parkplaze manner do sinn. Mä et kann ee wierklech net jidderengem et gerecht maachen.

Mä ech mengen, et ass jo awer wichteg. Déi eng Leit, déi ënne sinn, déi hätten dat jo gären. Wahrscheinlech, well déi hir Afaarten hunn an doduerch zwou Trottoirsplacken ofgesenkt si fir bei si eranzefueren. Ech verstinn deenen hirt Uleies och, wann deenen hiren Trottoir do nëmme méi 4 Placken huet, da kënnt kee méi mat enger Kutsch oder soss eppes laanscht. Mä da muss een awer och a Kaf huelen, datt doduerch esou vill Parkplaze wäerten ewechfalen an och d'Strooss méi schmuel gëtt. Dann mussen déi Leit, déi doduerch duerno Contrainten hunn, sech mat deenen anere Leit eens ginn.

Ech si mat där dote Propositioun averstanen a fir mech ass et déi eenzeg Léisung, déi mer elo kënne maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir haten eng offiziell Léisung, déi mer bei de Leit zou geholl haten. Dat war eng Variante, déi opgezeechent war a wou d'Moossen och dra stoungen. An duerch d'Handophiewen am Sall war – mat Ausnam vun e puer Stéck, déi dogéint waren – de Gros vun de Leit fir déi Solutioun. Dat war – fir Kloertext ze soen – déi Variante mat deenen 71 Parkplazen an enger Strooss, déi verengt ass an en Trottoir, deen och géif op 1,40 Meter kommen. Dat ass déi Solutioun, déi mir festgehalen haten. D'Strooss wier 5 Meter – esou war et am Plang gemoolt -, den Trottoir wier 4 Meter, dat entsprécht 4 Trottoirsplacke plus e Borduressteen an d' «bande de stationnement» ass mat 2 Meter agezeechent. Wou een awer muss soen, datt déi «bande de stationnement» vun 2 Meter illusoresch ass. Well et muss ee wierklech parallel zum Borduressteen op Null parken, an dat maache mer net. Eis Autoe si relativ breet, esou datt mer normalerweis 2,10 Meter brauchen. Esou datt déi «bande de roulement» vu 5 Meter, déi mer dann nach hunn, net méi onbedéngt 5 Meter sinn, mä vläicht nach 4,70 oder 4,60 Meter. Et géif duergoen, datt 2 Autoe laanschtenee kommen.

Sécher ass bei där Solutioun, déi mer festgehalen haten, datt – wann «véhicules de secours» kommen – zum Beispill wann d'Pompjeeën en Asaz do hunn, dann näischt méi do leeft. Dann ass alles blockéiert. Well wann déi scho vun deene 4 Meter 3,70 Meter anhuelen, da leeft näischt méi. Däers musse mer eis och bewosst sinn. Oder mir mussen d'Autoen alleguerten oftransportéieren. Also, et ass e Gedeessems. Mä dat dote war e Kompromëss, déi Solutioun, déi mir gestëmmt hunn.

Wa mer de Leit follegen, da maache mer d'Trottoire méi breet an da gëtt d'Strooss méi schmuel. Dat heescht, si gëtt nach méi schmuel. Si kritt um Pabeier 4 Meter, wat awer effektiv keng 4 Meter méi sinn. Do lafe keng 2 Autoe méi laanschteneen. 600 Meter laang hu mer e laange Schlauch, wou mer lenks a riets Autoe stoen hunn a wou mer net vill

oder bal nëmmen Auswäichméiglechkeeten hunn, do wou eng Garagenafaart oder eng Garagëpaart ass, wou zoufälleg kee steet oder wou eng Kéier eng Parkplaz fräi ass.

Wa mer elo eng drëtt Solutioun huelen, da fäerten ech, datt mer missten d'Leit erëm eng Kéier froen. Well dann hu mer een Drëttel net zefriddegestallt an 2 Drëttel gi mer erëm eng nei Solutioun. Da gi mer Parkplazen ewechhuelen. Well da gi mer vun 71 Parkplazen op 41 Plazen zeréck. Dat sinn der 30 manner an dat sinn der vill. An der Moyenne sti 50 Autoen dobaussen an der Strooss, am Dag méi ewéi owes.

Esou datt ech ëmmer nach plaidéiere fir bei där Solutioun ze bleiwen, datt den Trottoir bei 1,40 Meter bleift. Et ass net, datt dat näischt méi ass. 1,40 Meter si 4 Trottoirsplacke mat de Jointen an de Bordüresteng. Dat ass awer net näischt.

Gutt, elo kéint een nach soen, et si verschidden Afaarten an d'Garagen do, wou elo scho vläicht 2 oder 3 Trottoirsplacken ofgekëppt sinn. Gëschter Owend sinn ech nach eng Kéier duerch d'ganz Belair-Strooss getrëppelt an et sinn – loosse mer soen – 8 Stéck där geféierlecher do, wou ee seet, wann do nëmme méi eng Trottoirsplack ass, déi riicht ass, da kënnt ee schlecht do laanscht. Déi misst ee vläicht kucke fir am Kader vun der Renovatioun vun den Trottoiren ofze-schwächen. Do ginn et Méiglechkeete fir dat ze maachen. Et sinn am Ganzen 30 Stéck do, déi ofgeschwächt sinn. Mä déi meescht sinn nëmme liicht inclinéiert an do kann een ouni Weideres driwwer goen. Wann 2 Placke riicht sinn an eng e bësse schif, da kann een do mat enger Kutsch driwwer goen. Dat mécht guer näischt aus. Et sinn der 8 do, déi am Fong geholl geféierlech wieren, wann deen Trottoir net méi esou breet wier. Do misst een eng Solutioun sichen.

Becker Romain (déi gréng):

Dir hutt jo all gesinn, datt den Här Becker déi Petitioun och ënnerschriwwen huet. Den Här Breyer huet et richteg gesot, haaptsächlech Leit aus deem ënneschten Deel vun der Belair-Strooss. Dat ass natierlech och drop zeréckzeféieren, well déi Madammen, déi dat ugeleiert hunn, relativ spéit ënnerwee waren. Hinnen e grousse Merci, datt si et iwwerhaapt gemaach hunn, fir deen Zivilcourage a si sinn net méi fäerdeg gi fir d'ganz Strooss ze maachen. Si hunn all déi Leit nach séier gemaach, déi se nach doheem ugetraff hunn an dofir hu se d'ganz Strooss net méi konnte maachen, well se relativ spéit ugefaangen hunn.

Eng aner Saach ass déi, datt den Här Breyer sot, et muss een dann deen néidege politesche Courage weisen. A mir hätten dee wierklech do kéinten iwwerhuelen. Als Péitenger Gemeng, als Schäfferot hätte mer do deen néidege politesche Courage kënnen iwwerhuelen a Plaz déi zwou Propositiounen de Leit an enger éischter Versammlung ze weisen. Dat war den 1. Dezember 2014. Do kruten d'Leit zwee Projete gewisen. Dat eent war ee mat versatene Sträifen, fir d'Parken ze versetzen. An dat anert war eng riicht Sträif, eng riicht Träip, wéi mer se kennen a bis elo ass. Si gëtt just aneschters gemaach, dat heescht, et kommen zu zwou Säite Parkplaze bäi, déi dann och nach faarflech vun der Strooss ënnerscheeden. Mä et bleift eng riicht Träip, ënne vun der Millen bis riicht erop, do, wou et an de Bësch geet.

Do hu mer wierklech als Politiker de Courage net gehat fir an esou enger Strooss, wat eng Strooss ass, déi eng Sakgaass ass, wat keng Duerchgangsstrooss ass, déi néierens weider hifëiert wéi bis bei dat lescht Haus an der rue des Alliés an de Rescht, do geet et an de Bësch an do geet et souwisou net méi weider. An do hätt ee wierklech kënnen de politesche Courage weisen an de Leit soen, esou gesäit et aus an dat ass de Projet, dee mer wëllen.

Dunn ass natierlech ofgestëmmt ginn an de Gros vun de Leit hunn – no där Dramatik, déi de Leit gezielt gouf, do géifen esou vill Parkplaze verschwannen an et géifen awer esou vill Autoen no den Zielungen do stoen – sech Froe gestallt an natierlech déi Solutioun gewielt, wou déi meeschte Parkplaze géife bestoe bleiwen.

Mä dobäi muss een awer och soen, datt haaptsächlech am ënneschten Deel vun der Belair-Strooss mueres Autoen dohinner kommen, an dat vun deene komeschste Plazen, mat deene komeschste Placken. Déi ginn eng Taass Kaffi drénken an da fueren se mat enger Camionnette fort. Déi Autoe stinn dee ganzen Dag do. Do stinn Autoe bis owes spéit do, déi do geparkt ginn, nëmme fir do geparkt ze ginn an déi awer dann näischt mat der Belair-Strooss ze dinn hunn. An dofir sinn déi Leit och – haaptsächlech aus deem ënneschten Deel – «stinksauer», well do egal wat geschitt. Do sti Camionnetten Dag an Nuecht, ouni datt iergendeen eppes mécht. Et kënnt kee kontrolléieren. Et mécht keen eppes. Mir fueren zu zwee Schäffen, zu 3 Conseilleren, neen, 2 Conseillere fueren do op an of, an do geschitt guer näischt. Wann een d'Police da rifft, da soen déi, si hätten aner Saachen ze dinn ewéi dat ze kontrolléieren.

Dofir solle mer deen néidege Courage weisen an awer op dee Wee goen, fir eng schéi Strooss ze maachen. Well et ass, wéi den Här Breyer gesot huet, net fir kuerz Zäit. Mä fir eng laang Zäit soll déi Strooss elo geännert ginn an nei gemaach ginn.

An der zweeter Versammlung war et schonn e bëssen aneschters. Dat war déi am Home. Ausserdeem hate mer 2 Versammlunge mat de Leit. Net esou, wéi den Här Breyer gesot huet, hie wier dräimol mat de Leit zesumme komm. Et war zweemol. An ech si frou, datt den Här Schiltz och heibannen ass, well hie war zweemol dobäi.

Am Home ass et de Leit natierlech op eemol bewosst ginn, wéivill Trottoir se géife verléieren. Do ass nach eng Kéier driwwer diskutéiert ginn. An nodréiglech hu Leit mech op der Strooss ugeschwat, déi an der éischter Versammlung ganz kloer dofir ware fir breet Parksträifen ze loossen an den Trottoir ze verschmuelere fir ze parken. Nodréiglech ass et deene Leit bewosst ginn, wéi se dann elo d'Trottoirsplacke gezielt hunn a gekuckt a gemooss hunn, wéivill datt dat géif ausmaachen. An du soten se, et wier awer flott, wa se dee breeden Trottoir kéinte behalen.

Jo, mä da muss der iech eens ginn. An dat ass dat, wat dobäi erauskomm ass. Ausserdeem ass et och keng Schan, wann ee seng Meenung eng Kéier ännert. Ech mengen, am Contraire, do gëtt et een Zitat, dat seet «Nur die Narren und die Toten ändern niemals ihre Meinung». All Mënsch kann eng Kéier seng Meenung änneren andeems e gesäit an zielt a mat de Féiss oftrëppelt, wéi dat dann an Natura soll sinn.

Ech mengen, mir wiere frou, d'ganz Strooss – oder net déi ganz Strooss, hunn ech jo elo héieren – , mä ganz vill Leit wiere frou wann den Trottoir géif bleiwe fir dee Schwaachen. Dat schwächste Glidd am Verkéier, dat ass de Foussgänger. An der Strooss wunne ganz vill eeler Leit, et wunne ganz vill jonk Leit do mat klenge Kanner, d'Kanner spillen an der Strooss, spillen um Trottoir. Et soll een eng Kéier de politesche Courage huelen an an esou enger Strooss – déi nëmmen an de Bësch geet – den Trottoir en Trottoir si loossen, fir de Leit d'Chance ze gi fir zu 2 oder 3 niefteneen den Trottoir ze benotzen a fir de Kanner d'Chance ze gi fir un der Hand ze goen. Et kann een eng Kéier roueg den Autosverkéier e bëssen zesummestarren.

An dann denken ech och, deen absoluten «worst case scenario», datt do en Dreckscamion kënnt an dann zoufälleg

kënnt eng Ambulanz, an dann ass et Wanter an da kënnt och nach de Schnéiplou an d'Pompjeeë kommen, deen absoluten «worst case scenario», dat géif ech zwar gären eng Kéier gesinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Et brauch nëmmen ee vun deenen ze kommen.

Becker Romain (déi gréng):

Wéi ass et dann elo?

Breyer Roland, Schäffen:

Majo, elo leeft och guer näischt.

Ech hunn iech elo ganz opmierksam nogelauschtert. Dir sidd jo och iwwert ären eegene Schied gesprongen. Dir hutt den 19. Dezember 2014, wou d'Pläng hei am Gemengerot waren, näischt gesot an d'Pläng mat approuvéiert.

Becker Romain (déi gréng):

Neen, dat ass net wouer, Här Breyer! Dobaussen hu Leit mech ugeschwat, wou dir dobaussen net fäerdeg gitt fir de Leit ze soen, datt den Här Becker d'Pläng mat gestëmmt huet, an da geet hien elo d'Petitioun mat ënnerschreiwen. Ech hunn deen 19. Dezember 2014 – do steet am Rapport «Approbation par 15 voix et 1 abstention (M. Romain Becker)». Ech hunn net matgestëmmt, Här Breyer.

Breyer Roland, Schäffen:

Firwat hutt der Iech dann enthalen?

Becker Romain (déi gréng):

Bei menger Enthalung hunn ech d'Erklärung ginn an ech soen dat elo nach eng Kéier, well der frot. Dat kann all Mënsch noliesen an deemno wien ka sech och nach drun erënneren, wou mer heibanne souzen. Et ass och nach net esou laang hir. «Ech wollt meng Enthalung domatter begrënnen, dass mer wierklech d'Geleeënheet verpasst hunn. Et ass net, datt ech dogéint si fir déi Strooss nei ze maachen, well si ass wierklech néideg fir nei gemaach ze ginn, mä mir hu wierklech eng Geleeënheet verpasst an déi zweet Variante wier déi besser Léisung gewiescht fir déi ganz Strooss.» Dat war deemools d'Erklärung vu menger Enthalung.

Breyer Roland, Schäffen:

An der zweeter Variante wieren och d'Trottoiren heiansdo nëmmen op 1,50 Meter gewiescht. An der zweeter Variante sinn 3 Plazen iwwer 80 Meter, wou d'Trottoiren op 1,50 Meter reduzéiert ginn. Do wier der also d'accord gewiescht? Elo, wou d'Trottoire solle reduzéiert ginn, sidd der erëm dogéint.

Bon, gutt, dir hutt Recht wann der sot, et soll ee kënnen iwwert säi Schied sprangen. Ech maachen dat jo och.

Gutt, mir sinn an enger Situatioun, wou mer am Fong geholl 3 Méiglechkeeten hätten. Et muss ee kucken, ob de Gemengerot wëll iwwer 3 Saachen ofstëmmen. Dat eent ass, de Gemengerot huet den 19. Dezember 2014 festgehalen, wéi d'Strooss kéint ausgesinn. Dat gefält enger Rei Leit net, well déi fäerten, datt den Trottoir géif ze vill enk gemaach ginn. E géif, vun de Moment 1,80 Meter, op 1,40 Meter reduzéiert ginn, wat och stëmmt.

Entweder soe mer, mir bleiwe bei där Situatioun. Da bleift alles sinn. D'Parkplaze bleiwen, d'Strooss bleift breet an den Trottoir gëtt méi enk. Oder mir soen, mir hätte gären eng nei Variante. Mä wa mer eng nei Variante maachen, da misst een éierlechhalber eng drëtt Versammlung – dat ass och déi, di ech am Kapp hunn – maachen an de Leit dat dohinnerleeën a soen, voilà, dir kritt den Trottoir méi breet, mä da geet et op Käschte vun deem doten. Et geet ëmmer op Käschte vun eppes. Entweder hätt der gären eng Strooss, déi méi enk ass, an dir kënnt net dra fueren, an da kann ech mer virstellen, datt d'Leit aus dem ieweschten Deel vun der Strooss – déi dee längste Wee ze fueren hunn – alleguerten dogéint sinn, well se jo eng Éiwegkeet brauche bis se do ënne sinn.

Becker Romain (déi gréng):

Dohir bléisst de Wand!

Breyer Roland, Schäffen:

Neen! Dat ass jo awer normal. Dir hutt fir erauszefueren 20 oder 30 Meter ze fueren. Ech hu 600 Meter ze fueren. Wann ech muss duerch 600 Meter Spiesrutenlaufen eroffueren, da geet mer dat all Dag op d'Strëmp, 10 mol am Dag. Ech sinn och een, deen de längste Wee um Trottoir trëppelt. Dir kommt net dacks bei mech eropgetrëppelt. Ech kommen awer wéinstens eemol am Dag laanscht iech getrëppelt. Ech weess och, wéi d'Trottoiren ausgesinn. Ech fannen dat net dramatesch, wann en Trottoir nëmme 4 Placken huet. Et gi vill där Plazen. D'rue des Alliés huet och nëmme 4 Placken. Bei mir virun der Dier sinn och nëmme 4 Placken. Ech hunn nach ni fonnt, datt dat en Handicap fir d'Leit war.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt awer trotzdem emol eng Kéier de Resumé maachen. Ech mengen, et sinn déi Propositiounen do gemaach ginn. Wat meng Persoun ubelaangt, esou sinn ech komplett averstanen, datt mer e Problem hunn, do, wou mer Vertiefungen hunn am Trottoir. Dat ass net gutt ewéi et ass. An ech muss éierlech soen, datt ech och e «mea culpa» maachen, well dat war mir – wou ech de Projet matgestëmmt hunn – net bewosst.

Et muss een awer wëssen, vu wat mer hei schwätzen. Mir schwätzen elo vun enger Strooss vu 5 Meter, déi mer wëlle maachen. Esou gesäit de Plang et vir. An dat ass bei 1,40 Meter Trottoir. A fir mech läit d'Variante dertëschent. E bësse méi Strooss ofginn an e bësse méi, ... , well et kritt hei keen 100 prozenteg Satisfaktioun. Wa mer den Trottoir esou breet maachen, wéi en elo ass, da riskéiere mer nach manner Strooss ze hunn. Mä wa mer en Deel un den Trottoir knabbere ginn an en Deel un der Strooss, da kréie mer eng Strooss, déi méi breet ass – wou ka gefuer ginn – wéi bis elo a mer kréien een Trottoir, dee méi schmuel ass – wou kann drop gaange ginn – ewéi bis elo. A mir behalen awer e gewëssenen Deel vun Trottoir, dee riicht ass op deene kruziale Punkten.

Wann dat «au détriment» vun enger Rei vu wéinege Parkplaze geet, da kann ech mat där Situatioun liewen. Ech sinn der Meenung, mir kënne weder de Petitionnairë komplett Recht ginn, nach kënne mer et komplett ignoréieren. Mir solle kucke fir e Wee an der Mëtt ze fannen. Mä ech wëll awer nach Eppes soen. Mir mussen awer hei am Gemengerot wëssen, wat mer wëllen. Wëlle mer vun uewen erof soen, esou ass et a mir leeën hinnen eng Variante dohinner? Wa mir där Meenung hei sinn, da kënne mer dat maachen. Mir kënnen awer net bei d'Leit goen an zwou Variantë presentéieren an dann eng komplett aner Variante maachen, déi si eigentlech refuséiert hunn, zu engem ganz groussen Deel. Wa mer déi Variante maachen – do ginn ech dem Här Breyer Recht – da musse mer nach eng Kéier bei d'Leit goen.

Wa mer elo eng Zwëscheléisung fannen, wou mer dann net grad esou vill Parkplaze verléieren, a wou mer iergendwéi iwwerall e bësse knabbere ginn a wou mer e bësse Parkplaze verléieren, e bësse méi eng schmuel Strooss an e

bësse méi schmuelen Trottoir hunn, dann hu mer e Konsens gesicht tëscht deenen 3 Iddien, déi um Dësch leien. Ech mengen, da kann een dat hei fräi decidéieren ouni bei d'Leit mussen ze goen.

Mä wa mer elo higinn a mir maachen déi zweet Variante, déi de Gros – 80% vun de Leit – net wëllen, da mussen d'Leit sech awer fir domm verkaaft fillen. Da soen d'Leit, si waren an déi Versammlung komm, well mer hinnen eppes proposéiert hunn an et gouf driwwer ofgestëmmt. Dann dierfe mer dat an Zukunft guer net méi maachen. Mir mussen hei wëssen, wat mer wëllen. Mä da si mer déi demokratesch Abannung vun eise Bierger – déi jiddereen an der Politik grouss uschwätzt, et soll ee mat de Leit schwätzen an hinnen nolauschteren an et muss een afléisse loossen, wat se soen – lass a mir maachen dat awer net méi. Well et huet kee Wäert fir hinzegoen an d'Leit ze froen, an da realiséiere mer graff dee Projet haut, wou ganz kloer d'Leit zu 90% dogéint waren. Dat – mengen ech – kënne mer haut net méi maachen. Da musse mer an Zukunft aneschters virgoen.

Becker Romain (déi gréng):

Dat ass ganz richteg. Dir hutt vollkomme Recht, datt een dat esou net ka maachen. Mä dat ass an deene leschte Joren déi eenzeg Kéier gewiescht – wann eng Strooss nei gemaach ginn ass – wou d'Leit gefrot gi sinn «Deen oder deen?». Virdru kann ech mech net erënneren, datt do d'Bierger gefrot si ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'rue des Champs, d'rue Philippart, ëmmer ware Reuniounen an ëmmer Varianten.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Här Buergermeeschter, dir hutt gesot, da geet et erop, esou wéi een elo fiert. Ma elo fiert ee scho guer net gutt. Also et ass ee frou, wann een eng Lück fënnt a wann net, da fiert een erëm zeréck. Et ass e Getrierkels ouni Enn. Ech fueren déi Strooss jo selwer vu ganz uewen, well ech jo uewen dat lescht Haus sinn an der rue des Alliés. An ech muss iech éierlech soen, et ass wierklech katastrophal. An nach dës Woch hate mer jo bei eis – bon, et ass en extrae Fall – d'Pompjeeën do, d'Ambulanz war do, d'Police stoung do an dunn ass iwwerhaapt näischt méi gaangen.

Ech hunn iech jo och gesot, am Wanter ass et esou wäit gaangen, datt esouguer bei eis uewen, an der rue des Alliés, d'Schnéischëppen emol guer net duerchkommen. Dee bleift dann an der hallwer Strooss stoen, kippt alles dohinner, fiert da wahrscheinlech erëm hallef zeréck. A wann ee mueres kënnt, da steet ee virun engem Koup Schnéi. An dann ass ee frou, datt een e «Van» huet an driwwer kënnt.

Ech muss éierlech soen, ech sinn och net grad zefridden doriwwer. A wa mer och ëmmer jidderengem noginn, da komme mer och op kee gréngen Zweig. Bon, et ass nun eben eemol esou, well déi Leit, déi uewen um Belair sinn, hunn och alleguerten Autoen a si mussen och kucken, datt se erofkommen. An dofir kann ech mer denken, datt der vill dogéint waren a gesot hunn, si wéilte gäre Parkplazen hunn an da geet et op d'Käschte vum Trottoir. Esouvill Leit ginn och net zu Fouss erof. Wann een de Belair emol all Dag geet, da gesäit een, datt nëmmen e puer Leit do erof ginn. Well déi meescht huele souwisou den Auto, well et wäit ass bis an den Zentrum.

Becker Romain (déi gréng):

Et ginn awer ganz vill Leit, déi do spadséiere ginn, déi eng Säit erof an déi aner Säit erop ginn. Et si ganz vill eeler Leit, déi do erop an erof spadséiere ginn.

Mir fänken elo net hei un ze grimmelen. Wat awer och e Fait ass, dat ass, datt Leit mat risegen Autoen déi Stroossen eroffueren. Normal, datt déi an där Strooss net laanschtenee kommen. Normal, datt – wann éierens e Pompjeesauto steet – all déi aner solle stoe bleiwen. Op der Haaptstrooss mussen se och op d'Säit fueren, wann e Pompjeesauto kënnt. Och normal.

Wat ech awer gutt fannen, dat ass dem Buergermeeschter seng Zwëscheléisung, déi hien an d'Spill bruecht huet. Pardon, déi den Här Breyer an d'Spill bruecht huet, wou op all Säit e bësse geknabbert gëtt. An et ass natierlech och gutt, datt de Buergermeeschter déi och proposéiert.

Domatter kann ee liewen. Et ka jiddereen e bësse Waasser a säi Wäi schëdden.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et gi fir mech haut beim Vote zwou Méiglechkeeten. Entweder mir decidéieren, datt mer et esou si loosse wéi mer et gestëmmt haten an et bleift dobäi. Oder mir ginn op eng Zwëscheléisung iwwer. Déi drëtt Léisung, déi den Här Breyer elo just an d'Gespréich bruecht huet, fir ze soen, mir maachen déi éischt Variante an déi keen an der Strooss wollt, déi kënne mer net haut knallhaart duerchsetzen. Do sinn ech dogéint. Déi aner zwou Méiglechkeete ginn an do soll jidderee seng Responsabilitéiten huelen.

Becker Romain (déi gréng):

Dat ass richteg.

Breyer Roland, Schäffen:

Déi Knabberméiglechkeet ass einfach séier gesot. Dat ass awer technesch net esou séier auszeféieren.

Becker Romain (déi gréng):

Här Schiltz?

Breyer Roland, Schäffen:

Wat hätte mer gären? Mir hätte gären, datt zwee Autoe laanschtenee kommen, mir hätte gären, datt net gerannt gëtt an der Strooss, mir hätte gäre Parkplazen, mir hätte gären e breeden Trottoir. Dat geet net op. Also muss een enzwousch knabbere goen. Da stellt sech d'Fro, muss den Trottoir op deenen zwou Säiten esou breet sinn, oder geet et duer wann en op enger Säit esou ass?

Becker Romain (déi gréng):

Et kann een e jo versetzen.

Breyer Roland, Schäffen:

Et kann een e versetzen. Et kann een en ofwiesselnd breet maachen. Dat ass dat, wat mer an der zweeter Léisung praktesch haten. Do ass den Trottoir op enger Plaz 2,10 Meter gewiescht an op där anerer Säit 1,50 Meter.

Gutt, dat ass eng Méiglechkeet. Da ginn awer och Parkplaze verluer, wa mer gären hätten, datt d'Leit laanschtenee kommen, an och d'Urgence soll fonctionnéieren. D'Verkéierskommissioun huet eestëmmeg proposéiert, fir déi 3,50 Meter fir de «couloir de secours» ze respektéieren. Dat wëll ech awer och emol hei soen. Da ginn awer och Parkplaze verluer. Ob der elo 30 verluer ginn, wéi et an der Solutioun 2 virgesi war, esou kann een do kucken, ob een a Plaz 3 Encochen der nëmmen 2 oder eng mécht. Ob se alleguerten esou breet oder esou laang musse sinn, da kann een nach diskutéieren. Da gi vläicht nëmme 15 oder 20 Parkplaze verluer. Mä et ass – wéi ee seet – eng technesch onpropper Léisung. Et ass e Kompromëss, deen erëm eng Kéier net muss fonctionnéieren.

Dir gitt Gott sei Dank vill zu Fouss. Mä fuert emol mam Auto vun uewen erof, fuert mueres emol eng Kéier géint 8 Auer erof, dat ass e «parcours du combattant». Wann der Chance hutt, da gitt der ganz séier Gas fir erofzekommen, éier deen anere sech ënnen engagéiert huet. An dee steet dann ënnen op der Millen ze waarden. A wat schro ass, do geschitt eng Kéier en Accident. Déi Leit, déi sech an d'Belair-Strooss engagéieren, déi iwwer déi geféierlech Kräizung musse kommen, déi gesinn dann, datt Leit do erofgedonnert kommen, déi dann engagéiert sinn, an déi kommen net eran. Déi stinn an der Kräizung.

Becker Romain (déi gréng):

Jo. D'Foussgänger ginn eens ënnereneen. Firwat ginn d'Autoschaufferen net ënnereneen eens?

Breyer Roland, Schäffen:

Foussgänger sinn der net esouvill ënnerwee.

Becker Romain (déi gréng):

Firwat dann?

Breyer Roland, Schäffen:

Et si keng 139 op den Trottoiren.

Becker Romain (déi gréng):

Wa mir méi Rennstroosse bauen a méi breet Stroossen. Et ass jo normal, datt – wa mir d'Trottoire méi schmuel maachen – ëmmer manner Foussgänger ënnerwee sinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn d'Techniker hei sëtzen. Ech géif den Här Schiltz gäre lauschteren. Ass eng Solutioun denkbar, wa mer iwwerall e bësse grimmele ginn?

Schiltz Yves, Ingénieur (Gemeng Péiteng):

Wa mer op all Säit 30 Zentimeter, also eng Trottoirsplack, bäi maachen, da si mer praktesch op der Situatioun, wéi se aktuell ass. Natierlech och mat deene Contrainten.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et muss ee rechnen. Mir hunn 1,40 Meter. Wa mer elo op all Säit 30 Zentimeter bäi maachen, dann hu mer 60 Zentimeter manner an der Strooss. Déi Propositioun, fir vläicht bei deem engen Trottoir eppes bäi ze maachen an op deem anere vläicht net, kann ech och nach akzeptéieren. Wa mer an enger Strooss vu 5 Meter 60 Zentimeter ewechhuelen, dann hu mer eng Stroossebreet vu 4,40 Meter. Par rapport zu deem, wat mir hei gestëmmt hunn. Dat ass, wa mer op béid Säiten 30 Zentimeter bäisetzen. Wa mer elo eng Säit nëmme maachen, da kann ech och domatter liewen. Wa mer dat verschiben, dann hu mer nëmmen 30 Zentimeter an da behale mer an der Strooss 4,70 Meter.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech géif proposéieren, fir d'Breet vum Trottoir ze verschiben. Déi eng Säit ufänke mat 1,80 Meter an – ech soen elo emol – dat 200 Meter goen ze loossen an dann den Trottoir erëm méi schmuel ze maachen, an dann déi aner Säit den Trottoir erëm eng Kéier méi breet ze maachen. Esou datt dann e bëssen dee Pendeleffekt dorausser entsteet. An datt dann do, op deene Plaze wou dee Pendeleffekt ass, keng Autoe stinn. An dobäi kucken, datt mer esou en Espace dra kréien an uewen da kënne weider normal fueren. Dat schéngt mer déi eenzeg Léisung ze sinn. Denkbar ass alles. Um Pabeier, 11,80 Meter léisst sech e ganze Koup deelen an den Emplacementer. 2 Meter hei, 2,10 Meter, mä et muss een awer och realistesch kucken, ob et fonctionnéiert. An dat heite kéint fonctionnéieren. Mir kënnen näischt méi an der Mëtt maachen, also vu Massiven. Do ass et eriwwer. Mir kënnen elo nach ganz séier mam Entrepreneur zesumme kommen, a mam Büro, fir dat ze maachen. Wa mer e Kompromëss op déi Manéier fannen, da géif ech et e staarkt Stéck fannen, wann de Gemengerot dat eestëmmeg géif stëmmen. Mir kënnen natierlech och erëm Politik an deem Ganze maachen.

Becker Romain (déi gréng):

Neen. Et ass souwisou nach de Fakt, datt iergendwann eng Kéier e ganze Koup Autoen, wou ech virdru gezielt hunn an déi do geparkt sinn, dann net méi do stinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir gesinn elo, datt se eng Solutioun fannen a si wäerten och duerno eng Solutioun fannen. Et muss net all Mënsch dobausse stoen.

Becker Romain (déi gréng):

Och déi, wou ech soen, di mueres dohinner kommen, den Auto dee ganzen Dag stoe loossen an owes fueren se mam Auto erëm fort.

Breyer Roland, Schäffen:

Do hu mer nach keng «zone résidentielle», fir den Disque elo ze leeën.

Becker Romain (déi gréng):

Well iergendwann sinn déi jo och net méi do.

Breyer Roland, Schäffen:

Wann de Café eng Kéier net méi do ass, gëtt d'Situatioun souwisou besser am ënneschten Deel.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir eenegen eis op e Kompromëss.

Thein Joe (adr):

Mir kënnen och mat deem Virschlag, deen den Här Breyer gemaach huet, averstane sinn. Mä dann denken ech mer awer, datt mer formell missten awer de Punkt 13.1. vum Ordre du jour huelen, wa mer do elo nach net ..., ech mengen, et wier falsch, wa mer elo géingen hei e Punkt stëmmen, mat Jo oder mat Nee, wa mer awer der Meenung sinn, datt mer e Konsens kënne fannen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir stëmme fir de Konsens.

Thein Joe (adr):

Mä da stëmme mer jo d'Petitioun mat «Jo».

Breyer Roland, Schäffen:

Neen. Mir huelen de Leit hir Bedenken zur Kenntnis. Mir kucke fir hinnen entgéint ze kommen. Mir kënnen hinnen awer net op der ganzer Längt vun der Strooss entgéint kommen. Dat heescht, mir ginn hinnen entgéint andeems mer soen, datt den Trottoir op Plazen esou bleift, ewéi en ass, an op anere Plaze gëtt en e bësse méi schmuel gemaach. Da kréie mer haaptsächlech déi Leit zefridden, déi och an deem Deel wunnen. Et ass keng al Persoun, déi owes an der rue des Alliés fortgeet an déi e Kilometer duerch d'Strooss geet. Dat hei si Leit, déi an der Mëtt vun der Strooss an am ënneschten Deel wunnen, déi eventuell dann zefridde sinn. A wat ass dann? Da mussen se vläicht op déi aner Säit vun der Strooss goen, wa se den Trottoir gäre méi breet hätten. Mä datt de breeden Trottoir garantéiert ass op enger Säit an net op deenen zwou Säiten.

Thein Joe (adr):

O.K. Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat heescht, mir maachen e Konsens an deem Sënn. Ech géif och proposéieren, datt mer hei decidéieren, datt mer hei e Konsens maachen. Mir sollen dat vläicht ofschwätzen an e Konsens sichen zwëschen de Weeër mam Trottoir. An datt mer awer dann trotzdem de Plang dem Gemengerot eng Kéier virleeën.

Breyer Roland, Schäffen:

Hu mer d'Aarbechten net ze vill opgehalen doduerch? Jo, mir hu Strofen dran an och Promessen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir kënnen och soen, datt de Gemengerot de Prinzip festhält fir no engem Konsens ze sichen an de Schäfferot mécht d'Exekutioun dozou. Da maache mer dat.

Breyer Roland, Schäffen:

Si mer alleguerten domatter averstanen? Jo?

Accord à l'unanimité pour opter pour la solution mixte suivante:

- **élargir le trottoir de 30 cm sur un côté de la rue seulement;**
- **garder la largeur telle que prévue dans le projet voté sur le côté opposé;**
- **alterner cette solution en vue de casser ainsi la longue ligne droite de 600 m pour des raisons de sécurité et d'urbanisme.**

13.2.

Infrastructures routières.

Décompte concernant la réfection de la conduite d'approvisionnement du réservoir d'eau à Rodange - approbation.

Total du devis approuvé:	*245.000,00 euros TTC*
Total du crédit approuvé:	*245.000,00 euros TTC*
Total de la dépense:	*244.369,82 euros TTC*

Approbation à l'unanimité. Mme Conter-Klein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

14.1.

Transport et Circulation.

Adaptation du règlement général de la circulation (introduction de zones 30 km/h dans les localités de Lamadelaine et de Rodange) – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Wéi de Gemengerot et jo scho weess, et ass keng Iwwerraschung, hu mer wëlles, d'Zone 30 flächendeckend anzeféieren. Zu Péiteng funktionéiert et jo zënter enger Zäit, an déi meescht hu sech lues a lues dru gewinnt. Schwéier Accidenter si Gott sei Dank ausbliwwen. Et ginn natierlech ëmmer erëm kleng Téitschen, déi duerch Onopmierksamkeet passéieren. Mer sinn elo amgaang den Dossier virzebereeden, fir dat op Rodange a Lamadelaine auszebreeden, also iwwerall do, wou eng „voirie vicinale" (Niewestroossen) ass. Iwwerall do wou eng Staatsstrooss ass oder wou e „chemin repris" ass, do zielt et net. Do bleiwe mer de Moment eraus. Dat ass vläicht an enger zweeter Etapp méiglech. De Moment schwätze mer vum normalen Uertsnetz, wou am Fong geholl d'selwecht gemaach gëtt ewéi zu Péiteng. D'Schëlter ginn ewech geholl an et kënnt „Zone 30" dohinner an d'Entrée vun der Zone stoen. D'Foussgängersträifen a rouder Faarf weisen d'Entrée vun der Zone un. Aner Foussgängersträifen, wa se net a Verbindung mat dem Schoulsécherheetswee stinn, ginn ewech geholl. Déi mat der Schoulsécherheet ze doen hunn, bleiwe bestoen an et kënnt am Prinzip Rietsvirfaart dohinner. Dee ganzen Dossier ass elo fäerdeg. Wann de Gemengerot elo mat deem averstanen ass, da geet dee weider un d'„Commission nationale de la circulation". Déi brauchen nach hir Zäit. Mer kucken, datt mer nach virun der grousser Vakanz – esou wéi et d'lescht Joer war – de positiven Avis ze kréien. A wann si den Dossier da begutachtet hunn, dann dierfen d'Aarbechten eréischt ufänken. Da kënnt déi Tëschephas, wou déi eng Schëlter ewechgeholl ginn an aner dohinner kommen. Et ginn och Tuten driwwer gehaangen. D'Verengung vu Stroossen – wou méi wéi 5 Meter breet Stroosse sinn – un der Entrée vun der Zone gi gemaach. Déi Saache gi mat Zeechnen um Buedem oder duerch kleng Konstruktioune gemaach. A wann dat komplett fäerdeg ass – mer hoffen am Oktober oder November -, da kënnt d'Kommissioun nach eng Kéier erof a kuckt, ob dat alles fachgerecht exekutéiert ginn ass, esou wéi de Gemengerot dat och gestëmmt huet a si dat och guttgehalen hunn. A vun deem Moment u gëtt et dann effektiv. Wa mer e bësse Chance hu wéi zu Péiteng, da kënne mer Rodange a Rolleng an därselwechter Kadenz eranhuelen ewéi Péiteng, an dat bis un d'Enn vum Joer. D'Detailer leien hei vir. Et ass eng Modifikatioun vun eisem Verkéiersreglement, wou einfach drastoe kënnt, datt dëst oder dat Schëld iwwerflësseg ass, datt dat anert derbäi kënnt well et d'Zone 30 ass, datt d'Rietsvirfaart gëllt, déi dohinner kënnt, mat de Foussgängersträifen déi derbäi respektiv ewech kommen.

Dat Ganzt steet elo zur Diskussioun. A wann dat hei ofgestëmmt soll ginn, da geet et direkt an d'Stad bei d'Kommissioun fir en technescht Gutachten.

Stoffel Marco (LSAP):

Dat do ass eng Kontinuitéit mat där Saach vu Péiteng, wou mer jo gesinn hunn, datt dat ka funktionéieren. Et ass och wichteg, datt een dat och zu Rodange an zu Rolleng mécht, esou datt d'Leit wëssen, wa se vun der Haaptstrooss eroffueren, et d'selwecht ass an deenen 3 Uertschaften. An dofir ass dat do nëmmen ze begréissen.

Breyer Roland, Schäffen:

Et gëtt e „sentiment d'appartenance" an der Gemeng, esou datt déi Rodanger net mengen, si wiere verstouss, mä datt si och an deemselwechte Boot ewéi Péiteng sinn.

Accord par 13 voix "oui", 1 voix "non" (adr) et 1 abstention (Mme Birtz). Mme Conter-Klein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

14.2.

Transport et Circulation.

Règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation routière relatif à la migration des batraciens à divers endroits à Lamadelaine – confirmation.

Breyer Roland, Schäffen:

Wéi „alle Jahre wieder" hu mer den 10. Mäerz dat Reglement geholl, wou et ëm d'Migratioun vun de Fräsche gaangen ass. Do ass jo dann all Kéier de Wee „Im Gieschtefeld" an der

Summerzäit zou vun owes 9 bis moies 7 Auer, fir déi Déieren ze schützen. Dat soll bis zu 3 Méint daueren. Mir hunn och Virschléi kritt vu Leit, déi do wunnen an och Leit, déi gefrot hunn, ob dat net och mat Tunnelle geet, esou wéi dat hei zu Péiteng gemaach ginn ass. Mir hunn dat ugeholl a gesot, mir géifen dat weider ginn un den Environnement, un d'„Administration des Eaux et Forêts", fir ze kucken, ob do net esou eppes ze maache wier. Well et gesäit een awer, datt vill Fräschen do leien, déi dout sinn. An dat well et vläicht net ëmmer esou respektéiert gëtt wéi dat sollt sinn. Et gëtt zwar zou gemaach, mä gutt. D'Fräsche sprangen och scho vläicht viru 7 Auer dorëmmer, ier d'Barrière zou ass.

Et muss ee kucken ob esou eng Léisung ewéi zu Péiteng ka gemaach ginn. Déi ass vu Ponts et Chaussées gemaach ginn. Mir hunn dat emol weider gereecht, an et muss ee kucken, ob dat fir d'nächst Joer eng Léisung oder eng Alternativ kéint sinn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech sinn drop ugeschwat gi firwat dat just zu Lamadelaine ass. Anscheinend wier et an der Entrée fir op de Péitenger Weier extrem, mä do géif näischt gemaach ginn. Ech war och vu Rollenger Leit aus dem ieweschten Deel aus der rue de la Montagne ugeschwat ginn. Si hu gefrot, ob et net méiglech wier, fir e Schëld dohinner ze stelle well do och Verkéier ass fir do erop an de Bësch. Wat se do maachen, dat woussten si net, mä se fueren nach no 8 Auer do erop. Wann do e Schëld géif stoen, da géifen déi Leit, déi do wunnen, se och oprafe goen. Kënne mer de Leit do iergendwéi entgéintkommen?

Breyer Roland, Schäffen:

Wa mer dat gär hätten, da musse mer dat an d'Verkéiersreglement eranhuelen, mer mussen et mat an d'Verkéierskommissioun huelen an nach eng Kéier ofstëmmen. Mir si jo esou demokratesch partizipativ. A wann dat de Wonsch ass a wann et och argumentéiert ass, da maache mer dat. Ech wëll elo d'Verkéiersreglement hei net sporadesch änneren. Ech hale mech un de Prinzip vun den demokratesche Verhältnisser, dat heescht d'Kommissioune ginn all Kéier fir d'éischt gefrot. Ech wäert dat och an Zukunft bei de Stroosse méi dacks maachen, datt ech fir d'éischt an d'Verkéierskommissioun ginn ier ech bei d'Leit ginn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat wier eng ganz gutt Saach wann dir da méi dacks do wiert, well da kéinte mer verschidde Saache méi séier entscheeden. Mir si jo schonn op e gudde Punkt komm, wou mer méi dacks zesummekommen. Ass dat dann och geduecht fir de Péitenger Weier, obwuel de Parking dann zou wier?

Breyer Roland, Schäffen:

Dann ass iwwerhaapt kee Parking méi do. Ech weess jo, et sinn ëmmer erëm Fräschen do. Et ass jo awer scho vill gemaach ginn. Et sinn Tunnelle gemaach ginn op der Athuser Strooss, an der rue du Stade. Wann de Fräsch esou domm ass. Da komm, mer huelen dat och an d'Verkéierskommissioun.

Confirmation à l'unanimité.

14.3.

Transport et Circulation.

Règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation routière relatif aux travaux de démolition et de construction d'un immeuble à Rodange, rue du Clopp n° 20 – confirmation.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Confirmation à l'unanimité.

14.4.

Transport et Circulation.

Déclaration d'intention concernant un projet INTERREG sur la mobilité douce – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir waren e puer Mol mat deenen aus den Nopeschgemengen zesummen. Dat war haaptsächlech déi Ibbenger Gemeng, déi vu Mont-St-Martin a vu Longlaville. Et lafen och Kontakter a Projete mat Héiseng a mat Longlaville. Et geet drëm, fir einfach e Bouclage ze maache mat deene Vëlospisten oder déi sougenannt „moyens de communication mobilité douce". Do ginn et schonn e ganze Koup Saachen. Laanscht de Contournement ware beim Bau scho Saachen ugeluecht ginn. Mer kréien neier derbäi, mer mussen awer och vläicht neier derbäisetzen.

Et geet drëm fir e Bouclage ze maachen, esou datt haaptsächlech d'Frontalieren aus der Grenzregioun mam Vëlo oder mam Vëlosmotor kéinten heihinner op d'Aarbecht kommen. Si kéinten dann a Sécherheet dësen Trajet maachen an e klengen Ënnerdaach do fanne fir hire Vëlo ofzestellen. Also esou eng kleng Vëlosgarage.

Dat ass en INTERREG-Projet. Mer hunn eis mat den Nopeschgemengen zesummegesat an eng Fiche INTERREG ausgefëllt. Déi huet séier mussen op den Instanzewee bruecht ginn. Do ass eng technesch Fiche ausgefëllt ginn. Do héiere mer, ob mer eventuell dofir a Fro kommen.

Et ass zwar och e Käschtepunkt dobäi bei eis, an zwar vu 621.000 Euro, deen awer ënner dem Strëch eng „Nullrunde" fir d'Gemeng Péiteng géif gi well mer eng Part INTERREG géife kréien a fir de Rescht e „co-financement national" géife kréien. Dat ass eis och scho versprach gi wann den INTERREG-Projet ugeholl gëtt. Da géif de Ministère deen nationalen Deel iwwerhuelen, esou datt ënner dem Strëch nach Null bleift fir eis. De Moment ass et ënnerwee. D'Fichë mussen am Mee eragoen. Da kréie mer eng Äntwert fir eis ze soen, ob se komplett ass oder net. Se gëtt vläicht eng Kéier zeréckgeschéckt an da muss den Dossier ausgeschafft ginn. De Moment ass et jo just eng Absicht, datt mer wëlles hunn, dat zesummen ze maachen.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech fannen, datt dat e ganz gudde Projet ass. Dir wësst et vläicht, am Kader vun der Konventioun mam Ministère si mir amgaang am Pro-Sud zesumme mam Ministère iwwer eng Enquête zur Mobilitéit an den Aktivitéitszonen ze diskutéieren. Mir hunn der jo och hei an der Gemeng. Dat sinn all Aktivitéitszonen, also kommunal, regional an national. Do geet et och drëm fir ze wëssen, wouhier d'Leit kommen, wou se hifueren, wou se wunnen. Mir hu jo hei eng ganz Komponent vu Grenzgänger. Dat soll elo dëst Joer ugoen an – mat Chance – dat anert Joer vum „Luxembourg Institute of Socio-Economic Research" (LISER) ausgewäert ginn. Déi Resultater, déi mer do hätten, wiere wichteg fir an déi Etude afléissen ze loossen. Ech lancéieren elo hei emol den Appell, déi 2 Saachen zesummen ze leeën, respektiv d'Etuden, déi an der Agence Agape – dat ass eng „Agence d'urbanisme", déi och schonn esou Etudë gemaach hunn - gemaach ginn, zesummen ze leeën an dann déi beschtméiglechst Léisungen eraushuelen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mer mussen drun denken, datt Déifferdeng och esou e Projet lafen huet mat Herserange an Hussigny. Jiddereen trëppelt säi Wee. Duerno muss ee sech zesummesetzen, well soss deet erëm jidderee säin eegene klenge Projet lafen.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt och just dobäi soen, datt déi Etude an den Aktivitéitszonë wierklech an d'Betriber erageet. Do wäert och d'Gemeng gefuerdert gi fir ze motivéieren, fir datt d'Firmen an déi Leit, déi do schaffen, matmaachen. Do wäerten duerno d'Realitéiten erauskommen.

Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

15.

Sports et loisirs.

Vote d'un devis adapté au montant de 90.000 euros et d'un crédit supplémentaire de 60.000 euros concernant la mise en place d'un nouveau système de guidage pour parkings dans la piscine PiKo – décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Den aktuelle System entsprécht net méi deem aktuelle Standard, e funktionéiert och net méi. Mir hate gefrot fir deen ale System opzerëschte mat engem neien Informatiksystem. Mä dat huet sech awer schlussendlech als net kompatibel erausgestallt. Deen neie System gesäit net nëmme vir, wéivill Parkplazen nach disponibel sinn, mä och wéivill Leit mer nach dierfen an d'PiKo eraloossen. Och eng Affiche bei de Keese wäert weisen, wéivill Leit nach kënnen eragoen, esou datt d'Leit informéiert sinn. Net datt se an der Schlaang do sti wann de PiKo voll ass. Heiansdo sti se stonnelaang do, an dat ergëtt jo kee Sënn. Dofir wëlle mer d'Leit korrekt informéieren.

Dësen Devis läit bei 90.000 Euro, also 60.000 Euro méi wéi bei initialen Devis, dee mer hei am Gemengerot gestëmmt haten. Dat ass awer och doduerch ze erklären, datt deen neie System iwwer GPRS wäert funktionéieren. Do mussen nei Modemen opgestallt ginn. Mir hunn effektiv och gefrot fir déi Piqueten, déi do stinn, ze halen. Dat ass awer leider net méiglech. An dofir géif ech de Gemengerot bieden, den Devis an den zousätzleche Kredit ze stëmmen, esou datt mer de System fir déi nei Summersaison kënne benotzen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Et ass zwar eng flott Saach, mä mer haten een installéiert, dee keng 3 Méint, ech iwwerdreiwen hei vläicht, mä kee Joer funktionéiert huet. Dat hei ass awer eng schéi Staang Suen, an ech hoffen, datt et klappt. Ech hoffen, datt dat hei besser geplangt ass. Fir 90.000 Euro misst dat dës Kéier jo awer klappen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dir hutt vollkomme Recht, Madame Conzemius. Mir hoffen och, datt dat klappt. Deen anere System ass net gaangen ewéi en hätt missten. Mä wéi gesot, ech sinn awer mëttlerweil hannert eise Beamten, fir datt mir da bei de Fournisseure reklaméieren an dat net einfach lafe loossen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wëll awer eppes soen. Et ass hei gesot ginn, déi Anlag wier net gaangen. D'Uweisung, wéivill Parkplazen nach do waren, ass awer gaangen. Déi lescht Zäit ass et net méi gaangen. Mä déi 10 Joer virdrun ass se awer gelaf. Et ass natierlech schlëmm genuch, datt een no 10 Joer ale Buttek huet an deene Beräicher, an et net méi kompatibel ass wann een en neie Computerprogramm huet. Mä et konnt nach jiddereen ënnen op der Gare feststellen, wéivill Parkplazen nach do waren. Guer net gaangen, dat musse mer awer e bëssen nuancéieren.

Mertzig Romain, Schäffen:

Plazeweis huet en net esou funktionéiert wéi en hätt sollen.

Accord à l'unanimité.

16.1.

Culture.

Approbation du concept et des plans d'un espace muséologique à réaliser dans la Maison Rouge à Pétange – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

De Gemengerot huet d'lescht Joer e Kredit vun 365.000 Euro gestëmmt fir déi Ausstattung vun deem „espace muséologique" ze maachen. Dee soll jo haaptsächlech dem Gedenken un d'Liberatioun an den zweete Weltkrich gewidmet ginn. Do ass eng Firma beoptraagt ginn, déi ganz gutt Aarbecht maachen. Si heescht „NJOY" an d'Nathalie Jacoby ass d'Innenarchitektin. An deem klenge Raum ënner dem Dag soll en Espace entstoen, dee ganz séier a ganz intensiv op d'Evenementer vum leschte Weltkrich ageet. Dat geet praktesch den 10. Mee 1940 un an hält den 9. September 1944 op. An dat mat deene Monumenter, déi hei an der Gemeng stinn. Do ass ganz vill Aarbecht gemaach ginn. Mer hunn e Redaktiounscomité, wou de Gemengesekretär awer och de Guy Kummer, en neie Mataarbechter vun eis, d'Geschichtsfrënn, de „Comité du Souvenir de la commune de Pétange", asw. dra schaffen. Do ass ganz vill Material gesammelt sinn, sief et Fotoen oder Texter. Dat gëtt elo an enger Multimedia-Show verschafft, an et kann een dat erliewen, wann een an deen Espace erageet. Dat ass um Späicher vum Rouden Haus an deen ass net ganz grouss. Mer gesinn dat och am „Règlement d'occupation", et si maximal 30 Leit, déi sech do kënnen ophalen, an dann ass e voll. Et kënnt nach eng Trap eran, et ass och nach e Schacht fir de Lift do. De Rescht gëtt gemaach mat Wow-Effekt, an da kann een déi 3 grouss Konzepter vum Musée opruffen. Dës sinn: d'Invasioun, d'Besatzung an d'Resistenz, d'Liberatioun an duerno. Dat kann ee projezéieren, sief dat op d ewéi och op de Buedem. Do gëtt mat vill Technik geschafft. An et kann ee sech weiderbilde mat Detailer op engem 2. an 3. Niveau iwwer iPad, wou ee sech dat ka projezéieren oder et oflafe loossen.

Dat Ganzt gëtt awer och nach am Haus selwer kombinéiert, esou datt et och méiglech ass, sech um 1. Stack ewéi am Accueil – fir déi, déi nach interesséiert sinn – weider ze dokumentéieren. Do sti Computerstatiounen, wou een déi ganz Geschicht nach eng Kéier kann opruffen. Et ass am Fong en edukativen, mä och e pädagogesche Musée. Wa Schoulklasse laanscht kommen, da kënnen déi och um 1. Stack diskutéieren, deen als Ausstellungsraum funktionéiert.

Mer wollten d'Konzept hei virstellen, well mer op där enger Säit de Gemengerot wollten informéieren, datt mer amgaange sinn dat Konzept ze plangen. Et ass nach näischt op der Plaz, et si just Konzepter do. Mä mer wollten dat awer och beim Kulturministère eraginn, well déi eis versprach hunn, eis e Subsid fir dat Konzept ze ginn. Dat ënner der Bedingung, datt de Projet duerch de Gemengerot ofgeseent ass, wat hoffentlech haut geschéie wäert. Si soten, se géifen en Deel vun deenen 365.000 Euro - mir rechne mat

ëmmerhin 30% - ginn, well se eis nach e bësse schëlleg sinn. De Subsid, dee si eis nämlech beim WAX versprach haten, gouf duerch iergendwellech Formalitéiten net méi ausbezuelt. Mer hoffen also, datt mer dee Subsid nach kréien. Et wier flott, wa mer eis hei kéinten eens ginn an dee Projet ënnerstëtzen a mer hoffen, datt de Ministère säi Wuert hält.

Thein Joe (adr):

D'adr ass an der Regel, selbstverständlech, net averstane mat de Leetmotiver vun der Konsensparteiepolitik vun den Aalparteien hei am Gemengerot, huet awer d'Frëndlechkeet an den Anstand, fir Projeten ze felicitéieren, déi getrei onser Philosophie, eng positiv Historie fir ons Gemeng duerstellen – dofir Merci dem Schäfferot, datt haut eng Interpellatioun zu dësem Projet um Ordre du Jour vum Gemengerot, steet. D'adr huet ëmmer Positioun dofir bezunn, datt mir méi oft iwwert Sujete wéi Integratioun, Identitéit a Kulturgeschicht schwätze sollten, well dës Ressorten, eng zentral Roll an der Aufgab vun der Gemengepolitik spillen.

Eisem Argumentär virausschéckend, wëll ech soen, datt d'adr dem Punkt 16.1 vum Ordre du Jour iwwer d'Realiséierung vun engem „espace muséologique" am „Rouden Haus" seng Zoustëmmung ausschwätzt, d'Iddi begréisst, mä punkto Form a Konzeptioun, déi eng oder aner, Rezensioun resp. Suggestioun matdeelt.

Eis national Geschicht ass den Ënnerbau, d'Biographie an d'Mémoire vun eiser Lëtzebuerger Identitéit, a steet domat an enger wichteger Interaktioun, a genau sou wichteger Relatioun, zum Liewen a Wierke vun eiser zäitgenëssescher Politik, an domat zum Versteesdemech, wat et heescht, Lëtzebuerger ze sinn. Déi retrospectiv Vue, an d'Handele vun haut am Versteesdemech a Respekt zur Vergaangenheet, ass e Bekenntnis zu eiser Lëtzebuerger Identitéit, Geschicht a Kultur, an eng ni ze verleegnend Flicht fir all Politiker, deen am Intressi, a bei der Evolutioun vun eisem Land matwierkt. Et ass ee Ruhmesblat fir eng kleng Natioun, hir Resistenzler, Passeuren a Filieriste mat engem staarken Nationalbewosstsënn, déi sech géint een auslänneschen Antagonist an der Verkierperung vum Nationalsozialismus, verdeedegt hunn, déi eis souzesoen, ons Liewensgrondlag als Lëtzebuerger streideg wollt maachen. D'Gemeng Péiteng ass dobäi déi Gemeng, déi, referéirend op de Widderstand, d'Krichserfahrungen an d'Bestouensgeschicht, mä och als éischt Gemeng, déi de 9. September 1944 duerch alliéiert Streitkräften, an och dem éischte gefalenen Amerikaner Hyman Josefson, liberéiert gouf, iergendwou och d'Epizentrum vum 2. Weltkrich hei zu Lëtzebuerg – an dowéinst ass d'Mémoire collective an dat positiivt a negatiivt Ierwen aus der Geschicht wichteg an Erënnerung ze ruffen, an ass och kulturell allgéigewäerteg.

Mam Modell vun engem Musée, deen ëm d'Invasioun, d'Occupatioun an d'Befreiung dréit, maache mir net just een Ausfluch an d'Geschicht, mä beliewe gläichermoossen den Tourismus an d'Attraktivitéit vun eiser Gemeng, déi esou nämlech ee weidere positive Bäitrag zur historescher Wëssensvermëttelung leescht. Péiteng mécht hei offiziell ee richteg verstanene „Nation Branding", a mir wënschen ons, datt déi 365.000 Euro, déi fir de Projet zu Buch schloen, och mat engem finanzielle Subsid vum Kulturministär supportéiert an honoréiert ginn, a sech esou iwwerzeege gelooss gëtt, datt dëst am Intérêt vun der Mark „Lëtzebuerg" ass, an net lénkspopulistesch Projete vun 2.000 Euro, wéi déi vum Kënschtlerkollektiv Richtung22 an hirem Theatersték, – Zitat – „Lëtzebuerg, du hannerhältegt Stéck Schäiss". Vläicht kann ons de Schäfferot, hei ggf. dës Informatioun iwwert d'Matfinanzéierung nach ginn, soubal eng Réckmeldung vum Kulturministär virläit.

Fir ons als konservativ-patriotesch, a nationalromantesch Partei, versteet et sech vum selwen, a léisst sech och vun der Parteiidentitéit ofleeden, datt mir eis national Geschicht gäre conservéieren a fleegen, an d'Missioun dobäi hunn, eise Landsleit d'Identitéitsvermëttlung, an och ee gesond historescht Wëssen, mat op hire Liewenswee ze ginn; dofir fuerdert d'adr och ee wierdege Geschichtsunterrecht, deen all ons Schüler mat eiser Geschicht vertraut mécht, zu Demokraten opkläert a si zu Lëtzebuerger educéiert, déi hir Lëtzebuerger Identitéit net als „Rassismusproblem" gesinn, a si net ideologesch gleewen deet, datt eng Nationalitéit eppes Negatives oder e Produkt am Wandel vun der Zäit ass.

Ech hat déi grouss Chance deemools meng Urgroussbom, déi bis haut e Virbild fir mech ass, nach an de 90er kenne geléiert ze hunn; eng houfreg, gutt gebilten, a chic, nationalkonservativ Fra mat engem groussen Häerz, déi bis an hiren Doud mat 97 Joer, vun engem Weltbild a sengen Ereegnisser geprägt gouf, si huet gesinn a erlieft, eng Welt am 1. an 2. Weltkrich, e kommunistescht Däitschland, e kale Krich tëscht der Sowjetunioun an den Amerikaner, an och nach den islamisteschen Terror vun 2001, fir just e puer Beispill ze nennen. Ënner Liewensgefor huet si an der NS-Okkupatioun ee Mënsch bei sech doheem am Keller verstoppt an d'Liewe gerett – en Akt, dee vill Lëtzebuerger gemaach hunn, a wou sech eng Zivilgesellschaft am Glawen un Heemecht a Monarchie, mä och fir dat Gutt am Mënsch, mat Léif a Liewen agesat huet.

Fir d'Ried ofzeschléissen, erlaben ech mir awer nach e puer Remarquen dozou ze ginn, wat d'adr mengt, wat bei dësem Projet vermësse gelooss gëtt.

Als adr fanne mir déi modern Konzeptioun vum spillereschem Ëmgang mat visuellen Diashowen, Filmprojektiounen, Timeline an Integratioun vum IPad eng gutt Erweiderungsalternativ vun der Museumspädagogik, mä d'Kärzell vun engem „klenge" Musée, soll trotzdem op reellen, materielle Kulturschätz an historeschen Dokumenter a Fotoe baséieren, well „d'Realitéit" ëmmer nach eng méi staark Affektatioun an der Gefillswelt vum Mënsch huet, an de Musée esou ëmsou méi intressant mécht; e Video iwwert de Krich ass haut mam Internet iwwert Videoplattforme consultéierbar, an dat direkt vun der Stuff doheem, ouni Déplacement an ouni Entréesgeld.

Ech géif gären awer een anere Kritikpunkt och nach zur Sprooch bréngen, nämlech genau deen, punkto Lëtzebuerger Sprooch. D'adr ass der Meenung, datt et kee besseren Ausdrock vu Souveränitéit gëtt, wéi d'Mémoire collective mat eiser Nationalsprooch ze éieren an d'Museumspädagogik dofir an alleréischter Linn am Konzept mat der Lëtzebuerger Sprooch ze vermëttelen. D'adr huet näischt géint de Gebrauch vun onsen administrative Sproochen an dem Englesch, als Zousazsproochen oder als Iwwersetzungen, mä a priori muss d'Lëtzebuerger Sprooch déi éischt Wiel sinn, well et och drëms goe sollt, d'Gemeng an d'Land nees méi a Richtung Nationalsprooch ze promouvéieren an ze revaloriséieren. Och dat si mir eise Virfahre schëlleg, déi bei der opgezwongener Persounestandsopnam den 10. Oktober 1941 mat „3x Lëtzebuergesch" gewielt hunn, a sech esou fir hir Mammesprooch solidariséiert hunn. Merci fir Äert d'Nolauschteren.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech hunn elo e ganze Koup héieren, wat ech scho gelies hunn. Dir zielt eis hei déi ganz Historie op. Fir emol direkt ze äntweren, mir maache kee Musée op, mir maachen en „espace muséologique", wou sech maximal 30 Leit op enger Fläch vu 50 Quadratmeter kënnen treffen. An datt do net vill Plaz bleift fir Mannequinen an Dokumenter, dat ass vun

Ufank u gewosst. Dat ass och net d'Ambitioun gewiescht. Et gi genuch Muséeën hei am Land, déi konsequent dorop opgebaut sinn. Zu Dikrech ass een, zu Esch ass de Liberatiouns- a Resistenzmusée.

Hei weise mir Fakten, déi einfach um Gebitt vun der Gemeng geschitt sinn a wou mir einfach déi lokal „Kunde" maachen. Hei hu mir 20 Zeien a Placken an der Gemeng, déi mir de Leit wëlle méi no bréngen. An dat well all Plack en Affer mat sech bréngt an eng tragesch Geschicht huet. Dat wëlle mer op eng modern, interaktiv Aart a Weis duerstellen. Dobäi wëlle mir haaptsächlech un d'Kanner erukommen. Et ass geduecht, datt d'Schoulklassen hei passéieren. Wou d'Madame Conter eis d'Schoulorganisatioun virgestallt huet, do hu mer gesinn, wéivill Schoulklassen datt mer hunn. Do ass scho vill Betrib, wann déi eng Kéier am Joer do laanscht ginn. Mer hunn eng Broschür erausginn, déi d'Viviane Daman op Lëtzebuergesch geschriwwen huet, an et wäerten nach där Saachen dobäi kommen. Et ass e ganze Prozess, deen do leeft. Mir sinn also bescheiden. Mir wëlle kee Musée opmaachen, mä en „Espace muséologique et de réflection" maachen, wou déi 4 Sprooche virkommen a wou Lëtzebuergesch grad esou gutt ewéi Däitsch, Englesch a Franséisch gebraucht gëtt. Deen „espace" ass och op enger Plaz, wou och den „Accueil touristique" ass a mir Touristen empfänken. An all déi Gedenkzeremonien, déi mer bis elo organiséiert hunn an déi och wäerte bleiwen, kënnen esou e wierdege Kader fanne mat deem Instrument, wat hei nach derbäi kënnt.

Ech géif iech einfach roden emol ze kucke wann et fäerdeg ass, also an 2 bis 3 Méint. An dësen „Espace muséologique" ass och net exklusiv. Et gëtt ëmmer versicht auszebauen an opzebauen. Do kann een nach Dokumenter afidderen, an do mussen och Dokumenter agebaut gi fir datt en attraktiv bleift. Ech sinn iwwerzeegt, dat mer ganz gutt Aarbecht gemaach krute mat deene Leit alleguer, déi eis bis elo gehollef hunn. Do waren e puer Professeren derbäi, Lokalhistoriker, déi eis ganz vill gehollef hunn.

Dat anert ass dat, wat dir eis iwwer är Famill erzielt hutt. Dat ass interessant, mä dat gehéiert net an de Musée dran. Dat si Geschichten, déi ganz interessant sinn. Ech kéint iech déiselwecht vu mengem Bop zielen, dee vun der Gestapo geholl gouf an esou weider. An esou kéint all Mënsch eng Geschicht aus senger Famill zielen. Et ass interessant ze wëssen, datt dat do war. Ëmsou besser ass et, wa mer eppes hu wat neutral ass a wou Elementer zur Sprooch kommen, déi wichteg fir d'Geschicht vun eiser Liberatioun a vun der ganzer Besatzung sinn. Ech sinn iwwerzeegt, datt et eng ganz gutt Saach gëtt.

Nach eng Kéier, et gëtt kee Musée, et gëtt en „Espace muséologique", ganz bescheiden. An dir wäert iech wonnere wann der do erakommt, datt der net vill gesitt ausser e Miwwelsték a Projekteren. Méi ass net do. Et si keng Wänn do, et ass näischt do fir opzehänken, et ass alles schif. Gitt emol einfach eng Kéier kucken, et ass emol keng Plaz do fir e Mannequin hinzestellen.

Thein Joe (adr):

Mir freeën eis jo op de Projet. Et ass ëmmer nees interessant fir e Feedback ze ginn. Mir si jo net hei fir e Kaffiskränzchen ze halen, mä mir si selbstverständlech hei fir Iddie mat op de Wee ze ginn. Mir als adr hunn eis och deen dote Sujet ganz kloer op de Fändel geschriwwen. Mir sinn am Fong geholl den Affekot vun der Lëtzebuerger Identitéit, verstitt dir? Dofir si mer hei fir „Input" ze ginn, a mir hoffen och op eng deementspriechend Ëmsetzung.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech sti geschwënn am „garde à vous" hei.

Thein Joe (adr):

90% vun der Ried hätt een och kéinten ënnerschreiwen, well déi zwou Zeilen iwwer meng Bom war e léiwen Zousaz, deen ech wollt ginn. Mä op 90% vun der Ried si mer gespaant, ob déi dann och esou si wéi se ëmgesat solle ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Gesitt der, elo hutt dir iech scho gewonnert, datt eng rout-schwaarz Koalitioun esou eppes Flottes ka brénge wat är Identitéit an är Iwwerleeungen esou gutt kann erëmbréngen op engem Punkt. Net op ville Punkten, mä op engem Punkt huet dat jo geklappt.

Brecht Guy (LSAP):

Ech bleiwe ganz kuerz beim Thema Zweete Weltkrich. Péiteng huet zwar déi gréisste Geschicht, wat d'Befreiung an d'Besatzung ugeet, mä ech wollt awer och nach drun erënneren, datt zu Rodange op der Grenz, do wou d'Groussherzogin an d'Exil gefuer ass, och nach eng Plack hänkt. Fréier, wéi de Jean-Marie nach President vum Syndicat zu Rodange war, huet en ëmmer drop gehale fir virun der Zeremonie vun Nationalfeierdag bei déi Plack ze goen. An ech wier frou, wann dat och erëm géif opgefrëscht ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Also all déi Placken – et sinn och nach e ganze Koup anerer do – bei de Fussballsterrainen, bei der Schmelz. Rodange huet e ganze Koup, an déi sinn e feste Bestanddeel vun deem, wat mir gesammelt hunn. Dat kënnt och an deem „espace muséologique" erëm. Déi Zeremonie gouf vum Syndicat d'initiative vu Rodange organiséiert. Do war der Madame Holcher hire Papp nach derbäi. Wou hie President war, gouf déi Plack gemaach. Et waren am Fong zwou Placken do, well se zwee Joer hannerenee komm sinn. Deen neie „Comité du Souvenir" huet de Syndicat d'initiative vu Rodange ugeschriwwen, datt, wa si en net méi wéilte maachen, da géif de Comité dat iwwerhuelen. De Syndicat d'initiative hat vergiess, an d'Versammlung ze kommen. Elo kucke mer, ob dat déi nächste Kéier klappt an dann diskutéiere mer doriwwer.

Accord à l'unanimité.

16.2.

Culture.

Nouveau règlement d'occupation des différents espaces du site WAX à Pétange – approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass just eng Adaptatioun vun dem Reglement, dat mer bis elo haten. Mer haten e Reglement wou dra stoung, wie wat am WAX dierf maachen.

Do ass um 1. Stack de Sall Atelier haaptsächlech fir d'Konscht-Millen reservéiert, wat och bleiwe wäert.

De Multifunktiounsraum um Späicher ass geduecht fir Aktivitéite vu kultureller a gastronomescher Natur. Hei huet d'Gemeng Prioritéit, duerno d'Konscht-Millen an duerno de Restaurateur fir eventuell gastronomesch Saachen ze maachen. Genau esou wéi et bis elo war.

Da kommen awer elo 2 oder 3 Raim bäi. Dat sinn déi Paraventen, déi elo gebaut sinn, an déi all Kéier eng Szène hunn. Déi viischt ass „Moulin Rouge" genannt ginn. Doriwwer kann een nach diskutéieren, mä d'Architektin, d'Madame Fabeck, huet gemengt, et wier eng Kombinatioun vu „Moulin"

a „Maison Rouge“. Mer hunn et emol esou iwwerholl. Et ass och eng Szène no hannen hin, déi op d'Terrass geet an déi och ëmmer do war, mä déi elo méi ausgebaut gouf. Déi Szène no vir, also de „Moulin Rouge“, soll haaptsächlech fir d'Gemengeverwaltung virbehale si fir do Organisatiounen ze maachen. Da fir de Syndicat d'Initiative et de Tourisme, deen do eventuell soll déi kulturell an touristesch Animatioun matdroen. An duerno fir déi Lokalveräiner, déi am kulturelle Beräich schaffen. Et kéint ee sech also virstellen, datt déi Péitenger Musek, Här Becker, do e Concert gëtt. D'Szène ass grouss genuch. Si ass 15 Meter breet a 4 Meter déif. Et ass och en Ofstellraum derbäi an et ass och Stroum do. Do kéint ee sech virstellen, datt och do Saache geschéien, déi awer ëmmer am Aklang mat deem sinn, wat um Site geschitt. Dofir gëtt d'Koordinatioun vun der Gemeng aus gemaach, also vum Här Kummer, deen um Site do sëtzt a Reservatioune mécht fir dat eent oder anert.

D'Szène no hannen, also d'Brasserie-Szène gëtt haaptsächlech vun der Konscht-Millen oder der Brasserie bedriwwen, well dat ass meeschtens mat engem Iessen oder mat Entrée verbonnen. Dat ass méi ofgeschiermt, iwwerdeems et viraus éischter eng „libre prestation“, eng Animatioun ass, déi no vir hinner geschitt a wou de soziokulturellen Espace virun der Dir ass an d'Leit sech treffen.

Dat Rout Haus selwer besteet aus 3 Niveauen. Um 1. Niveau ass den Empfang a wou den „accueil touristique et culturel“ ass a wou och d'Promotioun geschitt. Hei kënnen d'Leit Prospekter oder Informatioune sichen, se ginn de Musée besichen.

Um 1. Stack ass e polyvalente Versammlungsraum, wou keen e Sëtz dran huet. Dat ass geduecht fir datt d'Konscht-Millen hir Versammlunge kënnen do treffen. Et kann awer och sinn, datt de Syndicat mat deenen zesummekënnt, déi di kulturell Animatioun maachen. De Sall ass awer och geduecht fir Konveniater, Schoulklassen, esou datt déi sech do kënne fir eng Visite vum Musée treffen an dann do nach weider Informatioune kënne sichen oder doranner nach kënnen diskutéieren.

Uewenop ass den „espace muséologique“, deen ass just op Visite méiglech. Do muss ee während verschidde festgesaten Zäiten dohinner goen oder sech ënne mellen, wou een eng geféiert Visite kritt respektiv e Rendez-vous kritt.

Am Rouden Haus sollten owes no 11 Auer keng Aktivitéite méi sinn. Et sollen och keng Consommatiounen do gemaach ginn. Receptiounen an alles wat mat der Verfleegung vun de Leit ze doen huet, geschitt am WAX selwer oder op der Plaz virdrun. Awer nëmme vun der Gemeng. Et ass net, datt d'Musek e Wisefest op der Plaz maachen. Déi Saache sinn der Gastronomie iwwerlooss oder an der Kollaboratioun mat deem, duerch deen et kéint geschéien. Dat ass am Fong deen neie Kader, dee mer eis gesat hu fir do d'Méiglechkeeten ze hu fir Manifestatiounen an Organisatiounen ze plangen. An dat vun eis aus ewéi vun deenen, déi um Site sinn oder déi, déi vu baussen op de Site kommen.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hu just eng kleng Verständnisfro. Dat do ass ze begréissen. Esouguer den Numm „Moulin Rouge“ fannen ech e ganzt flott Wuertspill, wat op de Site passt. Dir hat virdrun erkläert, datt déi Szène hannenaus, d'Szène Brasserie, an Zesummenaarbecht mat dem Restaurateur sollt oder misst funktionéieren an et mat Iessen an Drénke verbonne wier. Mä wat virun dem Haus op der Szène „Moulin Rouge“ stattfënnt, kann een do och vum Service vun der Brasserie profitéieren?

Breyer Roland, Schäffen:

Et kann ee keng Konkurrenz maachen.

Becker Romain (déi gréng):

Neen, neen. Mam Restaurateur respektiv wann déi Brasserie dann eng Kéier funktionéiert.

Breyer Roland, Schäffen:

Den 3. Mee geet et op.

Becker Romain (déi gréng):

Am Rouden Haus selwer ass jo virgesinn, wien déi Säll ka benotzen. Do ass ee vun de Benotzer de Syndicat d'Initiative de la Commune de Pétange. Dee geet jo awer net ganz dohinner?

Breyer Roland, Schäffen:

Neen. Et kritt keen e Siège do. De Syndicat ass mat an där „structure d'accueil“ derbäi, an dat fir déi Struktur ze verstäerken. Dat heescht, de Guy Kummer, dee mer do genannt hunn op déi Plaz, ka jo net éiweg do sëtzen an all Visitë matmaachen. Do ass de Syndicat d'initiative, deen déi Struktur verstäerkt. Dee stellt Guiden a Permanencen zur Verfügung an déi musse sech heiansdo treffe fir Organisatiounen zesummen ze maache mat der Konscht-Millen oder mat der Gemeng. An dee Moment treffe si sech am Sall. Mä de Syndicat d'initiative huet do kee Siège. Do gëtt keen Dossier mat erof geplënnert. De Sall bleift neutral.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hat dat da falsch verstanen. Merci.

Approbation à l'unanimité.

16.3.

Culture.

Déclaration d'intention concernant une participation de Pétange à la «Capitale Européenne de la Culture 2022» - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Do ass jo scho vill driwwer geschwat, spekuléiert a gelies ginn. Fir d'Europäesch Kulturhaaptstad 2022 ware mer och schonn an e puer Versammlungen zu Esch derbäi. Am Ufank si mer iwwerschott gi mat Neiegkeeten, déi eis net esou gefall hunn. Dat huet sech alles e bësse gekläert. Net méi spéit ewéi de 15. Abrëll hate mer eng Reunioun hei mam Organisatiounscomité a mat de Vertrieder vun der Stad Esch fir e bësse méi Kloertext ze schwätzen.

Wat net richteg ass a wat mir och net akzeptéiert hunn, dat war, datt einfach eng Participatioun soll „par type de tête d'habitant“ geholl gi mat engem Maximum. Déi sollt een abezuelen a da géif ee kucken, wat een zesumme mécht. Domat ware mir net averstanen. Mir hätte léiwer de „bottom up“-System gehat. Wat kann ee maachen? Wat kann een an eiser Gemeng maachen? Wat kascht dat? Wann een dovunner ausgeet, datt dee ganze Budget sech op 50 oder 60 Milliounen Euro beleeft a wou een de Moment nach virsiichteg soll sinn, a wann een dovunner ausgeet, datt de Staat 2/3 wëll iwwerhuelen, da bleift nach 1/3 ze finanzéieren. Et muss een emol kucken, wat alles gewënscht gëtt.

Mir kéinten eis virstellen, datt, wa mir als Péitenger Gemeng soen, mer wieren averstane fir deen dote Projet ze realiséieren, dee mir gäre bei eis hätten a mir wëllen dofir

z.B. 500.000 Euro ausginn, da misst ee jo 2/3 vum Staat derbäi kréie well mir jo deen 1/3 bréngen. Da kéint ee soen, et géif een de „bottom-up"-Mechanismus verfollegen. A wann een nach eng Kéier esou vill bäigeluecht géif kréien, da kréie mer awer iergendwéi Projeten, déi bei eis sinn. Dat ass och an där Diskussioun mat dem Escher Vertrieder a mam Comité erauskomm, datt dat och esou kann a soll geschéien. Déi ganz Dynamik soll iwwer ee Joer lafen. Dat si 4 Saisonen, déi solle beliicht sinn. Wann ee just 50 Wochen am Joer hëlt – a mir hunn 10% vun der Bevëlkerung – da kéinte mir theoretesch 5 Wochen hei an der Péitenger Gemeng eppes hunn. Do misste mer just Projete fannen, a mir hunn e ganze Koup ugedeit.

Mir hunn eng gewësse Kultur hei wat d'Eisebunn a wat de Fond-de-Gras, d'Minièren an d'Stolindustrie ugeet, mä mer hunn awer och aner Kulturen, déi ee kann ausbauen a festegen. Zum Beispill d'Fuesent ass eng Kultur, déi all Joer vill Leit unzitt a scho laang existéiert. Mir sinn déi eenzeg Gemeng an deem Ganzen, déi en Dräilännereck huet an déi och iwwer d'Grenzen eraus Verbindungen huet. An do gëtt et e Potential u Projeten, déi mir kéinten developpéieren an déi einfach X Sue kaschten. A wann déi Projeten ugeholl ginn, da géif déi Matfinanzéierung vun deem Organisatiounscomité derbäi kommen, esou datt mer e flotte Projet oder eppes Bleiwendes fir d'Zukunft kéinte schafen. Mir wëllen net onbedéngt grouss Zentren opbauen, mä mir wëllen awer eppes hu fir datt mer markant derbäi sinn an net just den „zahlender Sachse" sinn. Dat ass och esou ugeholl ginn.

Doropshin ass da gesot ginn, dat wier de Wee, wéi et géif goen a mir géifen och kontaktéiert gi wann de Projet definitiv steet. An enger éischter Phas muss e jo deposéiert ginn, an da kënnt en am Hierscht nach eng Kéier erëm, an da kënnt en dat aner Joer am Februar nach eng Kéier definitiv op den Dësch. Da géif och e Comité gemaach ginn.

Ech hunn zwar ëmmer meng Zweiwele wat esou an déi Richtung leeft, och wann ech dann héieren, wat iwwermuer an der Pressekonferenz zu Esch soll geschwat ginn. Do si scho Comitéen, déi dohinner geluecht ginn a wou Péiteng guer net dra steet. Et gëtt einfach gesot, de Péitenger Buergermeeschter oder de Péitenger Gemengerot hätt sech averstanen erkläert fir dat Ganzt mat ze maachen. Et si scho Comitéen do, wou d'Buergermeeschtere vun Déifferdeng an Diddeleng nieft deene vun Esch am Organisatiounscomité gesinn. Da versti mer eis op eemol nees ganz gutt. Dat ass déi grouss Achs, déi sech do nees entwéckelt, a wou Péiteng duerno nees just den „zahlender Sachse" ass. Do solle mer eis dogéint wieren, ganz kloer. Et ass gesot a versprach ginn, datt mir deementspriechend an och zäitlech an deene Perioden, un deene mir interesséiert sinn, Organisatiounen oder Institutiounen an eis Gemeng kréien. Dat soll wéinstens eng wann net déi aner Woch sinn. Et soll och eppes Markantes si wat just hei zu Péiteng leeft a wou aner Gemengen och kënnen op deeselwechte Wee goen.

Mir sollen eis ganz kloer definéieren. Mir solle soen, datt mir averstane si fir matzemaachen. Mir hunn eis finanziell, esou wéi nach keng aner Gemeng, engagéiert, mä et muss een awer oppassen, net datt dat op eemol ugeholl gëtt, datt, well mer ‚jo' gesot hunn, dat anert selbstverständlech ass. Well ech hu schonn e Projet vun enger Deklaratioun do leien ewéi déi Pressekonferenz soll lafen. Do sti Saachen dran, déi mer net gefalen an déi ech gären ewech hätt.

Becker Romain (déi gréng):

Mir fannen dat selbstverständlech eng ganz flott Initiativ. Eng Kéier hu mer emol d'Geleeënheet fir datt d'Südgemenge kéinte solidaresch sinn an zesummen optrieden. Mir regen eis op – bon, et rege vill Leit sech op -, datt e ganze Koup Leit aus de Südgemengen an d'Stad gi well do méi gebuede gëtt. An elo hu mer eng Kéier eng Geleeënheet fir zesummen ze schaffen an eppes opzeriichten, da solle mer och alleguer als Südgemengen dat do op de Schëlleren droen.

Et ass natierlech och gutt, datt do en anere Bezuelschlëssel erauskomm ass, well soss wier deen een oder aneren de Gelackmeierte fir dat, wat en duerno profitéiert. Eng aner Saach ass déi, datt mer mussen oppassen – ech denken, datt dat wahrscheinlech garantéiert ass wann ee gesäit, wéi dat organiséiert gëtt -, datt dat och eng gewëssen Nohaltegkeet huet an net, datt et einfach esou ass, datt mer haut e Bild weisen a muer näischt méi do ass. Dat sollen awer da kulturell Aktioune sinn, déi awer e bëssen nohalteg sinn a wou ee ka méi eng laang Zäit dovu profitéieren, an dat no 2022. Et ass keng esou eng „Eintagsfliege" oder eng Seefeblos, déi da platzt an dann ass et fäerdeg.

Ech mengen, et ass „gehoppelt ewéi gemoppelt", well och wa mir dat do elo stëmmen an och wa mir alleguer domat averstane sinn, an nächster Zäit si Gemengewalen. Riskéiert dat dann net, dee ganze Projet ze kippen?

Breyer Roland, Schäffen:

Wann hei eng Deklaratioun geholl ass, also déi Absicht, déi de Gemengerot huet, da misst deen aneren déi och iwwerhuelen.

Becker Romain (déi gréng):

Dat heescht, dat muss dee weiderféieren?

Breyer Roland, Schäffen:

Mat deem, wou ech ouni Weiders averstane ka sinn ass, datt mer matschaffen an och, datt mer Projete selwer entwéckelen, déi mer op den Dësch leeën an déi mer och chiffréieren. Ech fannen awer, datt all Kéier déi 50 Euro pro Awunner bei hinnen erëmkënnt. Da gëtt ëmmer nees gesot, datt dat net esou ze verstoen ass. Ma ech liesen awer an der Absichtserklärung, déi si maachen „Chaque bourgmestre proposera un programme selon l'identité de sa ville, de ses équipements et opérateurs culturels, et du savoir-faire associatif" an „Chaque programme validé communément respectera l'agenda général, les thématiques et favorisera les mises en réseaux intercommunales et culturelles". Mä da steet och do „un budget maximum sera calculé à partir du nombre d'habitants...". Dat soll ewech bleiwen. Et soll kee Maximum do sinn.

Becker Romain (déi gréng):

Op jidder Fall sti mir do hannendrun a mir wëllen och net, datt d'Péitenger Gemeng iwwer den Dësch gezu gëtt. Et hätt eis och gewonnert wann, no all deenen Exkursen an d'Kulturwelt hei an der Gemeng a ronderëm, déi den Här Breyer ëmmer mécht, hie gesot hätt, mer géife bei der Kulturhaaptstad net matmaachen. Mir ënnerstëtzen dat.

Breyer Roland, Schäffen:

Tipp top.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt vläicht just eng „mise en contexte" maache vun deem Projet, well e jo fir d'éischt am Pro-Sud op den Dësch komm ass vun engem Buergermeeschter, de Laurent Zeimet fir en net ze nennen. Do ass d'Initiativ komm. Dat war de leschten Hierscht a mer sinn elo am Abrëll. Dir kënnt iech jo virstellen, datt verschidde Stied jorelaang un esou engem Projet schaffe fir en op d'Been ze stellen. A mir maachen dat a knapp 5 Méint. Et ass vläicht ze verstoen, datt e puer Saache schif gelaf sinn, Kommunikatiounsproblemer do

waren, alles well d'Maschinn séier huet mussen ugoen. Dat ass emol deen éischte Punkt.

Beim zweete Punkt, vum Bezuelschlëssel, ass et esou: fir datt dee Projet duerno vun engem europäesche Jury guttgeheescht gëtt, muss e Budget gesot ginn. Et muss op d'mannst e maximale Budget gesot ginn. Dofir gëtt ëmmer vu 50 Euro maximal geschwat. Et ass, fir datt si wëssen, datt déi Zomm net iwwerschratt gëtt. Dat ass awer wichteg, mengen ech, fir duerno ze wëssen, wou mer histeieren. Dofir ass et fir mech op deem Punkt net negativ, datt mer e Maximum formuléieren. Et ass och fir eng Planungssécherheet an deem Ganzen ze hunn. Déi Absichtserklärung ass och dofir geduecht datt, wa spéider Ännerunge kommen an de Gemengeréit, awer en Engagement do ass. Well et ass jo awer op 6 Joer, wou dat sech zitt. An et ass normal, datt en europäesche Jury wëll, datt et duerch politesch Grënn an d'Waasser fällt. Dat sinn déi grondsätzlech Saachen, déi awer wichteg si fir déi ganz Saach ze verstoen.

Effektiv ass geschwat ginn, datt Leit an deem Organisatiounscomité sinn, déi guer net am Süde sinn. Et sinn eenzel Leit, déi iwwerhaapt näischt am Süde vun Aktivitéit hunn. Et ass extrem „divers". Et sinn e puer Buergermeeschteren dran. Do ginn ech iech effektiv Recht. Et ass iwwregens eng Asbl an ech huelen un, datt dat sech duerno wäert entwéckele fir déi, déi wëlle matmaachen.

Wat ech awer nach wëll derbäi soen a wat fir eis Gemeng méi wichteg ass, dat ass, datt elo déi nächst puer Méint, wann de Projet an enger 1. Instanz am Juni accordéiert gëtt, mer eis duerno mussen zesummesetzen a versichen, an enger Zäitspan vu 6 oder 7 Méint ze kucken, wat fir Projete mer virschloen, well dat jo an enger bilateraler Konventioun zesummegestallt gëtt. An do wier mäin Appell un de Schäfferot, fir datt mer e Comité oder eng extra Instanz op d'Bee setzen - mat der Kulturkommissioun an anere Kommissiounen esou wéi de Gemengeréit – fir wierklech déi nächst puer Méint eis ganz konkret Iwwerleeungen ze maachen, wat mir als Gemeng virschloen, wat eis Identitéit ass, déi mer wëllen dobausse weisen. Mer wëssen, datt dat a 5 Joer ass, esou datt mer och kënnen eng Rei Infrastrukturen iwwerdenken an nei maachen oder wéi och ëmmer. Fir mech ass dat wierklech e Projet, dee ganz interessant ass. Ech ginn och dem Här Becker Recht. Dat Ganzt soll nohalteg sinn, dat soll net nëmmen 2022 sinn. D'Zil ass, datt mer et och mat anere Gemengen zesumme maache fir d'Stäerkt vum Süden no baussen ze weisen.

Breyer Roland, Schäffen:

Wann dat och esou bei deenen aneren Nopeschgemengen ass, da sinn ech ganz averstanen. Mä ech hu meng Zweiwel, ob Déifferdeng grad esou solidaresch denkt ewéi mir. Hie steet schonn am Organisatiounscomité dran.

Thein Joe (adr):

Huet d'Gemeng Péiteng och hir Kandidatur fir déi europäesch Kulturhaaptstad gestallt? Wann neen, firwat? Wat sinn d'Beweggrënn, datt Käerjeng an aner Südgemengen aus dem Pro-Sud-Projet erausgeklomme sinn? Wat hu mir als Géigeleeschtung? Ass e rentabel fir déi finanziell Bedeelegung, déi mer do maachen?

Breyer Roland, Schäffen:

Also mir hu keng Kandidatur gestallt. Esch huet eng Kandidatur gestallt an d'Südgemengen invitéiert matzemaachen. Dofir sëtze mer haut hei fir doriwwer ze debattéieren. Firwat Käerjeng net matmécht, dat muss een déi Käerjenger froen. Bei deene war et nach net kloer genuch. Bei eis ass schonn e ganze Koup méi kloer, well mer eng Entrevue hate viru kuerzem a well mer do op e puer Punkten en Appaisement kritt hunn. Soss hätte mer déiselwecht Problemer gehat ewéi déi Käerjenger a mer hätten net kloer derduerch gesinn. Ech hoffen, datt déi Kloerheet bleift. Ech sinn och absolut averstane mat der Madame Gonçalves, datt mer esou séier wéi et kloer ass an datt mer spieren, datt mer e vollwäertege Partner sinn, deen och vollwäerteg a gutt Iddie kann hunn, mer eis zesumme setzen an eng lokal Struktur opbauen, wou dat alles kann afléissen a wou eventuell d'Leit mat kënne maachen. Mir musse kucken, datt et eppes Neies, eppes Flottes ass, well et ass jo keen normaalt Duerffest. Et muss wierklech eppes si wat recherchéiert an nohalteg ass. Et däerf keng Loftblos si wou et eng Kéier knuppt an et domat gedoen ass. Dat Nohaltegt ass déi Konsistenz, déi mer sichen. Mer sinn amgaang, déi ze sichen. Et gi schonn Iddien. Wann d'Péitenger Gemeng bannent deem Budget, also bal mat 900.000 Euro, derbäi ass a wann ee gesäit, datt dat ka multiplizéiert ginn duerch déi aner, da kann ee vun engem Projet schwätze vun 2 Milliounen Euro. Do kritt een awer schonn eppes. Do muss ee sech intelligent uleeën a keng bëlleg Kopië maache vun engem aneren, mä e Projet maachen, deen typesch fir dësen Eck ass.

Arendt Patrick (CSV):

Ech wëll dem Schäfferot Merci soen, datt se dëse Punkt op d'Dagesuerdnung gesat hunn. A mengem Mail a menger Fro vum 25. Mäerz hunn ech iwwregens och dorop higewisen. Et ass nach 1 Mount bis zur Deadline. Ech begréissen d'Entscheedung vum Schäfferot, fir mat an d'Boot ze goe fir d'Kulturjoer 2022 ënner der Fiederféierung vun Esch. Virausgesat d'Kandidatur gëtt vun der EU-Kommissioun ugeholl. Et ass eng eemoleg Chance fir d'Opwäertung vun der Südregioun. Eis kulturell Offer, déi mer ze bidden hunn – ech denken do un dat Rout Haus, un de Fond-de-Gras an, den Här Breyer huet et scho gesot, un eis Karnevalskultur, un d'Jufa – wäert säin Unzéiungspunkt an der Groussregioun sécherlech net verfeelen. Et ass och eng Chance fir eis Geschäftsleit. Mä mir musse just als vollwäertege Partner behandelt ginn. Net datt just eis Hoteller voll sinn, de Rescht sech awer zu Esch ofspillt. Zum Schluss wëll ech awer och nach eppes zum Cátia soen. Deng Iddi mat der Extra-Plattform hunn ech och a menger Fro opbruecht.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir brauchen déi Plattform. Dat hei ass e Projet, deen een net eleng als Kulturschäffen oder Kulturkommissioun ugeet. Do musse mer eis scho méi breet staffelen. Eng vun de Chancë vun der Nohaltegkeet ka schonn doranner leien, datt mer den Hotel heihinner kréien un deem mer amgaange sinn ze schaffen. Et ass nämlech festgestallt ginn, datt et hei am Süden e grousse Manktem un Hoteller gëtt. Da kommen déi Escher a soen, mir wiere gutt un Hoteller gestaffelt, well si praktesch näischt hunn. A mir hunn ëmmer gesot, datt dat scho Käerjeng wier, well si hu geduecht, dat géif nach zu eis gehéieren. Et feelt un enger Hotelstruktur. Wa mir typesch Hoteller fannen, net just en IBIS oder en 08/15-Hotel, mä eppes wéi d'Jufa, dann hu mer wierklech eent vun den Argumenter, dat matspillt an eiser Kandidatur a wou mer eis eppes dervu verspriechen, och am Sënn vun der Nohaltegkeet.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da géif ech d'Fro stellen, wien averstanen ass, déi Absichtserklärung mat deenen Aschränkungen, datt mer eise finanzielle Bäitrag sécherlech dovunner ofhängeg maachen, datt et och hei zu Péiteng stattfënnt. Wien ass averstanen, datt d'Gemeng Péiteng bei der Kulturhaaptstad 2022 matmécht?

Accord à l'unanimité.

Gemeinderatssitzung vom 25. April 2016

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)	**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)	
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Thein Joe** (adr)

Abwesend und entschuldigt:

Tockert Claude (DP)

1. bis 4.

Die Punkte 1 bis 4 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Endgültige Ernennung mehrerer Beamten (m/f) – Beschlüsse.

Frau Nadine Spilman wird mit Wirkung vom 1. Mai 2016 an als Redakteurin (Teilzeit) ernannt.

Herr Daniel Philippart wird mit Wirkung vom 1. Juni 2016 an als Redakteur ernannt.

Frau Mandy Wolak wird mit Wirkung vom 1. Juli 2016 an als Redakteur ernannt.

Frau Jessica Mores wird mit Wirkung vom 1. August 2016 an als Redakteur ernannt.

Herr Vincenzo Agostino wird mit Wirkung vom 1. November 2015 an als „expéditeur administratif" ernannt.

Frau Melanie Thein wird mit Wirkung vom 1. September 2015 an als „expéditeur administratif" ernannt.

Zeitweilige Ernennung eines Redakteurs (m/f) – Beschluss.

Herr Serge Thill aus Petingen wird zeitweilig als Redakteur ernannt.

Zeitweilige Ernennung zweier „expéditeurs administratifs) – Beschlüsse.

Herr Jeff Hurt aus Petingen sowie Frau Nicole Munkler aus Lamadelaine werden als „expéditeurs administratifs ernannt.

Ernennung mehrerer Diplomerzieher (w/m) Beschlüsse.

Frau Vanessa Rossi aus Rodange, Frau Patricia Malheiro Marques aus Petingen, Frau Aline Philippart aus Rodange und Frau Baldinelli aus Differdingen werden als Diplom-erzieherinnen (Vollzeit und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Herr Leonel Lopes aus Rodange wird als Diplomerzieher (35 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Ernennung mehrerer Hilfserzieher (w/m) – Beschlüsse.

Frau Sybille Schiltz aus Lamadelaine wird als Hilfserzieherin (Teilzeit mit 13,5 Stunden pro Unterrichtswoche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Frau Fadila Ghiat aus Petingen wird als Hilfserzieherin (20 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Frau Carole Alff aus Rodange wird als Hilfserzieherin (16 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Ernennung eines Hilfserziehers (m/w) auf einen Zusatzposten – Beschluss.

Frau Mireille Cicchelli aus Oberkorn wird auf den Zusatzposten (6 Stunden pro Woche) eingestellt so dass das wöchentliche Arbeitspensum der Betroffenen von 10 auf 16 Stunden pro Woche steigt.

5. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Bürgermeister Pierre Mellina gibt Auskunft über die Entwicklung des „Fonds communal de dotation financière" sowie über die kommunale Gewerbesteuer (Geschäftsjahr 2015) und verkündet das Resultat einer Umfrage zum Thema „Feuerwerk an Sylvester".

Schöffe Roland Breyer weist darauf hin, dass eine Umfrage zu Kommunikatiounspolitik und –wegen der Gemeinde Petingen derzeit von „TNS ILRES" durchgeführt wird.

6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 15.296.494,47 Euro (Jahr 2015) und 1.846.799,49 Euro (Jahr 2016) – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7. - Personalfragen.

Schaffung eines Angestellten (w/m) in der Hilfsarbeiterlaufbahn in der Abteilung für kommunale Gebäude - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.1. - Schulwesen.

Bewilligung der Bilanz der Schneeklassen 2016 - Beschluss.

Beschluss mit 14 Stimmen und 2 Gegenstimmen (déi gréng).

8.2. - Schulwesen.

Bewilligung des Schulorganisationsentwurfs für 2016/2017 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.3. - Schulwesen.

Abrechnung bezüglich der Erneuerung des hinteren Hofes des Schulgebäudes „Neiwiss“ in Rodange - Bewilligung.

Kostenvoranschlag:	*500.000,00 € einschl. Steuern*
Gesamtkredit:	*566.645,64 € einschl. Steuern*
Gesamtausgabe:	*566.645,64 € einschl. Steuern*

Bewilligung einstimmig.

9.1. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit Herrn Nourredin MCHIRI bezüglich einer Gemeindeeigenen Wohnung auf Nummer 35 in der „rue J.B. Gillardin“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.2. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich eines Grundstückskaufs von Herrn Semin CIVOVIC und Frau Nadine THOLL am Standort „Chemin de Brouck“ in Rodange.

Bewilligung einstimmig. Herr Arendt und Frau Birtz haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.3. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich des Kaufs von 41 Binnenparkplätzen in einem zukünftigen Gebäude in der „rue du Commerce/rue Nicolas Biever“ von „KALISTA IMMO S.A.“ und Votum eines Spezialkredits über 300.000 Euro - Beschluss.

Beschluss mit 13 Stimmen und 2 Gegenstimmen (déi gréng). Frau Birtz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.4. - Liegenschaften.

Konvention bezüglich des Kaufs von Grundstücken am Standort „rue de la Terre Noire“ in Rodange von der Gesellschaft „LES TERRES ROUGES S.A.“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.5. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich eines Grundstückverkaufs am Standort „rue Jos. Philippart“ in Rodange an die Gesellschaft „KALISTA IMMO S.A.“ – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.6. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs von Grundstücken an den Standorten „rue des Acacias“ und „rue Robert Schuman“ von der Gesellschaft „PELARO INVESTISSEURS S.A.“ – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Breyer hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

9.7. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstückskaufs am Standort „avenue de la Gare“ in Petingen von der Gesellschaft „BESIX RED Luxembourg S.A.“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.8. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstückskaufs von Herrn Fernand GENEVO am Standort „avenue de la Gare“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.9. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstückskaufs von den Damen CESNICH verh. PANTONE, Maria CESNICH und Sabrina CESNICH am Standort „avenue de la Gare “ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.10. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Tauschs von Grundstücken mit Herrn Pierre TOCKERT und Frau Marie-Louise RONGVEAUX am Standort „rue de la Providence“ in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.11. - Liegenschaften.

Änderung No. 1 des Mietvertrags in Bezug auf den Betrieb des „Restaurant Brasserie WAX“ in Petingen – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.12. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstückskaufs von der Gesellschaft „ABATE CONSTRUCTIONS sàrl“ am Standort „avenue de la Gare“ in Petingen – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.13. - Liegenschaften.

Akt bezüglich der Abtretung eines Grundstücks an Herr und Frau Camille SALES-ZENS am Standort „In der Püschelott“ in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.14. - Liegenschaften.

Akt bezüglich der Abtretung von Grundstücken an Frau Hilda HAHN am Standort „In der Püschelott“ in Lamadelaine – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.15. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf die kostenlose Abtretung eines Grundstücks an Herrn und Frau Pierre REMESCH-BACH,

am Standort „rue du Vieux Moulin“ in Lamadelaine – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.16. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstückkaufs von Frau Nelly OLMAR verw. DUHR am Standort „chemin de Brouck“ in Rodange – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig

9.17. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Kaufs von 31 Parkplätzen in einem zukünftigen Gebäude in der „avenue Dr. Gaasch“ in Rodange von „CALIFO IMMO S.A.“ – Bewilligung.

Bewilligung mit 14 Stimmen und 2 Enthaltungen (déi gréng).

9.18. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit Frau Maria FONSECA DE BARROS in Bezug auf die Mietung eines Grundstücks am Standort „Au Bonière“ in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9.19. - Liegenschaften.

Vergleich in Bezug auf den Kauf von Grundstücken von der Gesellschaft „CALIFO IMMO S.A.“ am Standort „avenue Dr. Gaasch“ in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

10.1. - Soziales.

Konvention mit dem Ministerium für Nationale Bildung, Kinder und Jugend in Bezug auf den Betrieb des Jugendbegegnungs- und Informationszentrums „Péitenger Jugendhaus asbl“ für das Jahr 2016 - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

10.2. - Soziales.

Zweiteilige Konvention mit dem Ministerium für Nationale Bildung, Kinder und Jugend in Bezug auf die „Maisons Relais“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

10.3. - Soziales.

Abrechnung in Bezug auf die Einrichtung von akustischen Platten sowie den Kauf von Mobiliar für den Mehrzweck-saal in der „Maison Relais“ in Petingen, Bewilligung.

Kostenvoranschlag:	*34.000,00 € einschl. Steuern*
Gesamtkredit:	*34.000,00 € einschl. Steuern*
Gesamtausgabe:	*32.087,25 € einschl. Steuern*

Bewilligung einstimmig.

10.4. - Soziales.

Konzessionsvertrag bezüglich eines „droit de superficie“ für ein Grundstück am Standort „Au Doihl“ in Rodange mit der Vereinigung „Amicale vun den aalen Rodanger Guiden a Scouten“ zwecks Errichtung eines Pfad-finderchalets - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Herr Thein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

10.5. - Soziales.

Bewilligung eines angepassten Kostenvoranschlags in Bezug auf die Errichtung eines Pfadfinderchalets am Standort „Au Doihl“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss mit 15 Stimmen und 1 Enthaltung (adr).

11. - Umwelt.

Bewilligung des Kostenvoranschlags über 24.909,30 Euro zwecks Diagnose der Luftqualität in der Gemeinde für das Jahr 2016 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

12.1. - Öffentliche Ordnung und Sicherheit.

Verlängerung der Öffnungszeiten der Getränkeausschänke anlässlich der Straßenverkaufstage im Jahr 2016 – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

12.2. - Öffentliche Ordnung und Sicherheit.

Konventionen mit drei freiwilligen Feuerwehrleuten zwecks Erhalt des C-Führerscheins - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

12.3. - Öffentliche Ordnung und Sicherheit.

Abstimmung über einen Zusatzkredit von 9.000 Euro zwecks Kaufs eines Stromaggregats für das Sportzentrum Bim Diederich in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

13.1. - Straßeninfrastrukturen.

Einreichung einer Petition bezüglich der Erneuerungs-arbeiten in der rue Belair in Petingen seitens einiger Anrainer – Beschluss.

Einstimmiger Beschluss zwecks einer gemischten Lösung wie folgt:

- Verbreiterung des Fußgängerweges um 30 cm auf einer Straßenseite;
- Beibehalten der Breite so wie im Projekt vorgesehen auf der der gegenüberliegenden Seite;
- Die Lösung abwechselnd auf der Geraden von 600m Länge anwenden – aus Sicherheits- und Urbanismus-gründen.

13.2. - Straßeninfrastrukturen.

Abrechnung bezüglich der Instandsetzung der Wasserversorgungsleitung des Wasserspeichers in Rodange – Bewilligung.

Kostenvoranschlag:	*245.000,00 € einschl. Steuern*
Gesamtkredit:	*245.000,00 € einschl. Steuern*
Gesamtausgabe:	*244.369,82 € einschl. Steuern*

Bewilligung einstimmig.

14.1. - Transport und Verkehr.

Anpassung der allgemeinen Verkehrsverordnung (Einführung der 30er Zonen in den Ortschaften Rodange und Lamadelaine) - Beschluss.

Beschluss mit 13 Stimmen, 1 Gegenstimme (adr) sowie 1 Enthaltung (Frau Birtz). Frau Conter-Klein hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

14.2. - Transport und Verkehr.

Zeitweilige Verkehrsdringlichkeitsverordnung des Straßenverkehrs betreffend die Migration der Frösche an verschiedenen Stellen in Lamadelaine – Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

14.3. - Transport und Verkehr.

Zeitweilige Verkehrsdringlichkeitsverordnung des Straßenverkehrs betreffend die Abriss- und Bauarbeiten eines Gebäudes auf Nummer 20 in der rue du Clopp in Rodange - Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

14.4. - Transport und Verkehr.

Absichtserklärung betreffend ein INTERREG-Projekt bezüglich des Langsamverkehrs - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

15. - Sport und Freizeit.

Genehmigung eines angepassten Kostenvoranschlags über 90.000 Euro sowie eines Zusatzkredites über 60.000 Euro betreffend die Einrichtung eines neuen Parkleitsystems im Schwimmbad PiKo - Beschluss .

Beschluss einstimmig.

16.1. - Kultur.

Beschluss des Konzeptes sowie der Pläne betreffend eines Gedenkraumes in der „Maison Rouge“ in Petingen – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

16.2. - Kultur.

Neue Benutzungsvorschrift der verschiedenen Räumlichkeiten des WAX-Standortes in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

16.3. - Kultur.

Absichtserklärung betreffend eine Teilnahme von Petingen an der „Europäischen Kulturhauptstadt 2022“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

Séance publique du 6 juin 2016

***Durée de la séance**: 14.30 à 16.45 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP)

Absent et excusé:

Thein Joe (adr)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (14.30 heures)

1. Personnel
   1.1. Nomination d’un employé communal (m/f) - décision.

1.2. Prolongation du service provisoire d'un fonctionnaire - décision.
1.3. Nomination d'un expéditionnaire administratif (m/f) (nouveau vote) - décision.
1.4. Nomination d'un assistant social (m/f) à mi-temps pour les besoins du service médico-socio-scolaire - décision.

2. Affaires sociales
   2.1. Démission volontaire d'une aide-éducatrice - information.
   2.2. Départ à la pension d'invalidité d'une aide-éducatrice - information.
   2.3. Nomination d'un éducateur gradué (m/f) - décision.
   2.4. Nominations de plusieurs éducateurs diplômés (m/f) - décisions.
   2.5. Nominations de plusieurs aides-éducateurs (m/f) - décisions.
   2.6. Nominations de deux salariés (m/f) à tâche partielle pour les besoins du service d'aide aux devoirs à domicile - décisions.
3. Enseignement: Réaffectation du personnel enseignant - décision.
4. Enseignement musical
   4.1. Démission volontaire d'un chargé de cours - information.
   4.2. Ratification des contrats de travail avec plusieurs chargés de cours - décision.
5. Administration générale: Demande d'un restaurateur concernant le décompte des charges - décision.

Séance publique (15.30 heures)

6. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
7. Administration générale
   7.1. Etat des restants à recouvrer à la clôture de l'exercice 2015 - décision.
   7.2. Autorisation d'ester en justice en matière de recouvrement des factures non payées - décision.
   7.3. Approbation des titres de recettes - décision.
   7.4. Nomination d'un nouveau secrétaire (m/f) pour la commission de surveillance de l'Ecole de Musique - décision.
8. Personnel: Création d'un poste de salarié (m/f) pour les besoins du service des espaces verts - décision.
9. Enseignement: Décompte concernant le remplacement des systèmes de détection d'incendie dans les bâtiments scolaires - décision.
10. Propriétés
    10.1. Contrat de bail avec Mme Ana Sofia ROSA MASCARENHAS DOS SANTOS concernant un logement communal sis à Lamadelaine, rue Grousswiss n° 16 - décision.
    10.2. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, Chemin de Brouck de la part de M. Jean-Paul HARQUIN et Mme Joëlle NICOLAS - décision.
    10.3. Approbation de l'acte concernant la vente d'un terrain à Rodange, rue de la Fontaine à M. Enver KORAC et Mme Sabina ADROVIC - décision.
    10.4. Approbation des projet et plan d'exécution concernant les terrains de la société LES TERRES ROUGES S.A. sis à Rodange, lieu-dit «rue de la Terre Noire» - décision.
11. Culture: Convention avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg concernant la location de terrains domaniaux sis à Pétange et à Lamadelaine et vote d'un crédit spécial - décision.
12. Affaires sociales
    12.1. Adaptation des loyers des logements communaux - décision.
    12.2. Approbation du règlement d'ordre interne pour les Maisons Relais - décision.
13. Transports et circulation
    13.1. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation routière relatif aux travaux d'adaptation et de renouvellement des infrastructures dans diverses rues à Lamadelaine - décision.
    13.2. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation routière relatif aux travaux de transformation d'un immeuble sis à Rodange, route de Longwy n° 325 - décision.
    13.3. Vote du devis et d'un crédit spécial pour le projet INTERREG concernant la mobilité douce - décision.
14. Infrastructures routières
    14.1. Décompte concernant le réaménagement de la rue des Champs à Pétange - décision.
    14.2. Approbation des plans remaniés concernant les travaux de réaménagement de la rue du Parc à Pétange - décision.
15. Logement: Taxe de participation au financement des équipements collectifs au lotissement «An den Atzéngen» à Lamadelaine - décision.

COMPTE RENDU

1. à 5.

Les points 1 à 5 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un expéditionnaire administratif (m/f) (nouveau vote):

Mme Queiros De Almeida Monica Sofia est nommée provisoirement aux fonctions d'expéditionnaire administratif.

Nomination d'un assistant social (m/f) à mi-temps pour les besoins du service médico-socio-scolaire:

Mme Bianconi Esther est nommée au poste d'assistant social à tâche partielle (20 heures par semaine), sous le statut de l'employé communal et à durée indéterminée avec effet au 1er juillet 2016.

Nomination d'un éducateur gradué (m/f):

Mme Spigarelli Alissa est engagée comme éducatrice graduée à tâche complète sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Nominations de plusieurs éducateurs diplômés (m/f):

Mme Mucevic Alma est engagée comme éducatrice diplômée à tâche partielle (35 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mmes Martins Varela Joceline et François Aude sont engagées comme éducatrices diplômées à tâche partielle (35 heures EBS par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

M. Zimmermann Daniel est engagée comme éducateur diplômé à tâche partielle (30 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée

Nominations de plusieurs aides-éducateurs (m/f):

Mme Hiltgen Tania est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (30 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme Johanns Laurence est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (20 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme Denigro Samantha est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (16 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mmes Marchetti Marcelle, Zwick Manon et Tancredi Antonietta sont engagées comme aides-éducatrices à tâche partielle (13,5 heures par semaine de classe) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme Bontems Isabelle est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (11 heures par semaine de classe) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme Massard Tamara est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (16 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme Diederich ép. Oliboni Tanja est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (11 heures par semaine de classe) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme Frieden ép. Kiwy Claudine est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (10 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Nominations de deux salariés (m/f) à tâche partielle pour les besoins du service d'aide aux devoirs à domicile:

Mmes Schmitz Sibylle et Tancredi Antonietta sont engagées comme salariées pour les besoins du service d'aide aux devoirs.

Démission volontaire d'un chargé de cours:

Le conseil communal prend acte de la démission volontaire de M. Dahm Paul de ses fonctions au 30 novembre 2016.

6.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi éischt Kommunikatioun, déi mer iech wollte ginn, ass, datt de Schäfferot vun der Gemeng Péiteng e Bréif un den Här François Bausch geschéckt huet am Zesummenhang mat dem „Bus de Haut Niveau de Service", deen am Süde vum Land virgesinn ass. Do ass an enger Reunioun, enger Plattform, den 12. Abrëll 2016 dee Projet eng Kéier virgestallt ginn. Mir hunn och an der Press gelies, datt dat haaptsächlech virgesinn ass tëschent Déifferdeng an Diddeleng. Mir sinn awer als Gemeng Péiteng der Meenung, datt eng Gemeng mat 18.000 Awunner „dès le départ" och misst un dëse Projet – dee sécherlech eng Verbesserung vum ëffentlechen Transport hei am Süden duerstellt – ugebonne ginn. An dofir hu mer och eng deementspriechend Demande un de Minister geschéckt, wou mer hie froen, datt mer „dès le départ" un dee Projet „BHNS Süden" missten ugebonne ginn. Ëmsou méi mer hei un der Grenz sinn an och ganz vill Fransousen a Belsch eis Gemeng ufuere fir vun do aus – soit an de Süden, soit och an d'Stad Lëtzebuerg – schaffen ze goen.

Et ass e ganz frëndleche Bréif, dee mer geschriwwen hunn, mä an deem mer mat Nodrock drop halen, datt mir vun Ufank u mat um Ball sinn.

Mertzig Romain, Schäffen:

En Donneschdeg, de 25. Mee 2016, hat ech déi grouss Éier, fir am Numm vun eis alleguerten heibannen, eise Klimapakt-Award entgéint ze huele vun engem Regierungsmember, an zwar dem Staatssekretär Camille Gira. De Minister huet mer en Extraluef fir eis Gemeng ausgeschwat, well mer en immensen Effort gemaach hu fir direkt déi zweet Zertifikatioun ze kréien. An hien huet mer och gesot, datt e wéisst, wéi schwéier datt dat wier, well mer och nach Industrie hei um Terrain vun der Gemeng hätten an datt dat net evident wier. An dofir solle mer alleguerten op déi Auszeechnung houfreg sinn.

Ech wollt dann awer och nach hei vun der Geleeënheet profitéiere fir dem Klima-Team Merci ze soen, déi alleguerte mat dru geschafft hu fir deen Dossier op de Wee ze kréien. Och dem Här Koch, deen dobäi war als Ëmweltberoder, der Madame Schaaf mat hirem Service technique an och dem Här Linden mat sengem Service écologique. Wéi gesot, hinnen alleguerte Merci an am Numm vun eis all hunn ech dat ugeholl.

Breyer Roland, Schäffen:

Am Zesummenhang mat der rue Belair hate mer jo am leschte Gemengerot driwwer Rieds – op Grond vun där Petitioun – fir zesumme mat den Techniker ze kucken, wéi mer do solle weiderfueren a kucken, datt dee Kompromëss da steet. Mir hunn dat mat den Techniker gekuckt an et gëtt esou gemaach, wéi de Gemengerot et praktesch diskutéiert hat an e breede Konsens ze fanne war. Plazeweis loosse mer den Trottoire sinn, ewéi en ass. Plazeweis gëtt e liicht agëengt, fir dann eng Versetzung vun der Fuerbunn ze kréien. An am Fong geholl kréie mer domatter d'Méiglechkeet, datt ee lues ka fueren, mä awer och op där anerer Manéier fir sech ze begéinen. Bei de Parkplaze gi just 2 oder 3 Emplacementer verluer, well do kleng „îlot de rencontre" gemaach ginn oder „espaces de rencontre". A bei deene Plazen, wou den Trottoire elo schro denivelléiert ass wéinst de Garagenafaarten, do bleift den Trottoire breet. An do, wou en net esou schro denivelléiert ass bei de Garagenafaarten, do gëtt den Trottoire eventuell méi kleng gemaach. Esou datt een dann e System hätt, wou een deviéiert fiert an der Strooss an net riicht aus.

Dat ass de Kompromëss tëscht deem engen an deem aneren. Bei der Parkstrooss soen ech iech duerno, wéi mer do an Zukunft virginn.

7.1.

Administration générale.

Etat des restants à recouvrer à la clôture de l'exercice 2015 - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Fir de Moment hu mer fir 2015 Restante vun 239.897,78 Euro. Dat ass liicht méi héich wéi 2014. Mä wann ee weess, datt och d'Recetten, d'Taxen och an d'Luucht ginn duerch d'Zuel vun den Awunner, da weess een, datt dat doten ongeféier an där selwechter Gréissenuerdnung läit wéi déi Jore virdrun.

D'Dechargen, déi mer an deem dote Kontext proposéieren, sinn awer wesentlech méi niddereg wéi déi Jore virdrun, mat 15.510,80 Euro.§

Ech wéilt och gäre vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Receveur mat senger ganzer Ekipp Merci ze soen. Déi Leit, déi och e bëssen déi aner Gemenge suivéieren, déi gesinn, datt dat heiten en exzellent Resultat ass. Aner Gemengen hu wesentlech méi héich Restanten. An d'Ursaach ass sécherlech hei ze fannen, datt dee ganzen „Service Recette" mat gewëssenem Nodrock versicht, fir déi Suen anzedreiwen, déi noutwenneg sinn anzedreiwen. A wann een och bei deenen 239.000 Euro weess, datt déi Suen – wou mer eng Decharge ginn – elo schonn dobäi sinn, da gëtt dee Chiffer d'office scho méi kleng a Funktioun vun där Decisioun, déi mer am „huis clos" elo just virdru geholl hunn.

Accord à l'unanimité.

7.2.

Administration générale.

Autorisation d'ester en justice en matière de recouvrement des factures non payées - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

7.3.

Administration générale.

Titres de recettes aux montants totaux de 499.985,53 euros (année 2015) et 1.169.666,80 euros (année 2016) - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Recettes les plus importantes:

2015:	*Subside pour l'aménagement d'un terrain «Hybridrasen» pour les besoins du club de football Titus*	*82.500,00 €*
	Remboursement par l'Office social des rémunérations et indemnités du personnel mis à sa disposition par la commune	*370.718,22 €*
2016:	*Subside pour les travaux de mise en conformité du Centre sportif à Pétange*	*845.500,00 €*

Approbation à l'unanimité.

7.4.

Administration générale.

Nomination d'un nouveau secrétaire (m/f) pour la commission de surveillance de l'Ecole de Musique - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Votes secrets:

A l'unanimité est accordée la démission de M. Homan Daniel comme secrétaire de la commission de surveillance de l'Ecole de musique.

A l'unanimité, Mme Spilman Nadine est nommée aux fonctions de secrétaire de la commission de surveillance de l'Ecole de musique avec effet du 1er juillet 2016.

8.

Personnel communal.

Création d'un poste de salarié dans la carrière de l'ouvrier (m/f) pour les besoins du service des espaces verts - décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

De Posten, dee mer wëlle schafen, ass en „ouvrier-fossoyeur". Et ass u sech esou, datt een Doudegriewer am September a Pensioun geet. Dann hu mer nach zwee aner Leit, déi do schaffen an do ass een de Remplaçant vum Doudegriewer, deen am September a Pensioun geet, a bei där anerer Persoun wësse mer, datt se gesondheetlech net op der Héicht ass an datt déi net méi kann all Aarbechten ausféieren. Esou datt, wann deen Doudegriewer am September am Pensioun ass, mer erëm 2 Salariéen op de Kierfechter hunn, wouvunner awer nëmmen 1 asazfäeg ass, eben duerch de Gesondheetszoustand vun där anerer Persoun.

Mir hunn eis mat den Servicer zesumme Gedanke gemaach a mir géifen dann elo haut proposéieren, fir e Posten am

„espaces verts“ ze schafen, wouvunner eng hallef Tâche um Kierfecht virgesi wier an déi aner hallef Tâche an der Equipe vum „espaces verts“. Esou datt mer och ëmmer permanent eng Persoun disponibel hätte fir um Kierfecht.

Firwat hu mer keng drëtt Persoun wollten astellen? Einfach datt duerch d'Gespréicher, déi mer mat den Servicer haten a mat deene Leit, déi d'Kierfechter geréieren. Zu 3 hätte mer ëmmer eng Persoun, déi net ëmmer voll belaascht wier. An dofir hu mer u sech probéiert, fir déi heite Léisung auszeschaffen.

Accord à l'unanimité.

9.

Enseignement.

Décompte concernant le remplacement des systèmes de détection d'incendie dans les bâtiments scolaires - approbation.

Total du devis approuvé:	*352.008,80 euros*
Total du crédit approuvé:	*327.219,45 euros*
Total de la dépense:	*307.934,60 euros*

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Firwat huet et esou laang gedauert, bis deen Decompte hei virläit?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir sinn dovunner ausgaangen – well et e „remplaçement de détection d'incendie“ ass – datt et just eng Uschafung ass. An do brauch ee keen Decompte ze maachen. De Contrôle ass awer anerer Meenung. Si soen, mir missten awer en Decompte maachen, well awer do kleng Aarbechte gemaach goufen. An doduerch ass déi Decisioun elo geholl ginn. Si hunn dat och elo eréischt gemierkt. Et betrëfft jo awer Aarbechten aus de Joren 1997 bis 2001. Déi Jore virdrun hu se ni eppes gesot. A fir elo aller Problematik aus de Féiss ze goen, maache mer elo en Decompte an dann ass et fäerdeg. Mä et kéint een awer driwwer diskutéieren, ob en Decompte misst gemaach ginn oder net. Déi Diskussioun kéint ee maachen. Mä ech mengen, et ass elo geschitt an domatter huet et sech.

Mir maachen elo – an dat wësst der jo – eng ronn 40 bis 45 Decompten am Joer. Ech muss och zouginn, datt dat vu menger Säit ganz oft e gewëssene Kraaftakt mat sech bréngt, fir verschidde Leit dozou ze bewegen, datt se hir Decomptë maachen. Ech kann lech net soen, wéi dacks ech den techneschen Service an deem Beräich – zesumme mam Här Balance – drun erënneren, datt dat muss gemaach ginn.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Merci fir d'Äntwert. Mä ech fannen, datt de Stat och net séier eppes mierkt. Soss hätte mer dat jo och scho vläicht éischter kéinte maachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ganz richteg!

Approbation à l'unanimité.

10.1.

Propriétés.

Contrat de bail avec Mme Ana Sofia ROSA MASCARENHAS DOS SANTOS concernant un logement communal sis à Lamadelaine, rue Grousswiss n° 16 - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

10.2.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, Chemin de Brouck de la part de M. Jean-Paul HARQUIN et Mme Joëlle NICOLAS - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 9 centiares se fait gratuitement et se fait dans un but d'utilité publique.

Approbation à l'unanimité.

10.3.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain à Rodange, rue de la Fontaine à M. Enver KORAC et Mme Sabina ADROVIC - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 77 centiares se fait au prix de 65.000 € l'are, c.-à-d au prix total de 50.050 €.

Approbation par 14 voix et 2 abstentions (déi gréng).

10.4.

Propriétés.

Projet et plan d'exécution concernant les terrains de la société LES TERRES ROUGES S.A. sis à Rodange, lieu-dit «rue de la Terre Noire» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

11.

Culture.

Convention avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg concernant la location de terrains domaniaux sis à Pétange et à Lamadelaine et vote d'un crédit spécial de 50 euros - décision.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Accord à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

12.1.

Affaires sociales.

Adaptation des loyers des logements communaux - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den 28. Abrëll 2014 hate mer hei am Gemengerot festgehalen, fir eis kommunal Logementer zu gewëssene

Critèren ze verlounen. An deem Kontext soll den Office social vun der Gemeng Péiteng – op Grond vun enger Enquête sociale – kucken, wéivill déi Leit fir dës sozial Wunnenge kënne bezuelen. A regelméissegen Ofstänn soll och dëse Loyer eng Kéier gekuckt ginn a Funktioun vun der finanzieller Situatioun vun deenen eenzelne Leit, déi an deene Logementer wunnen.

Dat huet den Office social an de Verwaltungsrot vum Office social den 20. Abrëll 2016 gemaach an si hunn eis verschidden Adaptatioune vun deenen eenzelne soziale Wunnenge proposéiert. Et sinn am Ganze 15 Adaptatiounen, déi se eis proposéiert hunn. An déi nei Loyere sollen da vum 1. Juli 2016 u gëllen, wann de Gemengerot domatter averstanen ass.

Accord à l'unanimité.

12.2.

Affaires sociales.

Approbation du règlement d'ordre interne pour les Maisons Relais - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hu gesinn, datt mer – wéinst deem neien Haus wat opgeet – gewëssen Adaptatiounen am „Réglement d'ordre interne" vun de Maisons Relaisen, dat vum 2. Februar 2015 ass, musse maachen. Mir hunn och en „avis favorable" vum Médecin-inspecteur de la Direction de la Santé den 8. Abrëll 2016 zu dësem Reglement erageschéckt kritt.

Ech wollt kuerz op déi verschidden Adaptatiounen agoen. Am Punkt 1, wat d'Fonctionnement ubelaangt, hu mer elo nei drageschriwwen „Par parent il faut comprendre les parents, tuteur, représentant légal et toute personne ayant l'autorité parentale". Esou datt mer och ëmmer ganz genee wëssen, wien d'Kanner wëll mathuelen. Well et geet jo haaptsächlech dorëmmer, datt mer musse wëssen, wie bréngt se, wie kënnt se sichen, a wa mer eis iergendwéi mussen un ee wenden, wien dat dann ass. An dat muss festgeluegt ginn.

Da kommen ech op d'Liste d'attente ze schwätzen, an zwar fir ze kucken, wéi d'Admissioune vun de Kanner an de Maisons Relaise sinn. Do hu mer d'Reiefolleg e bësse geännert. An zwar ass se elo esou:

- sur attestation de l'activité professionnelle des parents, déi muss gekläert sinn;
- les enfants inscrits pour 5 jours de la semaine, dat heescht, wou och déi 2 Eltere schaffen;
- les enfants dont un frère ou une sœur est admis(e) à la Maison Relais;
- les enfants sortant d'une autre structure d'accueil, à cause de leur âge, haaptsächlech aus dem Foyer de Jour Villa Bambi oder der Crèche Kordall, esou datt do och eng Kontinuitéit besteet. Do hu mer eng Ufro fir deenen Elteren och eng gewësse Sécherheet ze ginn;
- les enfants de familles monoparentales;
- les enfants de familles légales;
- les enfants dont un des parents n'exerce pas d'activité professionnelle.

Wann elo Critère sinn, datt Kanner gläich si fir eranzekommen, da gëtt ëmmer gekuckt, wien deen éischten op der Liste d'attente ageschriwwe war.

Dann hu mer och am Reglement stoen, datt d'Maison Relais 5 Deeg an der Woch fonctionnéiert. D'Kanner sinn no deene «plages horaires» agedroen, ausser d'Feierdeeg – wou mer zou sinn – a speziell Congésdeeg.

Fir den Elteren déi Datume matzedeelen, hu mer an d'Reglement dragesat «Ces dates seront communiquées aux parents durant les 3 premiers mois de l'année en cours.» Esou datt d'Eltere sech kënnen arrangéieren. Well Leit, déi schaffen, musse sech kënnen arrangéiere wa se hir Kanner an esou Strukturen deelhuele loossen.

Beim Punkt «Accompagnement et reprise des enfants» hu mer nach eng Kéier extra drageschriwwen, datt bei Kanner, déi um 16 Auer ewechgeholl ginn, mer nach ongeféier 10 Minutten drop gi fir de Fall, wou d'Elteren net grad pünktlech do sinn. Well d'Kanner profitéiere jo och vun engem Encadrement bis 16 Auer. Mir hunn och gesot, datt mer net gären hunn, wann d'Kanner tëscht 14 a 16 Auer ewechgeholl ginn, well do Aktivitéite lafen, Hausaufgabe gemaach ginn, an dat géif dann eng Zort «Tourismus» an der Maison Relais ginn. An dofir hu mer léiwer, d'Eltere loossen hir Kanner do bis 16 Auer, ausser et wier en Noutfall.

All Plage, déi entaméiert ass, well d'Eltere regelméisseg ze spéit kommen, musse mer awer a Rechnung stellen. Well mir kënnen net méi zouloossen, datt Eltere sech e Sport draus maache fir regelméisseg 20 Minutten oder méi ze spéit ze kommen. An deem musse mer entgéint wierken, andeems mer hinne soen, datt – wa se hirt Kand ze spéit ewechhuelen – d'Plage facturéiert gëtt.

D'Kanner mussen och haaptsächlech vun engem Erwuessene begleet sinn, deen autoriséiert ass fir d'Kand kënne matzehuelen, an dat nom Artikel 14 vum groussherzogleche Reglement vum 14.11.2013. An déi Persoun muss op mannst 16 Joer al sinn.

Da kommen ech zu den Absencen. All Kand muss am Laf vum Joer 14 Deeg Congé huelen, wou et deemno dann net an der Maison Relais ass. Haaptsächlech hätte mer dat gären an der grousser Vakanz. Well mir hate Kanner, déi wierklech dat ganzt Joer ageschriwwe waren a mer eis geduecht hunn, datt et net ka sinn. Well all Elterendeel huet Congé zegutt an all Kand soll och eemol Congé vun der Maison Relais däerfen hunn.

D'Kanner, déi bei eis an der Maison Relais ageschriwwe sinn, an déi awer och an der Museksschoul ageschriwwe sinn, kréie garantéiert – duerch d'Personal – datt se kënnen an d'Museksschoul goen. Mir schécke Personal mat op de Wee. Wann et elo wierklech net méi sollt méiglech sinn, da musse mer de P-Bus huelen. Well bei deenen Elteren, déi bezuelt hu fir datt hir Kanner an d'Museksschoul kënne goen, a kee vun der Famill oder vun enger autoriséierter Persoun kann do si fir d'Kand an d'Museksschoul ze féieren, da garantéiert sinn, datt eist Personal sech dorëms këmmert.

Mir kucken natierlech och mat der Museksschoul, datt gewësse Plagen zesummegeluegt ginn. Fir de Solfège ass et jo net esou schlëmm. Do ginn d'Kanner souwisou zesummen. Mä mir sinn och mat der Direktioun am gaangen ze kucken, fir ëmmer méi déi eenzel instrumental Coursen op déi eenzel «plages horaire» ze leeën, fir datt eis Educateuren och kënne mat méi Kanner dohinner goen.

Beim Punkt 5 hu mer «Partie financière des parents». Do hu mer am Reglement drastoen:

La participation financière est mensuellement calculée par rapport:

- à l'inscription planifiée
- aux présences supplémentaires
- à l'exception de la restauration à midi où une absence est annoncée avant 9.00 heures le jour même

- à l'exception de l'accueil du matin où les présences effectives sont facturées

An – esou wéi ech et virdru scho gesot hunn – all Plage, déi entaméiert gouf, gëtt voll facturéiert.

Wann elo en Elterendeel duerch Chômage oder eng aner familiär Ursaach net méi an engem Aarbechtsverhältnis ass, da gi mer hinnen d'Méiglechkeet, datt d'Kand nach dat ganzt Schouljoer an der Maison Relais ka bleiwen. Dann hunn d'Elteren och d'Méiglechkeet fir eng nei Aarbecht ze sichen. Awer do duerno missten se awer normalerweis da kënnen eng nei Aarbecht hunn oder sech ëm d'Kanner këmmeren, wa se ganz doheem bleiwen. Esou datt déi Plagen och fräi ginn. Well mer hu jo awer ëmmer nach eng grouss Waardelëscht vu Kanner, wou aner Elterendeeler zu zwee schaffen oder Allengerzéiend an engem Aarbechtsverhältnis stinn. An déi sollen och an de Genoss kënne komme vun enger Plaz an der Maison Relais.

Bei der «Prévention médicale» ass et esou, datt mer gären hätten, datt d'Fiche vun eventuelle Krankheeten oder Allergië gewëssenhaft soll ausgefëllt sinn. Well wa Kanner dee ganzen Dag bei eis sinn, da muss d'Kichen och ganz genee Bescheed wëssen, ob Kanner eventuell eng Allergie hunn. Net datt déi Kanner iergendwéi eppes zou sech huelen, wat se eventuell an eng Kris gehäit. An dofir musse mer den Elteren dat ëmmer erëm widderhuelen.

Wat mer och ganz gären hätten, dat ass eng Kopie vun der Impfkaart, esou datt déi eemol am Joer kontrolléiert gëtt. Well wann d'Kanner op en Ausfluch ginn an et geschitt eng, da soll d'Impfkaart och «à jour» sinn, fir datt de Medeziner och direkt weess, wou en drun ass.

Dat ass eng Saach, wou mer nach mussen dru schaffen an d'Elteren och ëmmer erëm drun erënneren, datt se mussen doropper oppassen.

Et ass och nei, datt Medikamenter kënnen an der Maison Relais ausgedeelt ginn. Mä do hale mer awer drop, datt mer eng «ordonnance médicale» mat der Verschreiwung kréien, fir datt mer och wëssen, wat fir en Dosage d'Kand soll kréien. D'Eltere mussen dat och zesumme mat de Medikamenter beim Educateur perséinlech ofginn an op de Medikamenter muss och den Numm vum Kand an den Dosage dropstoen. Esou datt keng Verwiesslung ka virkommen.

Dann nach e Wuert zu der Responsabilitéit. Als Gemeng iwwerhuele mer keng Responsabilitéit bei Accidenter, déi um Wee tëscht der Maison Relais an dem Domicile vum Kand geschéien. Dat ass eng Saach, fir déi mer net kënne responsabel gemaach ginn, well mer jo och net wëssen, wat geschitt nach ënnerwee, wou ginn d'Eltere mat de Kanner hin.

Am Intressi vum «bien-être» vum Kand sinn esou gutt eis Leit wéi och d'Eltere gebieden, fir e gewëssene Flux vun Informatiounen ze hunn, déi zum Wuel vum Kand solle bäidroen, fir déi Stonnen, wou d'Kand bei eis an de Strukturen an ënnert eiser Obhut ass. Wann do eng gutt Entente ass an et ass eng Kommunikatioun, da leeft dat Ganzt besser.

Esouwäit zu dësem «règlement d'ordre interne». Wann eng Noutwennegkeet géif bestoen, da kann dat Reglement ëmmer erëm completéiert oder revidéiert ginn. Mä fir de Moment géife mer dës Versioun zur Ofstëmmung bréngen an d'Eltere géifen d'Reglement da bei der Aschreiwung vun hirem Kand ausgehännegt kréien, esou datt si et kënne liesen an approuvéieren.

Arendt Patrick (CSV):

Obwuel sech an deem Punkt näischt geännert huet, hätt ech awer eng Fro zu den «mesures disciplinaires». Beim drëtten Avertissement kéint de Schäfferot op Grond vum Avis vum Chargé de direction e Kand aus der Struktur eraushuelen. Ass dat rezenterweis eng Kéier geschitt?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo. Da hu mer misste maachen.

Arendt Patrick (CSV):

Well et ass effektiv esou, datt et ganz wéineg Strukture gi fir esou extra Kanner, an dat ass heiansdo net ganz einfach fir d'Educateuren. Dofir wollt ech froen, ob déi Mesuren effektiv och esou ëmgesat ginn, wéi se och do stinn.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat ass och geschitt an ech mengen, dat Kand ass och an der Tëschenzäit an aner Obhut. Well mer ëmmer dofir suergen – wa mer esou ee Schratt musse goen – dee schonn eng ganz laang Virgeschicht hat, déi laang gedauert huet, wou eist Personal sech ganz vill dran investéiert huet an och op Refus vun den Eltere koum, mä mer awer dofir gesuergt hunn, datt d'Kand an d'Famill awer trotzdem nach Soine weiderhi kritt fir deem Kand ze hëllefen. Dat ass och geschitt. Mir ginn net op dee Wee, fir einfach dat Kand erauszesetzen, mä mir kucke fir datt awer nach Hëllef do ass.

Arendt Patrick (CSV):

Ech schaffe jo selwer an deem Secteur an ech weess, datt et heiansdo ganz schwiereg ass. Mir hu ganz wéineg Handhabung an dofir ass et och richteg, datt déi Mesuren dann och geholl ginn.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Déi Mesurë si geholl ginn. Déi Mesurë ginn och net liicht geholl. Mir versichen op all Aart a Weis ze hëllefen, mä wa mer awer gesinn, datt e Refus vu béid Säiten do ass an datt et einfach net méi geet an eise Strukturen, dann ass et net einfach. Well et muss och no deenen anere Kanner gekuckt ginn, deemno wéi schlëmm esou Fäll sinn, an et muss och no eisem Personal gekuckt ginn. An dofir musse mer leider heiansdo gewësse Schrëtt ënnerhuelen.

Arendt Patrick (CSV):

Jo, well et ass ganz schwiereg fir sech et virzestellen. Well een eenzelt Kand kann e ganze Grupp op d'Kopp geheien. Merci awer fir d'Äntwert.

Gira Carlo (CSV):

Wann ech dat elo richteg verstanen hunn, da kënnen d'Kanner just Heem goen, wa se vun enger Persoun ofgeholl ginn. Et ass keng Méiglechkeet virgesinn – wann e Schreiwes virläit – datt d'Kanner esou kënnen Heem goen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et war ëmmer esou, datt d'Kanner ab 12 Joer konnten eleng Heem goen. Mä dat ass awer refuséiert ginn. Et steet elo ewell am Gesetz an deem musse mer Rechnung droen.

Gira Carlo (CSV):

Dat ass komesch, well aus der Schoul dierfen se jo Heem goen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo. Mir mussen eis jo natierlech un d'Gesetz halen a mir kënnen – mengen ech – deem net widderspriechen.

Accord à l'unanimité.

13.1.

Transports et circulation.

Règlement temporaire de la circulation routière relatif aux travaux d'adaptation et de renouvellement des infrastructures dans diverses rues à Lamadelaine - confirmation.

Breyer Roland, Schäffen:

Zu den Aarbechten, déi a verschiddene Stroossen zu Lamadelaine solle gemaach ginn, zielen z.B. d'Uschléisse vum Buer an der rue de la Fontaine. En neie Kanal an der rue de la Montagne, beim Baltes erof bis an de Wee, soll gemaach ginn. En eventuelle Bauprojet ass och nach do ënnerwee an et ass och e Kanal an der Grand-rue geplangt. Do hate mer virun 20 Joer eng Kéier de Kanal bis hannert de Bistro geluegt an dunn opgehalen.

Et kommen och nach aner Infrastrukturen dobäi, wéi Gas, Elektresch a Waasser. Bref, an deenen nächsten 18 Méint sinn Aarbechten do virgesinn an déi bréngen zäitweileg Ännerungen am Verkéiersreglement mat sech.

Scheuer Romain (déi gréng):

Bleift dee Buer, dee bei der neier Cité an där Strooss ass, déi do eraus kënnt, bestoen?

Breyer Roland, Schäffen:

De Buer bleift bestoen. E gëtt just un de Kanal ugeschloss. Mir hunn eng Waasseraxe do leien an e gëtt do mat ugeschloss.

Confirmation à l'unanimité.

13.2.

Transports et circulation.

Règlement temporaire de la circulation routière relatif aux travaux de transformation d'un immeuble sis à Rodange, route de Longwy n° 325 - confirmation.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Confirmation à l'unanimité.

13.3.

Transports et circulation.

Vote du devis au montant total de 332.227,58 euros et d'un crédit spécial de 60.000,00 euros pour le projet INTERREG concernant la mobilité douce - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hu bei deem Projet matgemaach, zesumme mat deene Gemengen aus dem 3-Länneréck. Do sinn et d'Uertschaften Herserange, Lonkesch, Longlaville, Mont-Saint-Martin, Athus, Messancy, Péiteng, Rodange a Lamadelaine, déi alleguerten eng Gare hunn. An de Projet gesäit vir, datt déi Garë solle matenee vernetzt ginn, an dat duerch Vëlosweeër. Domatter géif d'Méiglechkeet geschafe ginn, fir op eng Gare aus der Nopeschgemeng mam Vëlo ze fueren, de Vëlo kéint een dann do an extra gesécherte Boxen ofstellen an dann den Zuch huelen.

Dee Projet ass vun de franséischen a belschen Nopere matgedroen an d'FEDER-Gelder sinn do scho praktesch garantéiert. 299.000 Euro géife mer vu FEDER kréien. An déi Quote-part, déi mir elo hei hunn, géif normalerweis vum nationale Ministère iwwerholl ginn. Do ass den Accord bis elo nach net do, esou datt mir elo mussen d'Liquiditéit vun deem Projet awer beweisen. De Projet muss fir Mëtt Juni bei der Europäescher Kommissioun dobanne sinn. Mir hunn och beim Ministère du développement durable zougeséchert kritt, datt och déi Part, déi mir musse bezuelen, vum Ministère géif iwwerholl ginn, mä d'Formalitéite leien nach net kloer vir. Esou datt mer zu dësem Zäitpunkt mussen als Gemeng decidéieren, ob mer averstane si fir 332.227 Euro virzestrecken, esou datt dee Projet am Fong geholl an der Liquiditéit garantéiert ass. Duerno gëtt gekuckt, ob de Projet vun INTERREG a vu FEDER ugeholl gëtt. A wa se averstane sinn, kann de Projet eréischt an d'Exekutioun kommen. An der Tëschenzäit erhoffe mer eis och d'schréftlech Confirmatioun vun där mëndlecher Zouso, déi scho geschitt ass.

Becker Romain (déi gréng):

De Projet ass natierlech begréissenswäert, mä dir hutt elo geschwat, fir d'Garë mateneen ze verbannen. Sinn dann och d'CFL do mat am Boot? Dir hutt näämlech och gesot, fir securiséiert Vëlosboxen op de Garen ze bauen. Ech gesinn déi M-Boxen, déi securiséiert sinn, mä wann dat awer soll um Terrain vun de Garë gebaut ginn, da misst d'CFL awer domatter averstane si fir dat op hirem Terrain ze bauen.

Am Accord hunn ech néierens d'CFL gesinn. Dat heescht, si sinn net do derbäi?

Breyer Roland, Schäffen:

D'CFL ass informéiert. Si sinn net an der Konventioun mat dobäi, well d'Konventioun tëscht de politeschen Dréier op de Grenze gemaach gëtt. Bei den INTERREG-Projete mussen d'Gemengen oder de Stat sech dozou bekennen. D'CFL ass awer informéiert. Mir haten eng Entrevue viru 14 Deeg, 3 Wochen, wou mer mat hinnen déi Punkten alleguerten diskutéiert hunn. Si hunn op alle Fall bei deem neie P&R-Parking zu Rodange virgesinn, fir déi M-Boxen ze bauen. A wann dee Parking bis do ass, da wäert et och e bësse méi roueg gi bei der Lamadelainer an der Péitenger Gare. Well do besti fir de Moment Problematiken. Mir komme vläicht an enger nächster Sëtzung op Léisungen ze schwätzen, déi mer mat hinnen am gaange sinn ze siche fir do e bësse Loft ze kréien, wat d'Parke vun den Autoen an de Camionnetten ubelaangt.

Déi belsch an déi franséisch Säit sinn och am gaange mat hiren Direktiounen ze schwätzen. Do soll emol nach gekuckt ginn, wéi wäit et méiglech ass fir déi Harmonisatioun vun deenen Zich ze maachen. Well déi klappt nach net optimal. D'Kadenze sinn nach net richteg, d'Präisser sinn nach verschidden. A si schwätzen och vu Projete vu P&R, déi si eventuell niewent hire Garë wéilten amenagéieren, esou datt d'Leit net missten onbedéngt heihinner kommen, mä schonn déi Säit der Grenz op den Zuch klammen. D'Iddi ass gutt, mä si hu keng Suen. Si kommen ëmmer Lëtzebuerger Sue froen. Do hat de Minister eng Kéier gesot, datt hie sech kéint e Cofinanzement virstellen.

Déi zweet Diskussioun, déi do leeft, betrëfft d'Securitéit vun deene Plazen. Si komme léiwer op Lëtzebuerg, do gëtt net esou vill agebrach an esou vill beschiedegt wéi di aner Säit.

Dofir hu mer emol déi zwou Alternative fräi gemaach. Dat hei ass sécherlech wichteg fir den „transport en commun", mä et ass awer och gutt fir de „loisirs". Et ass och eng Kommunikatioun tëscht de Gemengen, déi net oninteressant ass. A wa mer schonn un der Grenz leien a mer brüsten eis e bësse mat engem „point triple", da soll een och versiche fir verschidde Projeten zesummen ze maachen.

Becker Romain (déi gréng):

Mir kéinten awer och begréissen, wann och op d'Péitenger Gare esou eng M-Box géif hikommen. Net nëmmen op d'Rodanger Gare. Zu Lamadelaine gesinn ech och elo de Moment net éischtens d'Plaz an zweetens net de Besoin vun esou Boxen. Mä op der Péitenger Gare misst awer e klengen Areal hannert der fréierer Hal vun der Gare virgesi ginn, fir esou eng M-Box hinzemaachen. Well zu Péiteng huelen awer vill Leit den Zuch an iwwer de Schwaarze Wee ass een direkt op der Vëlospiste. Op der anerer Säit hutt der jo gesot, datt et net nëmme fir d'schaffend Vollek wier, mä et kéint och als touristesch Attraktioun ausgebaut ginn. Do kéint een awer wierklech eppes maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn all déi Problematike mat der Eisebunn ugeschwat. De Schwaarze Wee als Verlängerung vun den nationale Vëlosweeër, do wier eng Verbindung ze sichen, déi grad esou flott wier, wa se géif uewen driwwer goen. Si sinn am gaangen d'Stabilitéit vum Talus ze analyséieren an da kréie mer nach weider Diskussiounen. Mir sinn op alle Fall mat hinnen eens ginn, datt mer fir d'éischt mussen um Parking selwer Loft schafen ier mer nei Saachen dohinner maachen. D'Loft schafe geet haaptsächlech doduerch, datt mer d'Camionnetten ewech kréien.

Becker Romain (déi gréng):

An en Drainage maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

An en Drainage. Jo, dat hänkt mat der Stabilitéit vum Talus zesummen. Mä wa mer zum Beispill d'Camionnetten ewech kréien, da kréie mer Loft. Well d'Camionnette brénge mat sech, datt nach zousätzlech Leit do stationéieren, si wiesselen d'Autoen an d'Plaze gi praktesch permanent beluegt. Dat ass festgestallt ginn. Mir sinn am gaangen eng alternativ Léisung ze sichen, fir e separate Parking mat hinnen ze envisagéieren, op deem d'Camionnette kéinte stoen. A wa mer déi do eraus hunn, da kréie mer 50, wann net 80 Emplacementer fräi um CFL-Parking vun der Gare Péiteng. An dat ergëtt dann och Opportunitéite fir aner Saachen ze maachen.

Et sinn och scho Rendez-vousen op der Plaz virgesi fir d'Levée vun den Terrainen ze maachen, déi mer bräichte fir mat der CFL dat ze realiséieren.

Accord à l'unanimité.

14.1.

Infrastructures routières.

Décompte concernant le réaménagement de la rue des Champs à Pétange - approbation.

Total du devis approuvé:	*520.000,00 euros*
Total du crédit approuvé:	*639.936,40 euros*
Total de la dépense:	*616.633,92 euros*

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Les dépassements sont justifiés par le fait que lors de l'ouverture des tranchées il a été constaté que les structures du sol ont rendu nécessaire la pose d'infrastructures en plusieurs étapes, nécessitant la réouverture de différentes tranchées. En plus dû à l'accumulation d'infrastructures dans la partie inférieure de la chaussée, l'ouverture des tranchées se faisait à la main. Les adaptations des nouveaux trottoirs et de la nouvelle chaussée, aux accès existants des maisons, sont devenues beaucoup plus onéreuses du fait que les soubassements étalent quasi inexistants.

Approbation à l'unanimité.

14.2.

Infrastructures routières.

Approbation des plans remaniés concernant les travaux de réaménagement de la rue du Parc à Pétange - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Den 18. Dezember 2015 hate mer dëse Projet schonn emol eng Kéier am Kader vun de Budgetssëtzunge presentéiert, mat engem Devis vun 1.250.000 Euro. Mir sinn och dës Kéier dee Wee gaangen, dee mer och an Zukunft wäerte goen. An zwar, datt mer fir d'éischt mat den Ingenieuren de Projet technesch analyséieren. Dat ass gemaach ginn. Duerno kënnt de Projet an de Schäfferot an e gëtt do e bëssen ugepasst oder mat Commentairë versinn. E geet duerno mat den Explikatioune vum Schäfferot an d'Verkéierskommissioun, fir do aviséiert ze ginn. Duerno kënnt de Projet dann an de Gemengerot fir d'Genehmegung vun deenen definitive Pläng.

A wann de Gemengerot dann elo averstanen ass an hien hëlt dat elo u wéi mir et hei virgesinn hunn, da stelle mer de Riverainen de Projet vir. A wann déi dann nach Problemer domatter hunn, da mussen se eis dat soen, awer da mat Argumenter. De Projet wëlle mer fir d'éischt iwwer den offizielle Wee definéieren, ier mer en am Public debattéieren.

De Projet hei ass – wéi gesot – am Schäfferot duerchgaangen, mat e puer Adaptatiounen, déi och elo gemaach si ginn. De Projet ass och elo d'lescht Woch an der Verkéierskommissioun duerchgaangen an – mengen ech – och eestëmmeg do begutachtet ginn.

Wat geschitt elo mat deem Projet? Mir wollten – esou wéi mer et schonn ugedeit haten – d'Parkstrooss berouegen. Dat fält an d'Politik vun dem „apaisement général de la circulation". Dat heescht, datt een net méi ka vun der Haaptstrooss aus duerch d'Parkstrooss erofrennen, fir séier d'Luuchten hei am Zentrum ze evitéieren an doduerch aner Geforen ze provozéiere ronderëm Parkschoul an d'Kuerstrooss, oder och nach d'rue de l'Eglise.

Dat hate mer elo emol provisoresch amenagéiert. Dat huet och bis elo gutt geklappt, obwuel de Provisoire ëmmer eppes ass, wat heiansdo konfus mécht, well een net ëmmer weess, wéi ee soll richteg fueren a well d'Amenagementer och net definitiv esou si wéi am fäerdege Projet.

Am ieweschten Deel vun der Parkstrooss – vun der Haaptstrooss bis bei d'Haus vum techneschen Service – verschwënnt d'Strooss komplett. Dat heescht, d'Plaz virun der Gemeng gëtt verlängert bis bei déi iewescht Haiser aus der Parkstrooss. D'Méiglechkeet, fir ënner de Beem ze parken, bleift bestoen. Och kann een nach op der Säit parken an den Agank an d'Strooss vun der Haaptstrooss aus, gëtt u sech zougemaach. Do gëtt awer eng Méiglechkeet geschafen – wann een d'Parkstrooss eropgefuer kënnt – fir do ze dréinen. An der Haaptstrooss selwer – wou elo déi rout Backe stinn – gëtt d'Strooss definitiv propper zougemaach. An et gëtt een Emplacement fir „livraisons" agezeechent, fir déi Camionen, déi zum Beispill de Bäcker oder de Café uliwweren. Esou datt déi vun do aus kënnen uliwweren an net – wéi bis elo – mussen an d'Parkstrooss eraknëchelen. Wa se elo gesinn hunn, datt eng aner Méiglechkeet besteet, da wäerten se déi och unhuelen.

Vum Peschenhaus un, bis erof bei d'Kuerstrooss, gëtt d'Strooss normal gemaach, mat normale Borduren, esou wéi se war. Mir hunn e Kompromëss fonnt, datt den Trottoire do am Prinzip 1,50 Meter breet bleift. En ass jo net vill méi breet de Moment. Et gëtt eng „bande de stationnement" gemaach, déi 2,10 Meter huet. Well dat brauche mer, fir d'Autoen normal ze parken an den Trafic och nach ze erméiglechen. Esou datt nach eng „bande de roulement" vun 3,50 Meter bleift. A well et „sens unique" ass, ginn 3,50 Meter duer. Dat géif dann och bedéngen, datt mer de Service d'urgence nach doduerch kréien.

D'Emplacementer, déi an der Strooss si fir de Stationnement, bleiwen op där Säit bestoe wou se de Moment sinn. Dat heescht, vun der Dicks-Strooss bis bei d'Lentz-Strooss si se op der lénker Säit, a vun der Lentz-Strooss bis bei Kuerstrooss op der rietser Säit. Si bleiwe praktesch an der Gréissenuerdnung, wéi se elo waren. Et ginn der just e puer verluer. De Moment hate mer der – mengen ech – 38 an et ginn der duerno 32 plus eng Handicapéierteplaz.

D'Foussgängeriwwerweeër bleiwen och bestoen op der Héicht vun der Lentz-Strooss, fir bei d'Schoul. Obwuel déi an der „Zone 30" net esou virgesi wieren, si mer awer der Meenung, datt se solle bestoe bleiwen, well jo awer vill Trafic vun de Kanner do ass. An et kommen nach 8 Beem an d'Strooss stoen. 4 am ieweschten Deel, 4 am ënneschten Deel. Dat sollen awer Beem sinn, déi schmuel a kleng sinn an net vill Dreck maachen, mä déi awer de Kader an de Charakter vun enger „Park"-Strooss sollen erëmginn.

Dat ass de Projet, deen uewen an der Parkstrooss e „shared space" virgesäit an ënnen an der Strooss „Zone 30" huet. D'Strooss gëtt also domat e bësse méi agreabel gestallt, an dat duerch „bandes de stationnement" an duerch Beem, déi dohinner kommen.

Wann de Gemengerot elo mat dësem Projet averstanen ass, da kéinte mer e presentéieren an d'Aarbechte kéinten nom Kollektivcongé lass goen.

Stoffel Marco (LSAP):

Als President vun der Verkéierskommissioun begréissen ech et natierlech, datt mer als Verkéierskommissioun fir den Avis gefrot si ginn. Op déi eng Manéier ass et ëmmer gutt, datt déi Leit – déi sech domatter ausernee setzen – och do ëm hir Meenung gefrot ginn. An et ass jo och flott, wa mer dem Schäfferot och kënnen e Soutien ginn, fir déi Saachen – déi mussen ëmgesat ginn – dann och ze ënnerstëtzen oder och Kritik a Verbesserungsvirschléi eranzeginn, och wa mer wëssen, datt déi Saachen net mussen ëmgesat ginn. Mä an deem dote Fall ware mer mat deene Virgaben, déi virlouchen, averstanen an et war alles esou, wéi een et soll maachen. Och fir uewen déi Plaz ze vergréisseren, ass eng gutt Saach.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech sinn och der Meenung, datt déi grouss Plaz, wa se bis do ass, och aner Opportunitéite mat sech bréngt an datt do nach Iddien developpéiert gi vun deene Commercen, déi ronderëm sinn. Do hunn ech schonn Intressi gespuert a mir wäerte gesinn, datt dat eng beliefte Plaz gëtt, déi méi agreabel wäert gi wéi bis elo.

Gira Carlo (CSV):

Ech hätt eng Fro zu där neier Prozedur, wéi mer elo verfueren. Ech huele jo awer elo net un, datt – wa mer de Projet elo hei gestëmmt hunn an et kéim erëm eng Petitioun eran – mer dann erëm zerécktrieden. Well et misst ee jo awer och eng Kéier soen, datt mer eis de Projet esou virstellen an en esou wëllen duerchzéien. Well soss weess ech schonn erëm, datt deen ee freet, fir hei kee Bam ze kréien an en aneren, fir do kee Bam ze kréien, respektiv wëll deen een eng Parkplaz viru senger Dier, asw. .

Ech mengen, do musse mer eis e Konzept ginn an deen dann och duerchzéien. Well wann ech kucken, datt do Leit sinn, déi net frou sinn, datt se op der anerer Säit vun hiren Haiser eng Spillplaz kritt hunn. Ech géif awer mengen, datt mat deem Projet hei eng substantiell Verbesserung vun der Liewensqualitéit kënnt, an dat doduerch, datt mer déi heite Strooss nëmmen nach zu enger Richtung fueren an dann och nach mat 30 km/h.

Wann ech elo richteg verstanen hunn, dann ass et beim deem ieweschten Deel esou, datt – wann déi Commercen eppes wëlle maachen – si et op där anerer Säit vun der Strooss wëlle maachen. Well do ass jo och keng Aktivitéit an de Stroosse méiglech.

Breyer Roland, Schäffen:

An deem ieweschten Deel, tëscht der rue de Luxembourg an dem Peschenhaus, do kann ee Saache maachen. Et fonctionnéiert nom System vum „shared space". Et dierf do nëmme mat 20 km/h gefuer ginn an d'Autoen dierfen do stationnéieren. Et ginn awer Pollere gesat a wann d'Rettungsdéngschter missten d'urgence dohinner kommen, da kënnen déi awer do erafueren ouni mussen en Ëmwee ze maachen. Et muss een also nach eng Fuerbunn loossen. Et kéint ee sech virstellen, datt déi Plazen – wou de Moment Trottoire ass – anescht kéinte beluegt gi wéi bis elo.

Gira Carlo (CSV):

Ech huele jo och un, datt dat uewe gepréift ginn ass. Well dat schéngt mer awer zimlech knapps ze sinn. Well do musse jo awer op mannst d'Pompjeescamione kënnen erafueren an do dréinen. Geet dat duer?

Breyer Roland, Schäffen:

Dat geet duer. De Wendekreess ass gemooss ginn. Och wann ee vun der Dicks-Strooss misst eropfueren, dat ass och gemooss ginn, fir datt och vun do aus e „véhicule de secours" kann erafueren.

Dir hutt effektiv Recht. Mir sollen eis Prozedur anhalen. Ech huelen och un, datt d'Argumenter d'Kritiken iwwerweien. Well déi Leit, déi elo do wunnen, wëssen elo scho wéi roueg, datt et ginn ass. An dat Gerenns, wat an där Strooss war a wat mer statistesch bewisen hunn, ass elo net méi do. Déi Gefor an dee Kaméidi ass ewech. Ech huelen och un, datt de Politiker – laut deem, wat hien hei gestëmmt huet – och Réckgrad beweist an datt en net den Aarsch an de Brëttellen dréit an datt ëmmer alles hin an hir wibbelt. Ech huelen un, datt mer gemeinsam kënne soen, datt dat doten e Projet ass, deen de Gemengerot ugeholl huet an de Schäfferot ass da chargéiert fir dee Projet och esou ëmzesetzen.

Accord à l'unanimité.

15.

Logement.

Taxe de participation au financement des équipements collectifs au lotissement «An den Atzéngen» à Lamadelaine - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer am Kader vun eisem Taxereglement esou eng Tax agefouert hunn. Dat war den 13.10.2014. Dat ass eng Tax, déi mer regelméisseg och bei anere Gemenge

gesinn an déi hei zu Péiteng nach net war. An dofir hu mer hei am Gemengerot decidéiert, fir déi Tax anzeféieren.

Et koum awer zur Diskussioun, datt – wann et soziale Wunnengsbau wier – mer da missten en Effort maachen als Gemengeverantwortlech. An do huet eist Reglement virgesinn, datt mer do kéinten eng „réduction de taxe“ op 2.000 Euro pro Unitéit virgesinn. Awer de Gemengerot muss dat dann hei decidéieren.

Mir hunn hei eng Demande vun der Société Nationale des Habitations à Bon Marché vum 24.05.2016 virleien, wou si eis froe fir beim Projet „An den Atzéngen“ vun dësem Benefice kënnen ze profitéieren. Dat heescht, datt mer op 2.000 Euro pro nei Unitéit déi Tax géife reduzéieren.

Wann de Gemengerot elo domatten averstanen ass, da reduzéiere mer – esouwuel fir d'Haiser wéi och fir d'Logementer an de Residenzen – op 2.000 Euro pro Unitéit, esou wéi dat am Taxereglement virgesinn ass.

Accord à l'unanimité.

Gemeinderatssitzung vom 6. Juni 2016

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)		**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP)

Abwesend und entschuldigt:

Thein Joe (adr)

1. bis 5.

Die Punkte 1 bis 5 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig entschieden, folgende Abstimmungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines „expéditionnaire administratif“ (w/m) (neue Abstimmung):

Frau Monica Sofia Queiros De Almeida wird als „expéditionnaire administratif“ ernannt.

Ernennung eines Sozialarbeiters (w/m) für eine Halbtagsbeschäftigung im „Service médico-socio-scolaire“:

Frau Esther Bianconi ist als Sozialarbeiterin für eine Halbtagsbeschäftigung (20 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) zum 1. Juli 2016 ernannt.

Ernennung eines Erziehers (w/m):

Frau Alissa Spigarelli wird als Erzieherin (Vollzeit und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Ernennung mehrerer Diplomerzieher (m/w):

Frau Alma Mucevic wird als Diplomerzieherin (Teilzeitarbeit von 35 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Die Damen Joceline Martins Varela und Aude François werden als Diplomerzieherinnen (Teilzeitarbeit von 35 Stunden pro Woche auf unbegrenzte Zeit) für Kinder mit besonderen Bedürfnissen eingestellt.

Herr Daniel Zimmermann wird als Diplomerzieher (30 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Ernennung mehrerer Hilfserzieher (w/m):

Frau Tania Hiltgen wird als Hilfserzieherin (30 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Frau Laurence Johanns wird als Hilfserzieherin (20 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Frau Samantha Denigro wird als Hilfserzieherin (16 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Die Damen Marcelle Marchetti, Manon Zwick und Antonietta Tancredi werden als Hilfserzieherinnen (13,5 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Frau Isabelle Bontems wird als Hilfserzieherin (11 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Frau Tamara Massard wird als Hilfserzieherin (16 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Frau Tanja Diederich verh. Oliboni wird als Hilfserzieherin (11 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Frau Claudine Frieden verh. Kiwy wird als Hilfserzieherin (10 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Ernennung von zwei Teilzeitmitarbeitern (w/m) für die Hausaufgabenhilfe:

Die Damen Sibylle Schmitz und Antonietta Tancredi werden als Mitarbeiterinnen für die Hausaufgabenhilfe eingestellt.

Rücktrittsgesuch eines Kursleiters

Der Gemeinderat nimmt das Rücktrittsgesuch von Herrn Paul Dahm zum 30. November 2016 zur Kenntnis.

6. - Mitteilung en des Schöffenrates.

Bürgermeister Pierre Mellina teilt mit, dass ein Brief an Herrn François Bausch, Minister für Nachhaltigkeit und Infrastrukturen, gesandt wurde in dem der Schöffenrat darauf besteht, dass Petingen und Rodange von Anfang an in das Projekte „Bus de Haut Niveau de Service Sud“ (BHNS Sud) mit eingebunden werden, und dies zumal die Gemeinde Petingen an Frankreich und Belgien, wo tagtäglich Tausende Pendler herkommen, grenzt.

Im Rahmen des Klimapaktes gibt Schöffe Romain Mertzig Auskunft über die Zertifizierung der Kategorie 2, welche die Gemeinde Petingen erhalten hat. Um eine solche Zertifizierung der Kategorie 2 zu bekommen müssen mehr als 50% der möglichen Punkte erreicht werden.

Schöffe Roland Breyer gibt bekannt, dass die Erneuerung der rue Belair in Petingen so ablaufen wird wie dies anlässlich der Gemeinderatssitzung vom 25. April 2016 beschlossen wurde.

7.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Noch einzukassierende Restbeträge bei Abschluss des Rechnungsjahres 2015 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erlaubnis nicht einkassierte Rechnungen vor Gericht geltend zu machen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

7.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 499.985,53 Euro (Jahr 2015) und 1.169.666,80 Euro (Jahr 2016) - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten

Ernennung eines neuen Sekretärs (w/m) für den Kontrollausschuss der Musikschule - Beschluss.

Geheime Abstimmungen:

Dem Rücktrittsgesuch von Herrn Daniel Homan als Sekretär des Kontrollausschusses der Musikschule wird einstimmig stattgegeben.

Frau Nadine Spilman wird einstimmig zum 1. Juli 2016 als Sekretärin des Kontrollausschusses der Musikschule ernannt.

8. - Personalfragen.

Schaffung eines Postens in der Karriere des Arbeiters (w/m) für die Abteilung für Grünflächen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9. - Schulwesen.

Abrechnung in Bezug auf die Ersetzung der Feuermeldesysteme in den Schulgebäuden – Bewilligung.

Kostenvoranschlag: *352.008,80 Euro*
Gesamtkredit: *327.219,45 Euro*
Gesamtausgabe: *307.934,60 Euro*

Bewilligung einstimmig.

10.1. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit Frau Ana Sofia ROSA MASCARENHAS DOS SANTOS in Bezug auf eine Gemeindewohnung auf N° 16, rue Grousswiss in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

10.2. - Liegenschaften.

Vergleich bezüglich eines Grundstückkaufs von Herrn Jean-Paul HARQUIN und Frau Joëlle NICOLAS im Chemin de Brouck in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

10.3. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstückverkauf an Herrn Enver KORAC und Frau Sabina ADROVIC in der rue de la Fontaine in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung mit 14 Stimmen und 2 Enthaltungen (déi gréng).

10.4. - Liegenschaften.

Projekt und Umsetzungsplan in Bezug auf Grundstücke der Gesellschaft LES TERRES ROUGES S.A. am Standort „rue de la Terre Noire“ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

11. - Kultur.

Konvention mit dem Luxemburger Staat in Bezug auf die Mietung von Staatsgrundstücken in Petingen und Lamadelaine sowie Abstimmung über einen Spezialkredit über 50 Euro - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Rosenfeld hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

12.1. - Soziales.

Anpassung der Mieten in Gemeindewohnungen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

12.2. - Soziales.

Bewilligung der internen Dienstordnung für die Maisons Relais - Beschluss

Beschluss einstimmig.

13.1. - Transport und Verkehr.

Zeitweilige Straßenverkehrsordnung bezüglich der Anpassungs- und Erneuerungsarbeiten der Infrastrukturen in verschiedenen Straßen in Lamadelaine - Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

13.2. - Transport und Verkehr.

Zeitweilige Straßenverkehrsordnung bezüglich der Umänderungsarbeiten in einem Gebäude auf N°325, route de Longwy in Rodange - Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

13.3. - Transport und Verkehr.

Abstimmung über einen Kostenvoranschlag über einen Gesamtbetrag von 332.227,58 Euro und einen Spezialkredit über 60.000 Euro für das INTERREG Langsamverkehrsprojekt - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

14.1. - Straßeninfrastrukturen.

Abrechnung bezüglich der Erneuerung der rue des Champs in Petingen - Bewilligung.

Kostenvoranschlag: *520.000,00 Euro*
Gesamtkredit: *639.936,40 Euro*
Gesamtausgabe: *616.633,92 Euro*

Bewilligung einstimmig.

14.2. - Straßeninfrastrukturen.

Bewilligung der abgeänderten Pläne in Bezug auf die Erneuerungsarbeiten der rue due Parc in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

15. - Wohnungswesen.

Beteiligungsabgabe zur Finanzierung von kollektiven Ausstattungen für die Wohnsiedlung „An den Atzéngen“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

Questions des conseillers communaux

Réponses du collège des bourgmestre et échevins

Question écrite du 25 mars 2016 de M. Patrick Arendt (CSV):

Betrëfft: Kulturjoer 2022

Nodeems bekannt gouf, datt d'Gemeng Esch-Uelzecht mat deenen 9 anere Südgemenge seng Kandidatur wëll stelle fir déi gréisst kulturell Aktioun an Europa, sinn och elo genau Zuelen um Dësch, wat dat genee kaschte soll. Hei geet vun engem Budget vun 62 Milliounen Euro rieds, wou de Staat dee gréisste Batz Sue wëll mat 46 Milliounen Euro iwwerhuelen.

Et bleiwen also nach 16 Milliounen Euro, déi op d'Südgemenge misste verdeelt ginn, woubäi Péiteng mat engem Chiffer vun 893.500 Euro beziffert gëtt. Dee Chiffer baséiert op enger Rechnung vu 50 Euro pro Awunner, déi eng Gemeng (ausser Esch-Uelzecht selwer, déi een anere Bezuelsystem wäert hunn, well se jo ënner anerem och d'Erëffnungs- an d'Ofschlossfeier wäerten organiséieren), fräiwëlleg soll leeschten.

Déi ganz Zomm soll gestaffelt vun 2017-2021 abezuelt ginn. 2022 sollen dann d'Gemengen dat Duebelt zeréckbezuelt kréie fir mat deem Budget Aktivitéiten am Numm vun der Kulturhaaptstad (oder an dësem Fall besser Regioun) vun Europa ze organiséieren. Op dat alles realiséierbar ass, steet am Moment nach an de Stären.

Mä de ganzen Dossier muss bis den 23. Mee 2016 ofgi sinn. Dofir stelle sech am Moment d'Gemengeréit aus den 10 Gemengen déi néideg Finanzfroen.

Ech géif proposéieren, och dëse Punkt mat op d’Dagesuerdnung ze huele vun engem vun den nächste Gemengeréit, well et een ambitiéise Projet ass deen et awer aus mengen An ze ënnerstëtze gëllt, well en och vill Chance bitt. Bis dohinner ass och eist d'Rout Haus am Agank vu Péiteng mat eiser „Tourismuszentral" fäerdeg an et muss kloer gestallt ginn, datt an där Zäit den Tourismus och hei bei eis an der Gemeng (an do denken ech z.B. un de Fond-de-Gras) muss mat enger Rëtsch vu flotten Aktivitéiten ugezu ginn.

An dem Sënn wier vläicht och eng Kreatioun vun enger Fuerderung asbl fir d'Kulturjoer 2022 ustriewbar - déi all Glidder a Méiglechkeeten hei an der Gemeng zesummenhält. Och gesinn ech d'Chance fir eis Geschäftsleit zu Péiteng an awer och an der Südregioun während där Zäit, wou mir Kulturhaaptstad wieren. Well et geet net duer domat, datt mer „just" eis Hotelle während där Zäit an der Gemeng zefriddestellen, et muss een et als Gesamtbild ugesinn. Och schwieft mir hei eist Konzept mat der JUFA vir“.

Hei meng Froen un den Schäfferot:

1) Wei steet de Schäfferot zu dëser Thematik? Ass de Schäfferot iwwer d'Kreatioun vun der Associatioun Esch 2022 eppes gewuer ginn? Ass sech de Schäfferot engem konkrete Moosnamekatalog bewosst fir net vun Esch-Uelzecht bausse vir gelooss ze ginn, wei et zum Beispill den Déifferdenger Gemengerot majoritär gesinn huet, an als vollwäertege Partner ugesinn ze ginn.
2) Wéi wäit si mir am Dossier JUFA, a kéint dat bis dohinner Realitéit sinn, well och dat wier en Unzéiungspunkt fir eis Gemeng ?

Réponse écrite du 22 avril 2016 du collège des bourgmestre et échevins:

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen:

1. De Schäfferot huet Ärer Propositioun Rechnung gedroen an de Punkt mam Intitulé „Déclaration d'intention concernant une participation de Pétange à la «Capitale Européenne de la Culture 2022 - décision» op den Ordre du jour vum Gemengerot vum 25. Abrëll 2016 gesat.
2. Am Dossier JUFA bleift de Schäfferot och weider um Ball. E bureau d'études an en Architektebüro si chargéiert ginn, fir e „projet sommaire" opzestellen. De Schäfferot hofft, dass bis vrum Summer 2016 aner Eenzelheete bekannt si fir kënnen de Gemengerot doriwwer ze informéieren.

Carnet de l'Etat civil

Naissances

03.06.2016	Berg Ella	L-4711 Pétange, 21, rue d'Athus
06.06.2016	Gomes Cá Estefany	L-4761 Pétange, 45, route de Luxembourg
10.06.2016	Azevedo Carneiro Alexandre	L-4742 Pétange, 81, rue des Jardins
10.06.2016	Borges Cabral William	L-4730 Pétange, 9, rue Dicks
13.06.2016	Maric Mateo	L-4833 Rodange, 11, route de Luxembourg
19.06.2016	Marques Oliveira Lukas	L-4732 Pétange, 8, rue de l'Eglise
20.06.2016	Da Cunha Martins Guilherme	L-4824 Rodange, 17, rue des Jardins
20.06.2016	Ribeiro Moutinho Lara	L-4719 Pétange, 39, rue Charlotte
24.06.2016	Hausemer David	L-4743 Pétange, 25, rue Aloyse Kayser
25.06.2016	Ferreira Rodrigues Gabriel	L-4772 Pétange 41-A, rue de la Piscine
25.06.2016	Lux Ben	L-4804 Rodange, 22, rue du Lavoir
27.06.2016	Bibuljica Emir	L-4831 Rodange, 74, route de Longwy
27.06.2016	Franck Azenha Gil	L-4804 Rodange, 8, rue de Schio
27.06.2016	Zulic Edin	L-4773 Pétange, 37, rue Prinzenberg
29.06.2016	Sapkota Ruchi	L-4772 Pétange, 42, rue de la Piscine
30.06.2016	Barbosa Silva Luna	L-4750 Pétange, 68, route de Longwy
08.07.2016	Mais Apel Mia	L-4878 Lamadelaine, 20, Millebaach
08.07.2016	Skenderovic Nina	L-4825 Rodange, 6, rue Prince Jean
09.07.2016	Schickes Dwayn	L-4744 Lamadelaine, 6, rue Jean-Pierre Kirchen
09.07.2016	Streitz Ginepri Lou	L-4710 Pétange, 154, rue d'Athus
11.07.2016	Reding Lara	L-4710 Pétange, 36, rue d'Athus
15.07.2016	Kadrić Emre	L-4757 Pétange, 10-A, rue Marie-Adélaïde

Mariages

02.06.2016	Schlechter Manuel Jean, Niederkorn - Flener Anita, Niederkorn
10.06.2016	Burg Pierre-Edouard, Pétange - Gérardin Nathalie Erika Marie-Paule, Musson (B)
10.06.2016	Kohn Gilles, Lamadelaine - Da Silva Domingos Céline, Lamadelaine

17.06.2016 Duarte Pedro, Rodange - Hahn Natascha, Rodange
18.06.2016 Moreira Pinheiro José Antonio, Pétange - Blasetti Sonia, Pétange
18.06.2016 Antunes da Silva Carlos Francisco, Esch-sur-Alzette - Mota Arada Catia Liliana, Rodange
24.06.2016 Doan Michel Hy-Bao, Rodange - Mathias Carole, Rodange
24.06.2016 Fernandes da Silva Thierry, Pétange - Correia Vânia Isabel, Pétange
01.07.2016 Flammang Myriam Catherine, Pétange - Georges Michèle Hannelore, Pétange
01.07.2016 Starck Robert Félix Joseph, Lamadelaine - Arendt Sylvia Sonja, Lamadelaine
07.07.2016 Bairrão dos Santos Rogério Manuel, Rodange - Tavares Dias Joana Mafalda, Rodange
08.07.2016 Lima Oliveira Johnny, Pétange - Engel Lynn, Pétange
08.07.2016 Amaro Nunes Filipe Alexandre, Pétange - Simon Nadine Romaine Nicole, Pétange
15.07.2016 Iannelli Mario, Rodange - Schommer Solange Vicky, Rodange
15.07.2016 Dammé Marco Auguste Lucien, Rodange - Gdid Naima, Rodange
16.07.2016 Weber Terence Albert Aloyse, Pétange - Jaas Jessica, Pétange
16.07.2016 Morais Michel, Pétange - Laera Vanessa, Pétange
20.07.2016 Ribeiro Dinis Marco André, Rodange - Marques Salvador Sara Alexandra, Rodange
22.07.2016 Trezzi Jean Pierre, Rodange - Silveira dos Santos Paula Gabriela, Rodange
22.07.2016 Godefroid Richard, Rodange - Zangari Debora, Rodange
28.07.2016 Wang Yilang, Pétange - Wu Jingxia, Pétange
29.07.2016 Ragipović Samir, Kobilja Glava (Bosnie et Herzégovine) - Skrijelj Arnela, Pétange
29.07.2016 Paulos da Silva Steven, Rodange - Da Silva Domingos Sandra, Rodange

Décès

03.06.2016	Kerschen-Servais Marie-Louise	L-4754 Pétange, 1, rue de la Liberté
04.06.2016	Wolff-Weimichkirch Marie	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
11.06.2016	Lania-Papandrea Rosalia	L-4709 Pétange, 31, rue Adolphe
12.06.2016	Bellion Eugène Joseph Jean	L-4753 Pétange, 7, Place de la Libération
15.06.2016	Rouckert Pierre Théobald	L-4843 Rodange, 44, rue Fontaine d'Olière
22.06.2016	Freymann Gaston Albert	L-4778 Pétange, 57, rue Léonard Schroeder
25.06.2016	Flammang-Klensch Renée Elisabeth	L-4880 Lamadelaine, 88, rue des Prés
26.06.2016	Olivieri-Weber Marianne	L-4732 Pétange, 28, rue de l'Eglise
26.06.2016	Watry-Schoos Catherine Marie Josée	L-4882 Lamadelaine, 4, rue du Moulin
29.06.2016	Eichhorn-Colbach Odette Suzanne	L-4809 Rodange, 5, rue Ronnwies
06.07.2016	Thein-Godfroid Henriette Irma Marie Fernande	L-4738 Pétange, 9, rue Prince Henri
09.07.2016	Loureiro Gonçalves Adolfo	L-4808 Rodange, 2, chemin de Brouck
12.07.2016	Marques Nuno Miguel	L-4757 Pétange, 10, rue Marie-Adélaïde
13.07.2016	Klasen Martin René	L-4717 Pétange, 18, rue du Centenaire

Korksammlung 2016

125 Schüler(innen) an 10 Enseignanten hu bei der Editioun 2016 matgemaach


(1)


(2)


(4)


(4)


(3)

Am meeschte gesammelt gouf an de Klassen

- Schiltz Nadia / Rodange (1)
  12,01 kg pro Schüler(in)
- Schmitt Jessica / Péiteng (2)
  4,53 kg pro Schüler(in)
- Zürcher Sandy / Rodange (3)
  3,86 kg pro Schüler(in)
- Brosius Mariane, Leurs Nathalie, Ludwig Isabelle, Staes Anne / Rodange (4)
  3,13 kg pro Schüler(in)
- Conrad Nadine / Lamadelaine (5)
  2,78 kg pro Schüler(in)

Bilan 2016:

502,20 kg

Korkstëpp goufe gesammelt

Félicitatiounen un d'Schülerinnen an d'Schüler aus der Péitenger Gemeng


(5)